

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Discours de M. le Président

- M. Fernand Etgen, Président

3. 7683 - Projet de loi modifiant :

1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;

3° la loi du 23 septembre 2020 portant des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales

- Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo

- Discussion générale : M. Claude Wiseler (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel, M. Mars Di Bartolomeo et M. Fernand Kartheiser) - M. Gilles Baum - M. Georges Engel (interventions de M. le Premier Ministre Xavier Bettel, M. Claude Wiseler, Mme Martine Hansen, M. Sven Clement. M. Marc Goergen, M. Marc Baum, M. Jeff Engelen, Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Fernand Kartheiser et M. Gilles Baum) - Mme Josée Lorsché - M. Jeff Engelen (intervention de M. Marc Hansen) - M. Marc Baum (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. Sven Clement (dépôt d'une demande de vote séparé sur l'article 3 du projet de loi n° 7683 et dépôt de la motion 1) (intervention de M. Fernand Kartheiser)

- Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Claude Wiseler et Mme Martine Hansen) - M. Claude Wiseler (parole après ministre) - M. le Premier Ministre Xavier Bettel - M. Claude Wiseler - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé (intervention de M. Michel Wolter) - M. Michel Wolter (parole après ministre) - Mme la Ministre Paulette Lenert - M. Michel Wolter (parole après ministre) - Mme la Ministre Paulette Lenert (intervention de M. le Premier Ministre Xavier Bettel) - M. Claude Wiseler (parole après ministre) - Mme Martine Hansen (parole après ministre) - M. le Premier Ministre Xavier Bettel - Mme Martine Hansen (parole après ministre) - M. Sven Clement (parole après ministre) - Mme la Ministre Paulette Lenert (intervention de Mme Martine Hansen) - M. Gilles Roth (parole après ministre) - M. le Premier Ministre Xavier Bettel (intervention de Mme Martine Hansen) - M. Gilles Roth (parole après ministre) - Mme la Ministre Paulette Lenert (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) - M. le Premier Ministre Xavier Bettel

- Vote séparé sur l'article 3 du projet de loi n° 7683

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1 : M. Georges Engel - M. Sven Clement - Mme Martine Hansen - M. Georges Engel

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert, Ministre.

d'Sauerei am Grëff. An ech soen dat esou, wéi ech dat spieren. Mee dat war en Trugschluss! An dat weist, dass allkéiers, wa mir eis a Sécherheet fillen, allkéiers dann, wa mer eis Ofwierstellung opginn an de Raum fräigi fir d'Attacke vun där Krankheet, da gëtt se richtig staark an da mécht se krank a si hält Leit, déi mer gär hunn, d'Liewen. An dat därfer net sinn!

Mir hunn, an dat, mengen ech, gëllt bal fir jiddweeren an eiser Gesellschaft, d'Recuperationscapitéit vun deem Virus ënnerschat, soss hätte mer d'Garde net erofgelooss. An dat beweist d'Entwécklung vun deene leschte puer Deeg, deene leschte 14 Deeg. D'Zuele vun den Neiinfekioune sinn an der leschter Woch extrem geklommen, mat engem Pic vun 862 Neiinfekiounen den 23. Oktober. Dee leschte Rapport vum Lëtzebuerger Institut fir Wëssenschaft an Technologie, deen eis Kläranlagen op d'Presenz vum Virus ënnersicht, schwätzt vun enger Konzentratioun, déi véiermol esou héich ass wéi bei der éischter Well, wat op eng grouss Donkelziffer vun Infekioune schléisse léisst. Ausser am private Beräich ass den Ursprong bei der Majoritéit vun den Ustiechungen ongewëss. De Virus zirkuléiert iwwerall. De Risk, sech unzestiechen, ass generell an iwwerall extrem héich.

Ëmmer méi sinn och erëm Leit vun iwwer 65 Joer beträff, déi als vulnerabel ugesi ginn an déi riskéieren, am Verlaf vun hirer Infekioun Komplikatiounen ze maachen a medezinnesch Soinen am Spidol oder souguer eng Intensivversuergung ze brauchen. Och d'Gesondheets- an d'Fleegepersonal ass ëmmer méi vun Infekiounen, Isolement a Quarantän beträff. D'Situatioun an de Spideeler an d'Capacitéit vun eisem Gesondheetssystem riskéieren, extrem ënner Drock ze kommen.

All dat sinn Entwécklungen, déi méi restriktiv an incisive Moossnamen néideg maachen. An haut setze mer eis mat engem Projet ausenaner, deen dat wëllt maachen. E komplexe Projet, deen net perfekt ass - Perfektioun gëtt et am Kampf géint de Virus net, soss wär en net méi do -, an Zäitnout awer als noutwendege Projet muss gëllen.

Virun der Urgence an ënner extreemem Zäitdruck sinn nei Schutzmesuren decidéiert ginn, déi d'Verbreedung solle bremsen. Et si Mesuren, déi een net kal solle loossen. Jo, si schränken d'Fräiheet vun eis all zu engem gudden Deel an. Eppes aneres ze behaapten, wär hypokrit! Mee si loossen eis awer e gutt Stéck Normalitéit. An och dat muss een ënersträichen, wann een iwwert d'Grenze kuckt. A fir déi Normalitéit ze halen, musse mer kämpfen. An do hu mer net allze vill Zäit, fir dat ze erreechen.

Et ass e Seeldanz: Engersäits d'Beméiung, de Virus ze bremsen, fir weider d'Gesondheetsversuergung vun der Populatioun ze garantéieren, an trotzdem nach eng gewëssen ageschränkte Fräiheet, Normalitéit ze behalen. D'Zil ass et, ze verhënneren, dass eise Gesondheetssystem iwwerfuert gëtt an u seng Limitte stéisst, ouni awer an e komplette Lockdown mussen ze goen, deen déi wirtschaftlech a sozial Situatioun vu ville Mënschen a Betriber weider géif extrem belaauchten a vill Existenzen, jo, jiddefalls net géif verbesseren. Et geet drëm, de Virus ze stoppen a schlëmm Kollateralschied ze verhënneren.

D'Mesuren, déi agefouert ginn, sinn eng sougenannten Interdiction de circuler, eng sougenannten Ausgangsspär tëschent 23.00 Auer owes a 6.00 Auer moies. Am Verglach zu anere Länner ass dat nach eng Moosssnam, déi, dat muss ee soen, vis-à-vis vun deenen aneren duerchaus ze verkraaften ass.

D'Ausgangsspär ass fir eis haart. Mee mir sollen och wëssen, dass mer mat der Ausgangsspär zum Deel och de Virus ausspären, well mer ëm

d'Chance net ginn, fir eis op kritesche Plazen ze attackéieren. Wa mir doheem bleiwen, da bleift de Virus dobaussen. An dat ass, mengen ech, och eng Feststellung, déi mer sollen a musse maachen.

D'Zil ass, fir d'Interaktiounen, d'Kontakter, an domadder Situatiounen, wou de Risk vun der Verbreedung vum Virus am héchsten ass, ze limitéieren. An der Lescht hunn ech oft héieren, dass dat haart ass fir déi perséinlech Fräiheeten. Mee hei muss een déi perséinlech Fräiheeten ofweie vis-à-vis vun der Fräiheet vun der Allgemengheet, fir gesond ze bleiwen.

D'Gesetz gesäit eng Partie Ausname vun där Ausgangsspär vir. Ech verweisen duerfir op mäi schréffleche Rapport. Et sinn essenziell Gäng, déi musse gemaach ginn, an déi si ganz kloer am Text definéiert.

Nei Bestëmmunge gëtt et fir Geschäfte iwwer 400 m², mat enger Limitatioun vu maximal engem Client pro 10 m². Generell gëllt d'Reegel an Zukunft vu maximal véier Persounen, déi sech kënnen zesumme gesinn, sief et am private Kader oder am ëffentleche Raum, bannen oder baussen. Et kann ee bis zu véier Persounen heem invitéieren. Net matgezielt ginn do d'Leit vum Stot, deen invitéiert. Also net déi Leit, déi mat erakommen. Nee, dee Stot, deen invitéiert, dee kann zu méi wéi véier sinn. Déi, déi vu bausse kommen, do ass d'Reegel vu véier Leit.

Fir de Rescht gëllt vu véier Persounen un eng Maskepflicht, à moins dass et sech ëm Persounen aus deem selwechte Stot handelt. Hei kann ee vläicht drun erënneren, dass dat natierlech och am berufflechen Ëmfeld gëllt, insofern dat iergendwéi méiglech ass. Do gëtt et Diskussiounen mat der Wirtschaft, wou déi Méiglechkeet ginn ass a wou een am normalen Oflaf dat esou applizéiert, wéi een et bis elo applizéiert huet.

Bei Rassemblementer vun 10 Persounen u bis maximal 100 Persoune gëllt d'Maskepflicht, d'Obligatioun vu Sëtzplazen an zwee Meter Distanz. Ausgeholl vun der Obligatioun vu Sëtzplaze sinn Aktivitéiten, wou par définition d'Méiglechkeet vu Sëtzplazen net ginn ass, zum Beispill Manifestatiounen, Begreifnisser, Mäert, Salonen, Muséëen, Konschta-richtungen. Rassemblementer vu méi wéi 100 Persoune si verbueden. Net beträff ass d'Recht fir ze manifestéieren. Opgrond vun der ganz gudder Aarbecht, soen ech, an der ganz gudder Opmierksamkeet an eiser Chamber hu mer, selbstverständlech iwwer e weideren Amendement, séchergestallt, dass déi Manifestationspflicht net tangéiert ass. Selbstverständlech mat deene Virsiichtsmoossnamen, déi fir jiddweree gëllen.

Och beim Sport gëllt d'Limitt vun de véier Persounen. An deem Beräich wäerten an deenen nächsten Deeg Prezisioune kommen.

Wéi an der Vergaangenheet gëllen eng Rei vun Exceptiounen bei der Maskepflicht. An ech mengen, ech brauch déi net nach eng Kéier ze widderhuelen.

Ech ginn dervun aus, an ech sinn net deen Eenze- gen, dass de Gros vun de Leit dobaussen, grad ewéi am Fréijoer, de Sënn an den Zweck vun deene Restriktiounen kann novollzéien a wäert befollegen. Mäin Androck an d'Echoen, déi ech an deene leschten Deeg krut, weisen, dass déi meescht Leit net op d'Gesetz gewaart hunn, fir hir Kontakter esou vill wéi méiglech ze reduzéieren. An do huet sécher déi gutt Kommunikatioun am Virfeld gehollef. Gesetzer kënne vill. D'Leit kënne méi, wa se gutt informéiert sinn, an ech mengen, dat ass de Fall. An dat wäert an deenen nächste Stonnen nach intensivéiert ginn, fir dass d'Leit wëssen, ab wéini dass déi nei Konditiounen gëllen.

Ech wëll just drop hiweisen, dass nei Strofbestëmmungen agefouert gi bei enger Rei vun den neie Moossnamen: bei de Surfaces commerciales, beim Verbuet vu Rassemblementer iwwer 100 Leit, beim Netanhale vun der Aschränkung vun Displacementer tëschent 23.00 Auer a 6.00 Auer. Wéi gesot, ech brauch net drun ze erënneren, dass déi Ausgangsspär vun 23.00 Auer oder 11.00 Auer fir d'Leit gëllt, mee awer och fir den Horeca-Betrib, déi vu Mëtternuecht op 23.00 Auer, 11.00 Auer, erofgeet. D'Stofbestëmmunge gëllen och bei der Maskepflicht. Insgesamt bleiwen ënnert dem Stréch déi meeschte Strofen esou, wéi se bis elo waren, an dach gëtt et awer eng Rei vun Adaptatiounen an der Héicht vun de Strofen.

De Projet de loi schafft och déi legal Basis fir eng nei Kategorie vu Spidolsbetter, Better fir d'Reserve sanitaire, op déi an engem Noutfall kann zrëckgegraff ginn. Dat ass virgesinn an dësem Fall, mee et kann awer och an anere Situatiounen wéi Katastrophen, Attentater oder groussen Accidenter ganz nützlich sinn.

D'Santé ka sech och fir den Tracing a fir aner wichteg Missiounen zousätzlecht Personal ginn a léinen, an déi wäerten no enger entspreichender Formatioun operationell sinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si frou, dass Der e bëssen indulgent sidd mat mer,

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, dat ass net de Fall.

2. Discours de M. le Président

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Gëschter hat ech lech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci gesot fir Ären Asaz. Haut wëll ech am nämmlechte Sënn déi enorm Aarbecht ënersträichen, déi d'Servicer vun der Chamber an deene leschten Deeg vollbruecht hunn, mat dem Zil, souwuel séier mussen ze schaffe wéi och eng qualitativ héichwäerteg Aarbecht ze maachen.

Gradesou wichteg war d'Koordinatioun mam Staatsrot, déi immens gutt geklappt huet. Hei wëllt ech och der Presidentin vum Staatsrot, senge Memberen, hirem Generalsekretär a sengen Ekippen e grouse Merci ausdrécken, fir an dëser schwéierer Zäit séier a gutt matenee kënnen ze schaffen.

Merci villmools!

3. 7683 - Projet de loi modifiant :

1° la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;

2° la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;

3° la loi du 23 septembre 2020 portant des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales

Deen eenzege Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 7683, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif direkt d'Wuert ginn un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif alleguer dobaussen, bei der Verlängerung vum État de crise viru bal aacht Méint, siwen an engem hallwe Mount, ware mer alleguer der Mee- nung, dass mer esou eppes nach ni erlieft haten. Dat war nach um Krautmaart. Elo si mer am Cercel, siwe Méint méi spéit, droe Masken an diskutéieren an decidéieren iwwert dat x-te Covidgesetz an der Iwwerzeegung, dass et mat Sécherheet net dat lescht wäert sinn, ausser et geschitt e Wonner. An déi geschéie bekanntlech net all Dag.

Ufank Mäerz wousste mer all, dass eppes ganz séier géif op eis zoukommen, mee mer woussten net esou richtig, wat genau, wa mer éierlech mat eis selwer wëlle sinn. Den État de crise, do ware mer eis all eens, war déi eenzeg Optioun, fir séier ze handelen. Ganz séier wousste mer och, dass déi dräi Méint net géifen duergoen, fir dës Kris ze meeschteren.

Duerno huet d'Chamber hir Responsabilitéit iwwer- holl, wéi se dat och während dem État de crise zesumme mat der Regierung gemaach huet. An ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass État de crise hei net Alleinherrschaft vun der Regierung

geheescht huet, mee dass dat gemeinsam zu jidd- wer Zäitpunkt mat der Chamber gemeeschtert ginn ass. Dat war keng einfach Affär. Mee mir hunn dat, mengen ech, billerbuchméisseg gemaach, wann ee vu Billerbuch an dësem Zesummenhang ka schwät- zen. An do schléissen ech jiddweree mat an, dee mat ugepaakt huet.

Nach ni hunn esou vill Gesetzer an esou kuerzer Zäit musse gekuckt a gestëmmt ginn, wéi mer dat zum Schluss vum Fréijoer an och elo weider ma- chen. Mir waren a sinn eis nach ëmmer net op allem eens, mee dach si mer alleguer zesummege- wuess, wann et drop ukomm ass. Alleguer hate mer dat selwecht Zil: Dat Besch ze gi fir ze probéieren, e Virus, dee mer net direkt konnte lass- ginn, souvill mer eis och beméien, a Schach ze ha- len. Dat solle mer net vergiessen. Mir sinn eis, wéi gesot, net ëmmer eens gewiescht, mee wann et drop ukomm ass, hu mer alleguer zesummen u Ver- besserunge vun den Texter an un der Rapiditéit vun den Texter geschafft, esou wéi mer se gebraucht hunn.

De Confinement huet sech deemools sécherlech bewäert an en huet gehollef. Et war net aneschters méiglech, mee en huet och vill Schued gemaach. A mir sinn nach net um Enn vun de Kollateralschied ukomm, soudass ee ganz grousst Versteesdemech muss hunn, dass mer alles zesumme maachen, fir déi Etapp, déi net ausgeschloss ass, ze verhënne- ren. An et ass dat, Kolleeginnen a Kolleegen, wat mer zesummen amgaang sinn ze probéieren, mat oppenem Resultat. Well hei kënnen net eleng d'Po- litiker Gesetzer maachen nom Motto: De Virus ass ofgeschaaft!

Dir kënt lech un e Beispill erënnere vun engem Politiker, deen eng Kéier per Gesetz d'Inflatioun ofgeschaaft huet. Dat geet hei net! Hei brauche mer d'Mataarbecht vu jiddwer Einzelnem! Mir brauchen d'Responsabilitéit vu jiddwer Einzelnem! Mir brauchen e Ruck, deen duerch eis Gesellschaft geet! Ech mengen, déi meescht hunn et erkannt. Mee och déi, déi et bis elo net erkannt hunn, mus- sen erkennen, dass se en Deel si vun där Strategie, fir deem Virus do Meeschter ze ginn.

An deene leschten Deeg a Wochen ass heiansdo, wa mer vun der Ausgangsspär geschwat hunn, e Verglach gemaach gi mam Krichszoustand oder mam Ausnahmezustand, wéi mer en am Zweete Weltkrich kannt hunn. Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn net an engem Krich. Mee mir hunn et mat engem Géigner ze dinn, deen onverhofft an ouni Selektioun egal wie ka befallen, deen net bereche- bar ass an dee sech u keng Reegelen hält. Also musse mer och eis Mesuren deementspriedend alignéieren, fir dee Géigner Meeschter ze ginn.

Keen heibanne wënscht sech, dass mer zu méi extreme Moosssname ginn, mee eleng kënne mer et net. Duerfir dee groussen Appell no baussen, dass mer dat zesummen upaken!

Mëttlerweil kenne mer dee Virus besser. Iwwerall hu mer geléiert, dermat ëmzegoen. Mir droe Mas- ken, mir ginn eis net méi d'Hand, mir drécken eis net méi, mir gi manner eraus. Mir hunn alles zrëck- gestallt. Och an de Klinicke weess een, déi Krank besser ze versuergen, an dat dank engem formida- belen Asaz vun dem gesamte Gesondheetssecteur an allem, wat ronderëm ass, an all deene Servicer, déi mer brauchen, ob dat an der Santé ass, ob dat an der Laangzäitfleeg ass, ob dat bei anere Servi- cer ass, do si mer exemplaresch gewiescht.

Mee, mee, mee, an dat muss een esou soen, iergendwéi hu mer eis dru gewinnt, dass dee Virus do ass, an opgrond vun deene besseren Infek- tiounszuele bal a Sécherheet gefillt. An Hand op d'Häerz, dat gëllt bal fir jiddweree vun eis. Mir hate geduecht, mir hätten, op Lëtzebuergesch gesot,



wat d'Zäit ugeet. Ech wollt zum Schluss alle Kollee-gen, all deenen Institutionen, déi hei matgeschafft hunn, e ganz grousser Merci soen, well mer ënner extremen Konditiounen geschafft hunn. Mee net nëmmen eis Konditiounen sinn extreem, déi Konditiounen, déi eis de Virus diktiert, sinn och extreem.

Mir ware konfrontéiert mat Oppositions formelles vum Staatsrot, dee sech d'Saach och net einfach gemaach huet. De Staatsrot souz siwen oder aacht Stonnen, ech weess et net genee, dat gëtt ee jo net esou genee gewuer, siwen oder aacht Stonnen zesummen, fir eisen Text duerchzekucken. A mir hunn em an alle Punkten, wou Oppositions formelles drop waren, gefollegt.

Ënnert dem Stréch mengen ech, dass mer ënnert deene Konditiounen, ënnert deene mer geschafft hunn, eise Maximum ginn hunn. Och e Maximum u Mataarbecht, jiddwereen op seng Aart a Weis, och wann en am Endeffekt vläicht de Projet net stëmmt - jo, vläicht net stëmmt -, mee awer signaliséiert huet, dass en d'Necessitéit vun deene Moossnamen och géif gesinn. Déi eng ware vläicht der Meenung, dass se ze wäit ginn, déi aner ware vläicht der Meenung, dass se net wäit genuch ginn. Et waren der der Meenung oder hate gemengt, dass se ze spéit géife kommen. Et sinn der vill gewiescht, déi gesot hunn, dass se elo noutwendeg waren zum richtegen Zäitpunkt. Mee ënnert dem Stréch ware mer alleguer der Meenung, dass mer déi Moossnamen hei brauchen. A vill vun eis sinn der Meenung, dass mer net déi leschte Kéier doriwwer zesumme sinn.

Mir stëmmen, léif Kollegeinnen a Kollegen, a Merci, Här President, dass Der mer e puer Minutte méi ginn hutt, mir stëmmen hei net just e Gesetz. Mir setzen och en Zeechen. En Zeechen, dass jiddwereen nach méi muss oppassen op sech an op seng Matmënschen. Maache mer dat net, schléit de Virus nach méi brutal zou. Well dat ass net esou, dass e sech stabiliséiert, mee wa mer net oppassen, dann ass et ewéi eng Schnéiklatz, déi ëmmer méi séier an ëmmer méi grouss gëtt.

Dass et nach net eriwuer ass, dat muss mer alleguer wëssen. A mir mussen duerfir alleguer zesummenhalen. D'Zeeche vun deem heite Projet gëtt och gesat, dass mer eng Brems mussen ageheien, fir net an d'Mauer ze rennen, fir domat eng Vollbremsung a leschter Minutt kënnen ze verhënneren. An duerfir, léif Kollegeinnen a Kollegen, léif alleguer dobaussen, ob Der elo mengt, dass dee Virus eppes ganz Schlëmme ass, oder ob Der lech wëllt selwer virun der Evidenz arieden, dass et just eng Grippe wär: Alleguer, wannechgelift alleguer, kommt, mer halen eis un d'Mesuren an d'Recom-mandatiounen!

An dann nach ee Wonsch vu mir, dee sécher vun de Kollegen alleguer gedeelt gëtt: Passt op lech op a bleift gesond! Merci villmools de Kollegen alleguer fir déi Hëllef bei enger bal onméiglecher Aarbecht.

Merci villmools.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Rapporteur, dem honorabelen Här Mars Di Bartolomeo, villmools Merci fir säi Rapport. An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här President. Mir si mëtten an enger zweeter Well, genau do - genau do! -, wou mer net wollten hikommen. D'Infektiounszuele sinn drastesch an d'Luucht gaang an hunn d'lescht Woch en exponentielle Charakter gehat. Déi Zuelen, mat deenen d'Regierung sech ëmmer berouegt huet, dat waren déi vun den Hospitalisationen, well déi proportional nach déif waren. Mee och déi sinn drastesch an d'Luucht gaangen an där leschter Woch, an deene leschten Deeg.

D'Kontaminatioun vum Ofwaasser ass véiermol esou héich, wéi dat am Abrëll dëst Joer war, an der éischter Well. Mir hunn en Tracing, deen net méi fonctionéiert, deen zwar anescht opgestallt ginn ass, dee verstärkt ginn ass, mee wou d'Leit net méi nokommen. Mir hu Spideeler, wou Leit ausfallen a wou den Drock massiv héich gëtt. An ech hu ganz gutt all de Spidolsdirektoren nogelauschtert, déi an der Press geschwat hunn, sech ausgedréckt hunn an hir Suergen ausgedréckt hunn.

De Virus ass an eisen Aen net méi ënner Kontroll. All d'Indicateure sinn ausser Kontroll. An d'Regierung reagéiert elo eréischt, wou se d'Kontroll verluer huet. Fir eis, ech soen dat kloer, sinn dat hei Moossnamen, déi virun enger Woch, viru 14 Deeg schonns hätte missen a Kraaft gesat ginn. Mir hu se gefrot: d'Madamm Hansen, eis Fraktionspräsidentin, am État de la Nation, ech selwer hu se an de Kommissionssetzung während der Sëtzung an duerno an d'Mikro gesot, an ech hu gesot: „Hei ass eng Course géint d'Zäit. Mir mussen schnell reagéieren. Kuckt, wat am Ausland amgaang ass, gemaach ze ginn!“

An ech sinn do, mir sinn do op totaal Onverständnis gestouss. A mir hate selwer Onverständnis

virun den Aussoe vun der Regierung, déi eis gesot huet: „Mir hunn alles am Griff. Mir geréieren d'Situatioun. Mir sinn am Fong net mam Ausland ze vergläichen, well dat, wat mer en place gesat hunn, vill besser ass. Wat hätt Der gär? Mir si vill besser wéi am Ausland an dofir brauche mer keng Reaktioun!“

An dat ass während Deeg de Leit erkläert ginn. De leschte Mëttwoch nach, virun enger Woch, huet de Staatsminister gesot: „Et ass alles an der Rei. Mir hunn dat am Griff!“ An zwee Deeg duerno, freides, huet e gesot: „Elo geet et net méi anescht, elo mussen mer schnell reagéieren!“ Elo, wou d'Leit, wou d'Press, wou d'Spideeler déi Moossname verlaangen, reagéiert d'Regierung. D'Regierung anticipéiert net, si reagéiert just nach, an dat vill ze vill spéit. An ech soen lech: Dat mécht eis rosen, well mer Zäit verléieren an engem Kampf, wou d'Zäit bemooss ass!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mir sinn och iwwerzeugt, dass an de méi rouge Méint, déi mer haten, am Juli, August, September, vill Zäit verluer ginn ass. Vill Zäit, fir sech uerdentlech virzubereeden. Vill Zäit, fir sech ze preparéieren op dat, wat elo amgaang ass, well mer wousste jo, dass et géif kommen.

Ech brauch nëmmen drun ze erënneren, dass mer hei an der Chamber 100-mol gesot hunn, dass mer am Hierscht warscheinlech eng zweet Well géife kréien. Dass mer am Hierscht warscheinlech eng zweet Well géife kréien, dass mer e schwierigen Hierscht géife kréien, dass mer d'Explikatiounen, firwat et am Hierscht esou géif goen, schonns am Juli kruten. Mir woussten et. D'Regierung wousst et. Mee et ass net konsequent virbereet ginn.

Et si selbstverständlech eng Rei Saache gemaach ginn, déi ech och net wëll klengrieden. Et ass e Large-Scale-Testing op d'Bee gesat ginn. Et ass e Stufeplang fir d'Spideeler gemaach ginn an et ass esou eppes wéi e Stufeplang fir d'Éducation nationale gemaach ginn. Mee eng Rei aner Saache feelen eis awer kloer an hätten an eisen Ae misse gemaach ginn. Wou sinn déi Diskussiounen an déi Virbereedung iwwert dat, wat mer gefrot hunn a wat och d'Dokteren haut froen, iwwer e Covidspidol, wat eng ganz aner Organisatioun am Secteur hospitalier méiglech gemaach hätt a wat eis och erlaabt hätt, warscheinlech besser d'Kontinuitéit vun der klassischer Medezinn ze assuréieren?

Wou ass dee generelle Stufeplang, dee mer och gär gehat hätten, wéi en zum Beispill an Irland ass, wou a fënneg Phase predeterminéiert ass, organiséiert ass, duerkontrolléiert ass, wat a wat fir enger Phas antrëtt, déi dann och direkt ëmsetzbar ass, wou jiddweree weess, wat kënn, wann déi Phas declenchéiert ass, wou jiddweree weess, wéini déi Phasen declenchéiert ginn, a wou d'Texter och virbereet sinn? Hei hu mer et ze di mat technesch schlechte Gesetzter, déi net virbereet waren, wou ech d'Impressioun hat, dass nach de leschte Freideg am Regierungsrat Kommae geréckelt gi sinn an déi eng an déi aner Saach esou oder anescht géif gemaach ginn.

Et gouf gesot, dat géife mer maachen, well mer Flexibilitéit brauchen a well mer e Monitoring um Terrain géife maachen, an dofir war mer besser wéi am Ausland. Ech soen: Dat huet eis onméiglech Diskussiounen bruecht, Onzefriddenheet, Onverständnis, och no baussen, well d'Leit net woussten, wat se géif erwaarden, wann d'Situatioun méi schlecht géif ginn, an och Texter, déi net ausgeräift sinn.

Mäin drëtter Punkt: Et ass zwar eng Teststrategie en place gesat ginn, mee ech stellen awer elo fest, dass fir déi Teststrategie do, wou d'Leit mat Ordonnancen a Laboe ginn, enorm Schwierigkeete sinn. Et ass Jonglënster derbäigesat ginn, et ass de Kierchbierg derbäigesat ginn, mee nach si ganz laang Waardezäiten! An ech hunn nach virun e puer Deeg gesinn, wéi d'Leit stonnelaang dobausse stoungen, virun de Laboratoiren am Ree stoungen, fir mat Ordonnance en Test gemaach ze kréien.

Do soe mer ganz kloer, dass mer gär déi Prioritéit ëmgewechselt hätten. De Large-Scale-Testing ass wichteg, mee prioritär sinn an eisen Aen awer déi Leit, déi mat Ordonnance kommen, fir en Test ze maachen. An déi sollen och prioritär zerwéiert ginn. Mir hätte gär e Switch an de Prioritéite vum Testing.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat selwecht gëllt fir den Tracing. Et ass d'urgence nogerüst ginn. An ech sinn och extreem dankbar, dass souwuel d'Militär wéi d'Luxair, wéi wien och nach ëmmer zousätzlech agestellt gi sinn. An ech soen lech och, ech soen lech et wierklech: Et si formidabel Leit, déi do schaffen! Ech hat d'Geleeënheet, selwer mat hinne ze diskutéieren doriwwer. Déi hu mer erzielt, wivill Stonne se dosëtzen, wéi schwierig et ass a wéi vill Honnerten, Dausende Fäll se am Fong nach ze traitéieren hätten, déi se guer net méi traitéiert kréien. Den analogen Tracing ass total iwwerfuer-

dert. D'Leit ginn eréischt sechs Deeg, nodeems se a sech den Test gemaach hunn a positiv getest gi sinn, ugeruff. An an deenen Deeg wësse se net, wéi se sech solle behuelen.

Ech verstinn dat alles. Mee ech soen: Mir sinn haut an enger Situatioun, déi total, total iwwerfuerdert ginn ass! Den Artikel 7 an den Artikel 5 vum aktuellen Text ginn an der Realitéit net méi applizéiert. Den Tracing gëtt net méi esou gemaach, wéi en am Text beschriwwen ass. Déi Leit, déi eng Ordonnance de quarantaine kréien, kréie se heiansdo siwen Deeg duerno, nodeem am Fong hir Quarantän schonn eriwuer ass. D'Ordonnances d'isolement kommen heiansdo sechs Deeg duerno, dat heescht, d'Leit kréie keng Reaktioun, wa se scho sechs Deeg positiv getest sinn, wëssen awer net, wéi se sech sollen an deene sechs Deeg behuelen, wa se dann net d'Zeitung gelies hunn a wëssen, dass se d'Leit selwer mussen uruffen.

Et ass dat, wat kéint hëllefen. Et ass dat, wat och an deene leschte Woche gehollef huet, deen Tracing, mee momentan ass en total, total debordéiert. Et ass kee Reproche, et ass just eng Feststellung!

An da soen ech: Dir wollt d'Tracingapp net, mee mir bräichte se elo, haut, absolutt dréngend! Et ass d'ailleurs vill ze vill spéit. Et ass méintelaang näischt gemaach ginn. Et ass souguer de Contaire gemaach ginn. Et ass wochelaang géint esou eng Applikatioun eng Negativstimmung produziéiert ginn. A wann Der se haut wéilt maachen, hätt Der souguer Schwierigkeete wéinst deem, wat an deene leschte Méint gesot ginn ass, fir d'Leit nach ze iwwerzeugen, dass se sënnvoll wär. Mir fannen dat grob farlässeg. Mir hunn dat schonn zéngmol gesot. Mer hunn heibannen eng Motioun driwwer ofstëmme gelooss. An an der Kommissioun krute mer vum Staatsminister gesot: „Wëllt Der da wierklech 4,5 Milliounen dofir ausginn?“ Eis Äntwert war deemools: „Jo!“ An eis Äntwert ass haut: „Hätte mer et dach nëmme gemaach!“

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Här Staatsminister, an da soen ech och, well Der hei sidd, dass déi Gouvernance, déi Der hutt an där ganzer Kris - eng vun deene gréisste Krisen, déi mer säit Generatiounen hei am Land kennen -, dass ech déi net richtig verstinn. Dir sot ëmmer, mir sollen dat zesumme maachen. An Är Plaz hätt ech probéiert, dee ganze politesch Spektrum mat u Bord ze kréien. Net nëmmen Informatiounen ze maachen, nodeems d'Decisiounen scho geholl sinn, net nëmmen am État de crise reegelméisseg bei d'Chamber ze kommen, mee reegelméisseg mat de Parteien ze schwätzen, fir déi schwierigste Moossnamen, déi ee kann huelen, prealabel gemeinsam virzubereeden. Dofir wär an deene leschte Méint Zäit gewiescht. Dat wollt Der net. Dir hutt deliberéiert en anere Choix geholl. Dat ass Äert Recht, mee dann ass et awer och Är Responsabilitéit!

Ech verstinn, dass Der an d'Oppositioun kee Vertrauen hutt, mee mir hunn och keent an lech!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mee ech soen och: Haut, elo an dësem Moment ass déi ganz Geschicht, dee ganze Passé mer am Fong egal! Ech sinn zwar rosen, mee och dat ass mer à la limite egal. Dofir hu mer keng Zäit méi. Mir sinn an enger Krisensituatioun. An ëm wat geet et elo? Et geet drëm, wat mer elo, haut, decidéieren. Soe mer haut: „Mir hunn d'Saach net méi ënner Kontroll, mir waarden op e Vaccin?“ Soe mer: „Et ass alles kee Problem, mir zéien de Kapp an, mir loosse et lafen?“ Oder soe mer eis als Politiker: „Mir kënnen Afloss hunn, och an esou enger Krisenzäit, wa mer konsequent, konstant dat maachen, wat mer mengen, wat richtig ass!“?

Wat wëlle mer haut? Ech mengen, eis Zilsetzung ass net vill anescht wéi déi vun anere Fraktiounen. Mir wëllen, dass d'Aarbechtswelt a groussen Deeler weider fonctionéiert, och wann dat heiansdo anescht ass, mat anere Fonctionnsweisen, an och wa mer et net iwwerall an all Secteur esou fäerdeg bréngen, wéi mer et wëllen. Mir wëllen, dass d'Schoul weider fonctionéiert, och wann d'Schoul muss anescht fonctionéieren, mee se muss awer weider fonctionéieren, well soss ass et extreem problematesch fir eis Gesellschaft, fir den Zesammenhalt, fir d'Kohärenz a fir d'Zukunftschancen. An dofir, well mer dat wëllen, mussen mer all vill aner Aktivitéiten eroffueren, fir dass eise Gesondheetssystem et pakt. An dat mussen mer maachen, och wann et schwierig ass, och wann et contestéiert ass, och wa mer Onzefriddenheeten domadder declenchéieren.

An ech kann déi Onzefriddenheete verstoen. Mee ech soe mer: Et geet haut an dëser Situatioun net anescht, well d'Prioritéit ass, Liewen ze retten. An dat bréngen mer nëmme fäerdeg, wa mer eise Gesondheetssystem um Fonctionéieren halen. E Gesondheetssystem, wou ech soen, dass formidabel Leit schaffen. Formidabel Leit! Ech hat vill Kontakt mat deenen engen oder deenen aneren, déi

sech méi engagéieren, wéi vun hinne gefrot gëtt, well se wëssen, wat um Spill steet. An dofir si mer och obligéiert, Äntwerten ze ginn, schonn eleng wéinst deem Engagement, wat mer do fannen.

A mir mussen eis Froe stelle bei deenen Äntwerten, déi mer ginn: Ass dat, wat mer maachen, proportionell? Ass et kohärent? An ass et effikass? Mir wëlle keng Moossnamen, déi näischt bréngen a just do si fir ze soen, et hätt ee se dach gemaach. Se mussen eppes bréngen a se mussen effikass sinn.

An ech wëll op déi eenzel Moossnamen direkt agoen, ouni Saachen ze verstoppen. Déi pregnantst Moossnam ass déi vun der Ausgangsspar. Et waren och bei eis grouss Diskussiounen an der Fraktioun, an der Partei, mat verfassungsrechtleche Bedenken, mat Froen iwwert d'Proportionalitéit oder Iwwerproportionalitéit, iwwert d'Zilsetzung, iwwert d'Effikasitéit, iwwert de Sënn, fir dat am ganze Land ze maachen an et net nëmmen an dichtbesidelte Gebidder anzeféieren. An ech soen lech: Mir hätten och gären au préalable mat der Regierung driwwer diskutéiert, haaptsächlech iwwert déi Moossnam, iwwert d'Kohärenz vun dem gesamte Pak. An ech soen lech: Déi Diskussioun kréie mer och nach, ob mer et wëllen oder net. A warscheinlech méi kuerzfristeg, wéi mer et mengen!

Mir sinn awer an eiser Fraktioun zur Konklusioun komm, dass mer der Regierung keng Steng wëllen an de Wee leeën, well dat hei e Wee ass, iwwert dee Fester, Partyen, Rassemblement, organiséiert oder net, kënnen ënnerbonne ginn. A well mer wëssen, dass vill Infektiounen vun do hirstamen. Well et e kloer Message ass op en absolutt noutwendegt Erofféiere vun deem Typ vu soziale Relatiounen an en Instrument, fir déi Zilsetzung ze erreechen. Aner Länner hunn och e „curfew“ oder e „couver-feu“ do, wou d'Situatioun ausruscht. A bei eis ass se manifestement och ausgerutscht.

Mir sinn och der Meenung, dass d'Erofsetze vun der Zuel vu Leit, déi ee privat därfer empfänken, vun zéng op véier richtig ass. Dat hätt een och kënnen anescht organiséieren. Mee och aner Solutiounen sinn net méi an net manner justifiabel wéi déi hei. Déi Moossnam liicht eis an.

Iwwert déi obligatoresch Maskepflicht dobaussen, da wa Rassemblement sinn, ob se elo organiséiert oder net organiséiert sinn, brauch ech net ze schwätzen. Mir hunn déi schonns vu Juli un heibanne gefrot. Dat selwecht gëllt fir d'Redefinition vun de Rassemblement. Säit dem éischte Gesetzentext, dee mer hei gestëmmt hunn, froe mer, dass dat d'Reuniounen an d'Rassemblement, net nëmmen d'Reunion-organisatiounen, mee allgemeng d'Reuniounen sollt concernéieren. Mir si frou, dass dat endlich dräi Méint duerno kënn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Den Artikel 3bis mécht eng Limitatioun vun de Clienten an de Grande-surfaces. Mir empfangen dat als noutwendeg. Ech hoffen, dass deen Text, dee mer elo haut stëmmen, och d'Strooss hält. Mir haten de Moien eng Diskussioun an der Chamberskommissioun doriwwer. Mir hätten et och als sënnvoll empfongt, wann déi méi kleng Betriber eng Rei Reegele kritt hätten - déi ënner 400 m² -, et hätt een dat awer au préalable misse mat den Organisatiounen duerchschwätzen. Par ailleurs soen ech: Vill vun deene Betriber maachen dat automatesch, elo schonn, well se wëssen, viru wat fir eng Erausforderunge si och gestallt ginn.

Mir hunn en Artikel iwwert d'Sportsaktivitéiten, dee mer léiwer méi detailléiert gehat hätte wéi deen, deen elo am Text steet. Mee en ass awer och an eisen Aen noutwendeg, well e garantéiert eng Rei Sportsaktivitéiten an e garantéiert och de Schoulsport.

An och de Verbuet vun de Rassemblement iwwer 100 Leit an de Verbuet vu Buvetten a Restaurants bei Rassemblement ass an eisen Ae sënnvoll an dësem Kontext. En ass zwar hefteg, mee op jidde Fall ass e kloer. An och wann en hefteg ass: Et muss eeben haut sinn!

An eis Zilsetzung ass, ech hunn et gesot, d'Aarbechtswelt, d'Schoul oprechtzeerhalen, souwäit wéi méiglech, och wann et anescht ass. A mir wëssen, dass och an der Aarbechtswelt an och an der Schoul selbstverständlech Infektiounen geschéien, dass ëmmer e Risiko do ass. Mir wëssen awer, dass mer dee Risiko mussen akzeptéieren. An dofir mussen mer déi Risikolimitatioun, déi mer maachen, haaptsächlech bei de soziale Kontakter maachen, fir de Gesondheetssystem um Lafen ze halen, fir Liewen ze retten.

Dat, an näischt anescht, ass eis Zilsetzung. A fir dat ze erreechen, muss een iwwerall do, wou Infektiounen geschéien, an Infektiounen si quasiment iwwerall, agéieren.

Ech hu schonns gesot: Dësen Text kënn an eisen Aen ze spéit. An dësen Text geet eis och net duer. Dee gréisste Problem an dësem Text an an der genereller Politik vun der Regierung ass an eisen Aen d'Kohärenz. An ech soen lech firwat.



Op där enger Säit huele mer drastesch Moosname vun Ausgangsspären, vu Couvre-feuen. De Mars Di Bartolomeo huet gesot: „Mir sinn net an engem Krich!“ Mee et sinn awer Moosnamen, wéi se a Krichsgebidder respektiv an Diktature stattfannen. Absolutt fräiheitsberaubend.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Nee. Ech hu jo net ... Ech wëll lech soen: Et sinn drastesch Moosnamen.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Dir hutt et gesot!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et si just drastesch Moosnamen op där enger Säit, Här Bettel.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), *rapporteur*.- Se hunn awer net dee selwechten Hannergrond, Här Wiseler. Se hunn net dee selwechten Hannergrond.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Nee!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Ech géif e bëssen oppassen op meng Wieder.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo et coups de cloche de la présidence)

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech weess, wat ech soen.

(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)

An ech stinn hannert deem, wat ech soen. Dir braucht mech net ze beléieren, wéi ech meng Wieder ausdrécken!

■ **Une voix**.- Très bien!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et sinn drastesch Moosnamen, déi mer geholl hunn. Mir hätte gär Kohärenz. Wann Der op där enger Säit drastesch Moosnamen huet, dann hätte mer gär op där anerer Säit, datt Der et och an anere Secteure maacht, wou Der d'Saachen einfach lafe loosst. Well wa mer mat deenen drastesche Moosnamen averstane sinn, an et ass dat, wat ech wollt soen, dann hätte mer awer gär, datt an anere Secteure kohärent Moosname geholl ginn. Well soss sinn déi drastesch Moosnamen, déi mer hei huelen, schlussendlech net méi sënnvoll. An dat ass dat, wat mer gär hätten. Mir hätte gär Kohärenz vun der Politik.

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Wéi eng dann?

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat soen ech lech elo.

An eisen Aen hätte mer gär zousätzlech Reegelen am ëffentlechen Transport gehat. Mir hätte gär zousätzlech Reegelen am ëffentlechen Transport, well mer gesinn, haaptsächlech am Schoultransport, wéi zwar d'Kanner an der Schoul auserneegemale ginn, mee wéi se am ëffentlechen Transport all zesummen op ganz enkem Raum sinn an net, an eisen Aen, genügend protegéiert sinn.

Mir hätte gär aner Reegelen an der Schoul gehat. Mir mengen net, datt d'Schoulen e besonnesche Risiko hunn, mee mir mengen awer, datt an der Schoul och e Risiko ass. Mir hu gëschter 13 Moosnamen an enger Motioun heibanne virgeschloen. Déi ass refuséiert ginn, déi sinn net ugeholl ginn.

Den Här Meisch huet eis erkläert, mir sollten dach vläicht emol eng kéier an d'Schoul kucke goen, wat do lass wär. Ma ech soen lech: Ech hunn, an d'Kollegen a menger Fraktioun och, mir hu konstant Relatiounen mat Direktiounen, mat Léierpersonal, mat Elteren a mat Schüler. Mir wëssen, wat an der Schoul lass ass. An et ass genau, well mer deene Leit nolauschten a well mer wëssen, wéi besuergt se sinn a wat fir eng Problemer do sinn, firwat mer déi Moosnamen hei erabruecht hunn. An dofir hätte mer gär, wa mer dat eent maachen, wat mer jo a sech vum Prinzip hier matënnerstëtzen, hätte mer awer gär op deenen anere Punkte Kohärenz, datt et voll duerchgezu gëtt!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir sinn och der Meinung, datt den Teletravail nach méi soll gefërdert an ënnerstëtzt ginn. Dir hutt et gesot, Här Staatsminister. Ech mengen, datt dee Rappel nach weesentlech méi pregnant muss an deenen nächsten Deeg gemaach ginn. Mir hätte gär, datt d'Kontrollen an d'Sanktiounen ausgeweit ginn. Dir hutt se an deem Text op 100 Euro eropgesat.

Mir kréie ganz oft gesot, datt déi Moosnamen, déi mer hei festhalen, net ëmmer agehale ginn. An dofir soe mer, datt mer gär zousätzlech Kontrolle fir d'Anhale vun deene Moosnamen hätten.

Mir hätte gär eng Tracingapp. Dat hu mer scho laang gesot.

Mir hätten och gär e Plang fir d'Personnes vulnérables. Mir hunn de Moien eng gutt Diskussioun gehat iwwert dat, wat an den Altersheimer geschitt. Mir hätte gär eng zousätzlech Diskussioun och nach iwwert déi vulnerabel Leit, déi an de Familljen doheem sinn, déi sech heiansdo net protegéiere

kënnen, wann de Covidvirus an hirer Émgeigend, an hirer Famill ass. An do hätte mer och gär zousätzlech Hëllef, eng kohärent Politik vun hanne bis vir an an all Secteur ëmgesat.

Well d'Zäit eis fortleeft, ginn ech net am Detail op all déi Punkten an, déi mer an deem Text technesch schlecht fannen, mee ech zielen der just e puer op.

Eng Rei vun deenen Artikelen, déi hei am Text stinn, sinn iwwerlieft. Den Artikel 5 an den Artikel 7 iwwert den Tracing respektiv iwwert d'Mise en quarantaine gi guer net méi esou applizéiert, kënnen net méi esou applizéiert ginn, wéi se hei am Text stinn. D'ailleurs huet den Direkter vun der Santé eng Rei nei Reegelen erausginn, wéi d'Leit, déi dann elo infizéiert sinn, déi positiv getest sinn, sech solle behuelen. Si sollen déi Kontakter, déi se haten, selwer kontaktéieren. Ech kann dat alles verstoen. Ech soe just: Den Text, dee mer elo hunn, an dat ass deen Text vu virdrun, ass net ëmgeännert ginn an entsprécht der Realitéit an eisen Aen net méi.

Eng Rei Artikele sinn och net kloer am Zesummespill, sinn net kohärent, zum Beispill den neien Artikel 4 Punkt 3 a 4 iwwert d'Rassemblement, wou mer d'Zesummespill net richtig gesinn.

Aner Artikelen, wéi gesot, ginn eis net wäit genuch, wéi zum Beispill deen iwwert d'Grande-surfaces, wou mer och nach gär aner Reegele fir aner Commerce gehat hätten.

A verschidden Artikele sinn eis net prezis genuch, wéi deen iwwert de Sport. Ech hunn dat virdu schonn ugeschwat.

Ech kéint elo weiderfueren. Dir sot elo, an ech verstinn dat: „Den Text ass schnell geschriwwen ginn.“ Ech soen: Wann d'Zäit genotzt gi wär déi Méint virdrun, fir e Stufeplang auszeschaffen, wou all déi Moosnamen do virdu festgehalte gi wären, wou se prezisiéiert gi wären, wou se hätte kënnen heibannen diskutéiert ginn, da kéinte mer dat ganz anescht ugoen. Da wären och eis Diskussiounen heibanne ganz anescht. Ech mengen, dat hätt ee kënnen anescht upaken, haaptsächlech well, wéi d'Ministesch et seet, mer et säit Juli komme gesinn hunn.

Mir si mam Prinzip vun dese Moosnamen averstannen. Mir fannen, datt des Moosname solle schnell kommen, well mer se brauchen. Mir hätten eis och aner Moosname kënnen virstellen. Mir wëllen awer zum Ausdrock bréngen, datt haut schnell muss gehandelt ginn. Dofir ware mer och als Oppositioun d'accord, fir am Fong all d'Reegele vun der Chamber ausser Kraaft ze setzen, fir am Fong dem Chamberspräsident an dem Kommissionspräsident ze soen: „Dir kënnt lech iwwer alles ewechsetzen. Mir si mat!“ An ech mengen, datt mer als Oppositioun - ech schwätzen am Fong net nëmmen iwwert d'CSV, mee och iwwer aner Oppositiounsparteien, déi genau d'selwecht gehandelt hunn -, ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Awer net d'ADR!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- ... datt mer eis bewosst sinn, wat d'Urgenz ass, an datt mer keng Steng wollten an de Wee leeën, fir datt mer weiderkommen. Mee mir fannen, datt diesen Text ze spéit kënnt. Mir fannen diesen Text net kohärent. Mir fannen diesen Text technesch problematesch. A mir fannen, datt diesen Text haaptsächlech net komplett ass. An dofir wäerte mer eis bei deemem Text enthalten.

Wéi ech des Zeile virgëschter geschriwwen hunn, kouw zur gläicher Zäit e Communiqué vun de Spideeler, deene vum Kierchbiere, eran, déi Patientevissiten ënnerbonnen hunn, well se et net packen, well se d'Patienten an d'Personal wëlle schützen.

Ech fannen dat dramatesch fir d'Patienten, fir hir Familljen. Ech fannen et awer och verständlech, well se en fin de compte keen anere Choix haten. Mir hate gëschter 774 Neiinfektiounen. Mir haben iwwert de Weekend eng Zuel vu Leit, déi an d'Klinik ageliwwert gi sinn, déi vun 92 op 135, dat heescht quasiment 50 %, an d'Luucht gaangen ass.

Et sinn alles eenzel Schicksaler vu Leit, déi a Schwiereregkeete sinn. An dofir sinn déi juristesche Detailer mer am Fong egal, am Fong egal. Ech soe just haut, Dir wësst et: Mir sinn net um Enn. Dat heiten ass net dee leschten Text.

An ech soen der Regierung: Wann d'Regierung wëllt zousätzlech Moosnamen huelen, da géif ech just froen: Kommt, bereet se elo scho vir! Dat, wat an enger Woch oder an zwou Woche vläicht wäert kommen, kommt, maacht et elo! Kommt, mer bereeden et elo vir, datt mer prett sinn, wa mer et onbedéngt brauchen, datt mer déi Diskussiounen matenee gefouert hunn a se net an aller Hetz mussen maachen, datt mer och d'Leit dobausse kënnen drop virbereeden, datt esou Decisiounen kommen.

Mir begreissen alles, wat effikass ass, sous condition, datt et kohärent a kontrolléiert ass. Mee sot de Leit dobaussen, wéi d'Situatioun ass! Gitt keng kontradiktorech Messagen eraus fir ze soen: „Mir hunn alles am Grëff.“ An zwee Deeg duerno: „Lo

musse mer awer schnell, schnell, schnell handelen.“ Sot de Leit, wéi d'Realitéit ass!

Ech ka verstoen, datt ee vun der Situatioun iwwerrullt gëtt, vill Regierungen sinn iwwerrullt, mee ech fannen, datt ee kloer an däitlech dobausse muss déi Realitéit nennen. D'Kredibilitéit vun der Regierung an déi Autoritéit verlaangt et, an ech soen dat als Oppositioun, datt ech mengen, datt d'Regierung an esou Zäite vun der Kris Autoritéit brauch, fir dat ëmzesetzen, wat noutwendeg ass. Maacht dat, wat Der ze maachen hutt! Dofir sidd Der gewielt. Dofir si mir gewielt, Majoritéit an Oppositioun.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wiseler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Merci fir d'Wuert, Här Präsident. Kolleginnen a Kollegen, mir wëllen, nee, mir müssen alles maachen, all Mëttel a Beweegung setzen, fir en zweete Lockdown ze evitéieren. Duerfir ass et elo nees un der Zäit, méi lues ze trëppelen an d'Schrauf unzezielen. D'Devise ass kloer: Léiwer elo e bësse wéi spéider alles!

D'Infektiounszuelen an de leschten Deeg hu leider ëmmer méi alarmant Ausmoossen ugeholl. Ass et d'Wieder, wat och materaspillt? Huet de Virus mutéiert? Ech weess dat net. Ech kann lech dat net soen. Et schéngt mer awer, wéi wa mer eis vläicht nom Summer an enger gewëssener Sécherheet, an enger falscher Sécherheet gefillt hätten.

Mir hate jo gehofft, dass d'Recommandatiounen vun deene sanitäre Sécherheitsmesuren, fir sech dorunner ze halen, géifen duergoen. An déi si jo hei uewen, ech géif soen, mantrahaft widderholl ginn: „Hänn wäschen, Ofstand halen, d'Mask undoen!“ Mir haben drop gebaut, dass dat géif duergoen, fir d'Infektiounsketten ze brieche. Dat ass leider des kéier net méi de Fall.

Schonn am Summer an am fréien Hierscht hate mer mol Deeg, wou mer bei ëm déi 100 Neiinfektiounen louchen. Do hu mer effektiv scho vun enger zweeter Well geschwat, mee mir kruten dat allkéiers erëm an de Grëff. Mir hunn den Dréi kritt, ouni müssen nei Restriktiounen ze huelen. Dat geet leider des kéier net méi duer.

D'Analysen aus de Kläranlagen hunn erginn, dass de Virus an der Bevëlkerung present ass, an dat iwwerall, an dat am ganze Land. Am Verglach mam leschte Pic, an et ass scho gesot ginn, ass d'Quantitéit vum Virus an de Kläranlage véiermol méi héich.

Nieft de ville positiven Tester, déi gemaach ginn, ass eng héich Donkelziffer diesen Analysen zuegronn och net méi vun der Hand ze weisen. Jo, mam kale Wieder ass et natierlech net méi esou einfach, sech ze distanzéieren. Mir halen eis erëm méi dobannen op. Mir léfte gläichzäitig manner. An dat kënnt dem Virus geleeën. Well e sech esou besser am Raum verdeele kann, well e sech besser verbreedt kann a well e besser zirkuléiere kann.

Mee net nëmmen d'Infektiounszuele ginn an d'Luucht. Et sinn och erëm ëmmer méi eeler, ëmmer méi vulnerabel Leit beträff. Méi Leit, bei deenen d'Krankheet en eeschte Verlaf hëlt, déi müssen an d'Spidol goe respektiv souguer op d'Intensivstatiounen. An dat setzt eis Spideeler, dat setzt eist Gesondheitspersonal ënner enormen Drock.

Während mir am Fréijoer mat enger ganz neier Situatioun befaasst waren, wou et eis u Material gemangelt huet, sti mer elo virun engem ganz anere Problem: Mir müssen eis Suerge maachen ëm d'Gesondheet vum Personal, wat elo mat där zweeter Well konfrontéiert ass. An et kënnt och beim Personal ëmmer méi zu neien Infektiounen. Vill Leit falen aus, well se an Isolatioun oder a Quarantän mussen goen. An dat ass eng immens Belaaschtung, déi net einfach esou ze behiewen ass.

Mir sinn eis spéitstens säit dem Rapport Lair alleguerte bewosst, dass mer e Personalmangel am Gesondheitssystem hunn. An dee risquéiert, an deenen nächste Joren nach méi grav ze ginn.

Eng grouss Majoritéit vun eisen Infirmieren an Aide-soignantë kommen aus dem Ausland bei eis schaffen, obwuel och eis Nopeschlänner net genuch Leit hunn. Dat ass beounuegend; d'Material kann een nämlech bestellen, d'Gesondheitspersonal net.

Ech denken an deem Kontext nach eng kéier un déi Well vu Solidaritéit, déi mer am Fréijoer haten, déi Well vu Solidaritéit mat dem Gesondheitspersonal. Während Woche sinn d'Leit owes op d'Terrass gaangen, fir hir Sympathie ze bekunden, fir deene Leit de Réck ze stäipen, déi un éischer Front géint de Virus gekämpft hunn an haut nach ëmmer kämpfen. Et waren d'Dokteren, d'Infirmieren, d'Fleegepersonal a vill aner.

D'Infektiounszuele sinn haut weesentlech méi héich wéi deemools. Mir dierfe si elo net am Stach loossen!

■ **Mme Lydie Polfer** (DP).- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Et dierf net esou wäit kommen, dass eise Gesondheitssystem iwwerlaascht gëtt, dass eist Gesondheitspersonal op der Felg dréint. An dowéinst ass elo de Moment, fir ze handelen an erëm méi streng Mesuren anzeféieren!

Här President, duerch déi ëmmer méi héich Infektiounszuele kënnt och de Contacttracing ëmmer méi u seng Limiten. An domat lafe mer de Risiko, dass potenziell Infektiounen onerkannt bleiwen an de Virus sech nach méi séier ka verbreedten. D'Regierung huet dowéinst keen anere Choix, wéi méi streng Kontaktbeschränkungen anzeféieren.

Dozou gehéiert op där enger Säit, dass net méi wéi véier Leit kënnen doheem invitéiert ginn an och net méi wéi véier Leit zesummen am Restaurant dierfe setzen.

Op där anerer Säit ass eis Situatioun awer esou eescht, dass eist Land fir déi éischte kéier säit dem Zweete Weltkrich eng Ausgangsspar aféiert, an dat tëschent 23.00 Auer - 11.00 Auer owes - a 6.00 Auer moies.

An ech weess, mir hunn dat jo och an der Santéskommissioun erausgespuert, dass grad déi Ausgangsspar fir déi eng oder aner Fraktioun oder Sensibilitéit politque wäert de Grond sinn, fir d'Gesetzer net matzedroen. Ech kann lech soen, mir als DP-Fraktioun, déi d'Fräiheet an d'Selbstbestëmmung vun de Leit ëmmer ganz héichhalen, mengt net, mir géifen dat heiten de gaieté de cœur maachen!

Ech mengen, d'Regierung mécht dat och net de gaieté de cœur, mee mir sinn der Meinung, dass et e Mëttel ass, fir d'Rassemblementer ze kontrolléieren, an dass et e Mëttel ass, fir d'Zuelen erëm erofzekréien. Mir müssen alles versichen. A wann dat heiten eng Mesure ass, déi mer müssen huelen, dann huele mer se.

■ **M. Gusty Graas** (DP).- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Fir de Mataarbechter am Contacttracing d'Aarbecht ze vereinfachen, appelléiere mer awer och weider un d'Eegeverantwortung. Wann Dir e positiiv Testresultat krut oder wësst, dass Der mat enger infizierter Persoun a Kontakt waart, da setzt lech wannechgelift an Autoquarantän, och wann Der nach net vum Contacttracing-Team kontaktéiert gouf.

Fir d'Noverfullung vun de Kontaktpersonen ze erliichteren, soll een och eng Lëscht mat senge Kontakter maache vun deene leschten 48 Stonnen. Déi soll ee prettleien hunn, dass een dem Contacttracing-Team déi direkt iwwerreeche kann a matdeelee kann. D'Formulären dozou sinn online verfügbar. A sou ka jiddweree vun eis e wichtege Bäitrag leeschten, potenziell Infektiounskette séier ze erkennen a séier ze ënnerbrieche.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Mir ielen aktuell bei 400 Neiinfektiounen pro 100.000 Awunner. Dat ass aachtmol méi héich wéi déi Limit, déi festgeluecht gouf, fir e Land als Risikogebitt anzestufen. Et ass eng Situatioun, déi een net ka schéischwätzen. D'Situatioun ass ganz, ganz eescht.

An trotzdem wëlle mer weiderhi mat alle Mëttelen e weidere komplette Lockdown, wéi mer en am Fréijoer haten, verhënnern. Dat wär nämlech net nëmme katastrohal fir eis Economie, mee et wär och katastrohal fir d'Wuelbefanne vun eise Matbierger, déi duerch déi physesche Distanzierung scho mental gelidden hunn an nach ëmmer leiden. D'Regierung huet versicht, eng Balance ze fannen, déi derfir suert, de Virus anzédammen an d'Gesondheet vun der Bevëlkerung ze schützen, ouni gläichzäitig d'Liewen zu engem komplette Stëllstand ze bréngen.

D'Limitt vu véier Leit an d'Ausgangsspar bidden eis elo genau déi Méiglechkeet. An ech verstinn d'Frustratioun vun deem engen oder vun deem aneren, mee mir müssen eis alleguerten den Eescht vun der Situatioun virun Ae féieren.

Dee ganzen August hate mer Zuelen, déi gutt waren. Mir louchen ënner 50 Neiinfektiounen pro 100.000 Awunner. An dat huet eis, mengen ech, e falscht Gefill oder d'Gefill vun enger falscher Sécherheet vermëttelt. Et ass engem vläicht virkomm, wéi wann dat Schlemmst iwwerstane wär an d'Sécherheitsmesurë si vläicht net méi esou konsequent ugewannt ginn, mee zënter Enn September klammen d'Zuelen onënnerbrach a rasant. Et ass ganz kloer, dass mer des sanitär Kris nach net iwwerstanen hunn. Mir sinn net iwwert de Bierg. Mir mussen weider duernalen. A mir müssen erëm méi Disziplin un den Dag leeën. Mir verlaangen näischt Einfaches, mee mir verlaangen awer och näischt Onméiglech.

A mir sinn eis bewosst, dass den Horeca-Secteur dee wäert sinn, dee vun dese Mesuren am meeschte beträff ass. An trotz den neie Restriktiounen hei am Land si mer bäi Wäitem net esou streng wéi an anere Länner an Europa. A mir wëllen och den Horeca-Secteur net onnéideg belaaschten.



A ganz Europa explodéieren d'Zuelen a verschidde Staaten hunn erëm ganz drastesch Mesuren agefouert. Tschechien an Irland féieren de Lockdown an. D'Belsch an Holland hunn hir Restaurants an hir Cafée komplett zougemaach. An Deeler vu Frankräich ass et d'selwecht, do gëllt eng Ausgangsspär ab 21.00 Auer owes. A wann een d'Mesuren analyséiert, déi gëschter vun der Bundesregierung geholl gi sinn, ech mengen, do kann ee getrouscht vun engem Lockdown light schwätzen an eisem Nopeschland.

Här President, obschonns mer mat dësem Text méi streng Mesuren aféieren an och d'Sanktiounen an d'Luucht setzen, appelléiere mer weider un d'Eegeverantwortung vun eise Matbierger. D'Ausgangsspär erlaabt zwar eng besser Kontroll vun de Rassemblementen, mee och daagsiwwer mussen mer déi physisch Kontakter méi niddreg halen. Den Teletravail, et ass virdrun ugeklongen, soll wa méiglech erëm verstärkt genotzt ginn, fir onnéideg Trajeten ze verhënneren. De Mask muss méi oft a konsequent gedroe ginn! An d'Distanze mussen konsequent agehale ginn. Mir mussen elo alles, an alleguer zesummen, derfir maachen, fir d'Infektiounszuelen erëm erofzedrécken.

Dëst Gesetz wäert elo emol fir ee Mount gëllen. A wa mir eis strikt un d'Mesuren halen, da kéint d'Situatioun sech am Dezember vläicht berouegen. Wann net, dann ass net auszuschléissen, dass dës Mesurë misste verlängert ginn, och wa mer dat net gäre maachen.

Mir hätten eis alleguerte gewënscht, de Virus wär net opgetaucht. 147 Persounen hunn hiert Liewe verluer. Anerer leiden haut nach un de Follge vum Covid-19. De Lockdown huet déi mental Gesondheet vu ville Leit staark belaauscht, bei den Erwuesene wéi bei de Kanner. Déi schoulesch Ausbildung vun esou monche Kanner huet gelidden, trotz de Beméiunge vum Léierpersonal, fir jiddwereen ze erreechen. A Jonker, déi dëst Joer an där aussergewöhnlecher Situatioun, an där mer waren, hire Schoulofschloss gemaach hunn, hunn et bei der Aarbechtssich net einfach. Eis Betriber goufe schwéier getraff a wäerten nach eng laang Zäit mat de Repercussioune vun der Kris ze kämpfen hunn.

An ech hunn et an der Lescht hei uewen um Pult scho méi wéi eng Kéier gesot: Als Member vun der liberaler Partei gefält et mir natierlech net, an d'Fräiheete vum Bierger anzegräifen.

(Interruption)

Mir géifen dat net consideréieren, wa mir net der Iwwerzeegung wäeren, dass d'Ausgangsspär dat leschte Mëttel ass, fir e komplette Lockdown ze evitéieren.

D'Joer 2020 wäert eis allegueren net a gudder Erënnerung bleiwen, mee et bréngt awer och näischt, fir sech ze beschwéieren. Elo gëllt et, d'Aerm eropzestréppen an alleguer zesummen dat Beschut aus der Situatioun ze maachen.

Bis e Vaccin op de Marché kënnt, muss all Einzelne sech un d'Reegelen halen. An all Einzelne muss sech d'Fro stellen: Wëll ech en Deel vum Problem sinn oder wëll ech en Deel vun der Léisung sinn?

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Gilles Baum. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci dem Rapporteur, dem Här Mars Di Bartolomeo, fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport an och fir seng Beméiungen an dësem dach awer schwierigen Dossier, deen hien elo säit Mäerz mat grousser Kompetenz a mat ganz vill Engagement all Kéiers an de Kommissiounssitzungen an och hei begleet an och maturitéiert. Merci Mars!

Merci och der Chamber, dass déi Diskussiounen an der Kommissioun deels emol méi aventuriéis sinn, mee awer ëmmer an déi richteg Richtung ginn. Merci och dem Personal vun der Chamber. Merci dem Personal vun der Santé. Merci eiser Ministesch. An och merci dem Staatsrot, zemools an dësem Gesetz, dat huet misse ganz séier gestëmmt ginn, fir seng Flexibilitéit. A jiddwerengem och merci fir säin Engagement.

Haut stëmme mer nei Mesuren. An déi si méi restriktiv. Si sinn noutwendeg, justifiéiert a se si proportional zu deem, wat ee gären hätt. An déi Fro do, ob se proportional sinn oder ob se justifiéiert sinn, déi hu mer eis bei all Gesetz, wat mam Covid ze dinn hat, misse stellen. A Lëtzebuerg steet mat deene Mesuren, déi et haut wäert huelen, déi mer haut wäerten huelen, net eleng do. Iwwerall am Ausland - kuckt lech d'Zeitungen un! -, iwwerall ginn nei Mesurë geholl, op der ganzer Welt an och

bei eis ronderëm. An dat si ganz ënnerschiddlech Mesuren!

Déi eng maachen d'Schoulen zou. Déi meescht loosse d'Schoulen op, glécklecherweis. Gëschter si mer och schonn hei drop agaangen, dass dat wichteg ass, dass d'Schoulen opbleiwen. Déi aner, déi maachen d'Restaurants an d'Caféen zum Deel zou, a verschiddenen Deeler am Land, anerer maache se ganz zou. Rassemblementen gi limitéiert an der Zuel oder ganz verbueden. Et gëtt bei deenen engen eng Maskepflicht bannen, bei deenen anere gëtt et eng fir bannen a baussen. D'Kultur- a Sportstätten, do gëtt et och ganz ënnerschiddlech Moosnamen, vu ganz zou bis ganz op. An et gëtt der och, déi hunn eng Ausgangsspär, vu limitéiert bis iwwerall.

An eis Noperen? Vlächit e Wuert direkt do zur Tracingapp, wat jo eng vun de Mesuren ass, déi d'CSV hei proposéiert huet, déi hätt misse kommen. De Macron, President vu Frankräich, huet am September den Echec vu senger StopCovid-App akteiert. An en huet gesot: „Déi muss ganz ëmfonctionéiert ginn.“ Also 2,6 Milliounen Leit a Frankräich hunn déi App do erofgeluede vu 60 Milliounen, déi do wunnen. An Däitschland si mer bei 40 %, déi se erofgelueden hunn. An et weist och do ganz kloer, dass déi Tracingapp net „das Maß aller Dinge“ ass an dass déi och elo net déi Kris hei verhënnert hätt.

Virdrun hunn ech eng ganz Rei vu Mesuren opgezielt. An all déi Mesuren, déi hunn en Impakt. Alleguer hu se en eenzelnen Impakt. An d'Zesummespill vun deene Mesuren, dat huet och en Impakt. Et kann een net eng Mesure eenzel kucken. Nei Mesuren hänke vun deenen of, déi virdu geholl goufen. An dat Ganzt, dat ass ee Ganzt! Et ass schwéier, hei Vergläicher mam Ausland ze maachen. An hei zu Lëtzebuerg, do ware mer konsequent an ugepasst, mir hunn eis der Situatioun am Land ugepasst an de Leit, déi hei wunnen a schafte. An ech fannen, dass mer déi Kris bis elo exzellent hei zu Lëtzebuerg gemeeschtert hunn.

Mir hunn eis Mesuren dann ugepasst, wann et noutwendeg war. Mir hunn eis net dreiwéi gelooss. Mir hunn net panikéiert. Mir hunn och net op déi populistesch Stëmme gelauschter, déi heiansdo Saache gezielt hunn, déi mer heibannen och gezielt kritt hunn. Mir hunn eis do net dreiwéi gelooss. A mir hunn eis op d'Zuele verlooss. Mir hu reagéiert, wou mer et hu misse maachen, net ze fréi an och net ze spët.

Mir hunn d'Zuele vun deene leschten Deeg hei gekuckt. An déi weisen elo, dass d'Situatioun sech verschäert huet. No engem Appell un d'Eegeverantwortung vun der leschter Woch ... Et war richteg, deen Appell ze maachen, well d'Zuelen dee Moment déi Moosnamen, déi dee Moment en place waren, och justifiéiert hunn, an et huet een net misse méi schlëmm Moosnamen huelen. Duerno koum e Rapport vum LIST eraus, deen och méi kloer bewisen huet, dass d'Zuelen an d'Luucht géife goen. Dunn ass nach eng Kéier en Appell gemaach ginn: Passt op! Passt op! Huet Är Eegeverantwortung!

An där dote Situatiounen, där hate mer schonn zweemol! Do huet kee gejaut heibannen: „Mir mussen vill méi schlëmm Moosnamen huelen!“ Do ass et esou gaangen, wéi mer gehofft hunn, dass et och dës Kéier sollt goen, dass d'Eegeverantwortung géif wierken an dass d'Zuele géifen erofgoen. Et ass awer net esou komm. An duerfir huet d'Regierung dunn direkt och reagéiert an huet nei Mesurë proposéiert. An dat ass och richteg esou.

D'Ministesch huet dat gutt erkläert. A fir mech, mengen ech, hätt och misse jiddwereen dat verstoen.

Wat sinn dann déi nei Mesuren?

Et kënnt zu enger ganz aschneiderender Mesure. Et gëtt eng Ausgangsspär vun 23.00 Auer bis 6.00 Auer. Véier ass déi nei Zéng. Och dat ass wichteg.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech hunn och verstan.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Rassemblementen gi limitéiert. D'Zoumaachen am Horeca-Beräich geet vu Mëtternuecht op 23.00 Auer erof. D'Maskepflicht an eng Begrenzung vun de Leit an de grouse Butteker iwwer 400 Meterkaree kënnt. D'Maskepflicht, wa méi wéi véier Leit beienee sinn. An et dierf een och nëmme véier Leit doheem invitéieren. Et dierf ee sech och nëmmen zu véier am Sport, beim Training zesummesetzen. An dat alles, fir Infektiounsketten ze verhënneren.

Déi sozial Kontakter solle limitéiert ginn, solle staark, awer net komplett ënnerbonne ginn. An dat gehéiert och zu enger Mesure vun der Santé mentale. Et ass net einfach, esou e Lockdown ze maache mat all deene Konsequenzen, déi dat huet. Et héiert een ëmmer erëm, dass d'Leit sech driwwer opreegen: „Jo, dat huet immens Auswierkungen op d'Santé mentale vun de Leit!“ Jo, dat ass richteg. An duerfir maache mer dat jo och haut nach net. An ech hoffen och net, dass mer et müssen eng Kéier maachen.

De „Bleif Doheem“ vum Mäerz, dat ass elo e „Bleif Doheem no 23.00 Auer a limitéiert deng Kontakter“ ginn. Déi Mesurë sinn ugepasst. A mir als LSAP sti voll a ganz hanner dës Mesurë vun der Regierung a vun eiser Gesondheitsministesch, mee mir wëssen och, dass et en Drahtseillakt ass. Mir wëssen och net, wéi d'Situatioun evoluéiert. Déi Mesurë kënnen haut gräifen, mee si kënnen awer och net gräifen. A mir mussen och vlächit nach méi streng Mesuren huelen.

Dat weess awer keen heibannen. Et soll och elo keen heibanne maachen, wéi wann en et wëisst. Dat weess keen heibannen! Mir sinn do dependant vun dem Verhale vun de Leit. Mir hoffen, dass déi Mesuren, déi mer huelen, gräifen, fir dass d'Zuelen net nach méi an d'Luucht ginn.

D'Schoule fonctionéiere glécklecherweis weider. Mir hoffen allegueren, dass déi Woch Vakanz, déi elo kënnt, e bësse Rou do erabrëngt. An der Schoul sinn d'Kanner nämlech an enger gewëssener Kontroll. Se sinn och mat deene selwechte Leit zesummen an d'Infektiounsweeër sinn do novollzéibar.

Et gëtt och kee Grond - ech froe mech och, firwat dass d'Leit dat maachen -, un den Aussoe vum Minister Meisch ëmmer ze zweifelen, dass d'Kanner sech an der Schoul net méi géifen ustieche wéi enzwousch anescht. Firwat gëtt dat einfach esou behaapt? Dat ass jo evidenterweis net de Fall.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et huet kee gesot „méi“!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - An duerfir, do gëtt et Zuelen. An do gëtt et Zuelen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Mir hunn net gesot „méi“!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dir braucht dat nëmmen ze kucken!

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Dir sot just „iwwerhaapt net“.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Et brauch een d'Zuele just ze kucken. Duerfir ... Mee wat awer richteg ass: Ech kann awer d'Onsécherheet vun den Elteren, vun den Enseignanten a vun de Kanner verstoen. Ech kann déi verstoen. An do mussen mer gutt kommunizéieren. Do mussen mer vlächit besser kommunizéieren, wéi mer dat bis elo gemaach hunn am Allgemengen, net bezunn nëmmen op ee Minister.

Ech hu mer selwer e puer Froe gestallt an ech hu mer selwer och e puer kloer Äntwerten hei ginn. An déi wëll ech lech och hei soen.

(Hilarité)

Sinn dës Mesuren hei ze spët? An eng kloer Äntwert ass: Nee! Well déi Mesuren, déi mer hei huelen, déi baséieren op Fakten. Déi baséieren op Zuelen. D'Zuelen, déi mer hunn, déi hunn erginn, dass mer dës Mesuren hei huelen an och elo dee richtegen Zäitpunkt ass, fir déi Mesuren ze huelen. An d'Regierung ass hei och hirer Linn treibbliwwen. Si huet sech bis elo ëmmer op Fakten, ëmmer op Zuele baséiert. A si maachen et och dës Kéier.

D'Zuel vun der Beleeung vun den Intensivbetter huet och elo déi Mesuren hei néideg gemaach. A mir hoffen och, dass se en Impakt hunn. Och wann ech haut Saache gelies hunn, déi mech awer erëm drun zweifelen dinn, dass alles säin Impakt esou séier wäert hunn, sinn ech awer der Meenung, dass dat heite richteg ass.

An et ass awer, Dir Dammen an Dir Hären, einfach, duerno alles besser ze wëssen. Dat ass awer e bëssen einfach.

Ginn déi Mesurë wäit genuch? Jo. Ech sinn der Meenung, dass se wäit genuch ginn. Mir sinn der Meenung, dass se wäit genuch ginn. Se sinn nämlech ugepasst.

Se gi wäit, mee si erlaben awer nach e Liewen. Och wann et e Liewe mat Aschränkungen ass, erlaabe se awer, nach e gesellschaftlecht Liewen ze hunn. An och dat ass eis ganz wichteg. Och dat ass wichteg fir d'Wuelbefanne vun de Leit. An et ass och wichteg fir eis Ekonomie. Mir si grad an den Diskussiounen iwwert de Budget. Mir hunn alleguer héieren, dass mer dës Kéier en Defizit maache vu 5 Milliarden. Dat huet awer alles en Impakt. Och dat muss jo matspillen.

Ech hu keen an de leschte Wochen héieren, dee sech e Lockdown gewënscht huet. Déi Mesuren, déi mer hei hunn, déi kënnen duergoen, wann d'Leit sech drun halen. An ass dat net de Fall, da mussen méi streng Mesurë geholl ginn a weider Mesurë geholl ginn.

Mir mussen also d'Evolutioun am A behalen, sou wéi mir dat bis elo nach ëmmer gemaach hunn. D'Moosname leien an der Linn vun deene Mesuren, déi mer virdu geholl hunn. Se si streng genuch, mee se sinn et net ze vill. Well mir hu virdu méi streng Moosnamen hei zu Lëtzebuerg gehat wéi an den Nopeschlänner a mir konnten eis do-duerjer och nach eng Dier oploossen. Eis Evolutioun vun der Krankheet ass nämlech dephaséiert zu där aus dem Ausland. Duerfir kann een d'Mesu-

ren aus dem Ausland och net eent zu eent hei zu Lëtzebuerg iwwerhuelen oder ëmsetzen oder se mat eise vergläichen.

Zur Ausgangsspär: Bréngt déi Ausgangsspär iwwerhaapt eppes? Eleng gekuckt, bréngen d'Moosname warscheinlech net ëmmer dee gewënschten Effekt. Et ass eeben, wéi virdu gesot, en Zesummespill. An et gëtt zur Ausgangsspär ganz kloer Aussoen.

D'Directrice générale vun der Agence régionale de santé de Guyane sot: De Couvre-feu war „très efficace“. En huet en „effet immédiat“ op d'Contamination, op d'Zuel vun den Hospitalisationen an der Rea gehat, well déi ass op d'Hallschent erofgaangen.

Änlech Aussoen héiert een zu Antwerpen, wou den Taux de reproduction vun 2 op 0,7 erofgaangen ass. Et héiert een och änlech Aussoen aus Jordanien, aus dem Maroc, aus Südafrika an aus Indien. Et gëtt och eng Etüd aus Wales, déi kloer weist, dass esou e Firebreak, dat, wat mer hei elo virschloen, äusserst wierksam ka sinn. D'Ausgangsspär huet also eng direkt Wierkung, am beschten a Kombinatioun mat anere Mesuren.

A meng leschte Fro: Ass d'Regierung genuch virbereet gewiescht? Jo, ech menge schonn, dass d'Regierung genuch virbereet ass. Souwäit ee sech an dësem Dossier, an dëser Situatioun iwwerhaapt ka virbereeden. Well wie weess, wie kennt dann heibannen d'„Léierbuch Covid-19“, wat ee kann eraushuelen an opschloen a wou ee kucken, wou mer dru sinn, an dann déi nächst Mesuren huelen? Dat kennt keen heibannen, well et esou e Buch net gëtt!

Et gëtt keen esou e Buch. A mir mussen eeben hei schaffe mat deenen Donnéeën, déi mer hunn. Mir mussen schaffe mat deene Leit, déi mer hunn. An déi Leit, déi hei geschafft hunn, déi hu vill geschafft. Vu Mäerz u sinn et der, déi schaffen all Dag. All Dag schaffe si un der Verbesserung vun der Situatioun!

An och d'Opflamen am Summer, am September hu mer mussen geréieren. Och do hu Leit dru geschafft, obwuel se Congé haten. Et sinn der awer och an de Congé gaangen, wat jo och richteg ass, well déi Leit hunn och nëmme begrenzt Méiglechkeeten an Energie. Et muss een déi och heiansdo sech op-tanke loosse. D'Regierung huet dat gemaach, wat richteg war, huet déi richteg Decisiounen geholl an huet sech och sou gutt op déi Situatioun virbereet, wéi et iwwerhaapt méiglech war.

Déi Moosnamen hei, déi gi wäit. Se sinn net liicht-fanckeg ze huelen, mee se sinn absolut noutwendeg, wa mer d'Zuele vun den Infektiounen wëllen erofkréien an de Kollaps virun allem am Gesondheetssystem wëlle verhënneren. An d'Regierung mécht, wat se ze maachen huet; fir den Här Wiseler erëmzehuelen. Si mécht genau dat, wat se ze maachen huet.

A leider, Dir Dammen an Dir Hären, kréie mer an dësem Projet keng Unanimitéit. D'Opposition stëmmt dës Projet de loi net mat. An net, well se sech eens sinn, wat ee sollt maachen, well d'Meenunge ginn nämlech do total auserneen. Déi eng soen: „Et ass vill ze schlëmm, wat Der maacht!“ An déi aner soen: „Et ass net schlëmm genuch!“ Déi aner, déi soen: „Mir sinn d'accord mat de Mesuren, mee mir stëmme de Projet de loi awer net mat!“

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - D'Opposition si jo och e puer Parteien. Net nëmmen eng!

(Interruption)

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Eng ganz couragéiert Haltung, fannen ech iwwregens. Eng ganz couragéiert Haltung fir ze soen: „Mir sinn d'accord mat de Mesuren, mee mir stëmme de Projet de loi net mat!“

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - D'Opposition ass sech also eens, dass se dergéint ass, mee si ass sech net eens, firwat dass se dergéint ass.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Dach, Dir hutt just net nogelauschtert!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - D'Opposition huet keng Koalitioun matenee gemaach.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Schwätzt déi eenzel Parteien un, net d'Opposition als Ganzt!

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - ... en homogene Block!

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - ... Här Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Dir schwätzt net nëmme fir lech, Madamm Hansen. Dir musst da fir d'Opposition schwätzen. An déi si sech net eens. Mee d'Regierungsparteien, déi dräi Regierungsparteie si sech eens!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ma lauschtert, mir hunn awer keng Koalitioun matenee gemaach.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Dir waart lech gëschter och net eens!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir sidd awer witzeg!



■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Déi si sech eens, dass hei musse Mesuré geholl ginn. An déi si sech eens, ob et Mesuré ginn. An dat ass och richteg esou!

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Ech ka gutt fir mech selwer schwätzen, Här Engel.

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- A gëschter ware se sech och eens?!

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- A wann ech dann op d'Proposen hei awer kuerz wëll agoen ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President?

(*Interruption*)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Engel, erlaabt Der, datt den Här Kartheiser lech eng Fro stellt?

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Dono, wann ech fäerdeg sinn.

Wann ech dann op d'Propose wëll agoen, déi hei vun der CSV gemaach ginn, dat si vill Prop... Also, et si vill Froen a wéineg Proposen, muss ech zwar soen.

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Pff!

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Gëschter ass hei d'Demande komm mat 13 Proposen effektiv vun der Schoul. Ënner anerem war do eng derbäi - an dofir hu mer dat jo och net matgestëmmt -, fir d'Kanner vu sechs Joer un dee ganzen Dag mat der Mask an der Schoul sëtzen ze loosson. Dat wëlle mir net! Mir fannen dat net gutt. An duerfir hu mer dat net gestëmmt.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Jo, Dir hutt déi aner Saachen och net gestëmmt.

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Wann Dir dat gutt fannt ... Dat hutt Dir jo gesot. Dir fannt dat richteg. Dir fannt et richteg, datt d'Kanner vu sechs Joer u mat der Mask de ganzen Dag an der Schoul sëtzen. Mir fannen dat eeben net richteg.

Dat ass eeben ... Dir kënnt där Meenung sinn. Mir sinn eeben enger anerer Meenung. Dat ass och ... Dat ass eebe sou.

Dir sot och, den ëffentlechen Transport fir an d'Schoul misst besser gereegelt ginn. Jo, dat kann een ëmmer soen. Wou ass dann d'Propos? Wat proposéiert Der dann?

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Mir hunn zwou Saache proposéiert!

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Wou schlot Der dann d'Buschaufferen aus dem Steen, déi net do sinn?

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Mir hunn zwou Sache proposéiert!

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Wou schlot Der dann d'Bussen aus dem Steen, déi net do sinn?!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Mir hu Reesbussen, déi dostinn, ouni dass se géife gebraucht ginn. An den Horaire kann decaléiert ginn.

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Dir sot, dat géif esou einfach goen. An et ass net mat dräi Busse gemaach!

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Et si Reesbussen, déi fräi sinn.

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Et ass net mat dräi Busse gemaach.

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Den Horaire kann decaléiert ginn, dat hu mer och als Propos gesot.

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Dir kënnt dach net hei soen, dass dat esou einfach wär.

(*Brouhaha et coups de cloche de la présidence*)

■ **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Et si masseg Reesbussen à disposition!

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- An et ass nach net ... Dat ass jo och net wouer.

An d'CSV seet hei, mir wäeren als Regierungsparteien an d'Regierung wär net kohärent. Bon, d'Kohärenz an den Aussoe vun der CSV an deene leschte Méint, an dëser ganzer Kris, also, datt d'CSV genau dat seet, dat ass awer wierklech ..., dat weist d'Inkohärenz vun der CSV nach vill méi.

De Jean-Claude Juncker seet, et wär eng ganz gutt Gestiou vun der Regierung gewiescht an dëser Kris.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- En huet dat virun e puer Méint gesot.

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- D'Spärstonn: eng Kéier opmaachen, eng Kéier méi spéit. Den Deconfinement: „Jo, mir sinn d'accord“, herno geet et net séier genuch fir erauszegoen. Nee, dat ass keng Kohärenz, Dir léif Kollege vun der CSV! Mir huelen hei Responsabilitéit. Mir huelen eis Responsabilitéit hei gären. A mir huele se, well et noutwendeg ass fir d'Land.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vun der CS... net vun der CSV, mee vun der LSAP.

(*Hilarité*)

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Also mir géife se op jidde Fall net unhuelen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Engel.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President?

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An ech ginn d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser, fir dem Här Engel eng Fro ze stellen.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo. Villmools merci, Här President. Ech wollt awer reagéieren op den Här Engel, wat hie gesot huet a seng e bësse bizar Theorie iwwert d'Oppositouon.

Mir hunn dee gréisste Respekt virun der Kollegein Martine Hansen, déi Fraktiounscheffin vun där gréisster Oppositionspartei heibannen ass, der CSV. Awer ech froe mech trotzdem, wéi d'sozialistesche Partei hei op déi Iddi kënnt, datt d'Fraktiounscheffin vun der CSV kéint am Numm vun enger Opposition schwätzen, déi vun deene Lénke mat hire Gesellschaftsvirstellungen bis zur ADR vu méi konservativer Natur reecht.

Ech mengen, huet d'LSAP esou wéineg Versteesdemech fir déi politesch Landschaft hei am Land, datt se hei wëllt déi Theorie verriede wéi an anere Länner, datt et een Oppositionsführer gëtt? Dat hu mir hei am Land net!

(*Brouhaha*)

Ech wëll awer dem Här Engel soen an ech wëll och, wann ech schonn hei d'Wuert hunn, och deene liberale Kollege soen, datt hir Theorië mech zudéifst schockéieren. Et kann dach net sinn, datt hei e Liberale wéi den Här Baum heihinner kënnt an d'Ausgangsspar rechtfertegt! Mee den Här Engelen wäert herno nach an eise Numm dorobber zrëckkommen. An der Tëschenzäit wëll ech awer dem Här Engel soen, datt mer véier Oppositionsparteien an dëser Chamber hunn an net eng!

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Dir misst erausgoen zu deem doten Thema!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Engel wëllt dorobber reagéieren.

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Meng Äntwert ass à la hauteur vun der Fro: Ech soen iwwerhaupt näischt.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Do misst Dir erausgoen, Här Kartheiser!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dat war och nëmmen e Constat. An ech kann d'Wuert direkt un déi honorabel Madamm Josée Lorsché weiderginn. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Verlaf vun der Covid-19-Pandemie kann ee mat engem Auto vergläichen, dee mat voller Vitess op eng Bëtonsmauer zourennt.

■ **Une voix**.- U.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- An da stellt sech d'Fro, wéini de Chauffeur op d'Brems muss drécken, fir den Opprall ze verhënneren.

Dës Metapher huet en däitsche Journalist iwwert de Weekend benotzt, fir d'Situatioun an Däitschland ze beschreiwen, wou d'Pandemie dramatesch Ausmoossen unhëlt. Déi däitsch Regierung huet reagéiert. An déi verschärft Reegelen trieden den 2. November a Kraaft.

D'Metapher vum Auto, deen op eng Mauer zourennt, passt awer och op Lëtzebuerg, dat ass kloer, well och zu Lëtzebuerg stellt sech d'Fro, wéini den Zäitpunkt ass, fir mussen ze reagéieren, a wéi eng Moossname géeegeent sinn, fir déi exponentiell Verbreedung vum Virus ze stoppen an déi absolutt -.Katastroph ze verhënneren. An Dir wësst, wat ech mengen. Eng Äntwert vu méi méigleche liwwert dëse Projet de loi.

Här President, de Rapporteur Mars Di Bartolomeo huet d'Moossnamen am Detail erkläert, soudass ech elo net méi op den Detail wëll agoen. Ech wëllt him awer dofir Merci soen. Am Numm vun der grénger Fraktioun wëllt ech éischter op déi méi sensibel Punkte vun dësem Projet de loi agoen a se och kommentéieren an e kuerze Bléck op déi aktuell Situatioun geheien, mat allen Defien, déi domat verbonne sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jo, et ass richteg: Zwou Dispositiounen aus dësem Projet de loi stiechen ervir, net positiv, mee éischter si se traureger Natur, well se eng gravéierend Beschneidung vun de Grondrechter a Fräiheeten duerstellen. Dat kann ee mam beschte Wëllen net schéiereden.

Ech schwätze vum Couvre-feu ab owes 11.00 Auer bis moies 6.00 Auer, verbonne mam Schléisse vum Horeca-Secteur och ab 11.00 Auer owes, an donieft och vum Erfosetze vun der Zuel vu Leit, déi een nach am Privatberäich dierf empfänken. Aus 10 ginn der 4. An déi Zuel zielt bekanntlech och fir aner Beräicher.

De Couvre-feu, Dir Dammen an Dir Hären, ass eng Moossnam, déi d'Regierung proposéiert, fir dat praktesch onkontrolléierbar nachtlecht Zesum-

mekomme vu ganze Mënschegruppen an de Grëff ze kréien. Well dës Moossnam eng fundamental Beschneidung vun de Fräiheete bedeit, si mir frou, datt se op ee Mount limitéiert ass a schonn no zwou bis dräi Wochen op hir Wierksamkeet wäert evaluéiert ginn, sou wéi de Premier dat schonn ugekënnegt huet.

Et ass also net esou, wéi wa mir an engem Staat géife liewen, an deem liberticide Moossname sech verselbststännegen oder fir d'Regierung eng Selbstverständlechkeet wieren. An dofir ass et och wichteg, datt se haut an aller Serenitéit hei kënnen diskutéiert ginn, hei an der Chamber.

Datt aus der 10 déi nei 4 gëtt, sou wéi de Premier et ausgedréckt huet, huet grad wéi de Couvre-feu ...

(*Interruption*)

Wat gelift?

(*Interruption*)

Jo, aus der 10 gëtt 4.

(*Brouhaha et coups de cloche de la présidence*)

Déi nei ... Aus der 10 gëtt 4. Voilà.

(*Interruption par M. Georges Engel*)

Jo, et waren ...

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Madamm Lorsché, loosst lech net vum Här Engel duerjernebréngen.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ma den Här Engel, hien huet sech esou vill Froe gestallt. Dat do war dann eng weider.

(*Interruption par M. Georges Engel*)

Kee Problem. De Premier huet et esou ausgedréckt, dass déi 4 déi al 10 ass. Dann dréien ech et op déi Manéier.

... huet grad wéi de Couvre-feu natierlech och keen anert Zil, wéi d'Pandemie a Schach ze halen. Quitte, datt dës Moossnam dat soziaalt Liewen natierlech gewaltig limitéiert. A limitéiert ginn och d'Fräiheete vum Horeca-Secteur an domat och seng Recetten.

Wärend dësen an Däitschland awer komplett zougemaach gëtt, mussen eis Lokaler hir Dieren owes um 11.00 Auer zoumaachen, wat dee staark betrafene Secteur ëmmerhin awer weiderhin op d'Prouf stellt.

Dir Dammen an Dir Hären, jo, et ass kloer: Dat alles sinn traureg Wourechtchen. Et gëtt awer nach eng aner Wourecht. An déi Wourecht nennt sech Pandemie. Et ass eng Pandemie, déi sech net just an Zuelen, Grafiken a Statistiken ausdrécke kann. Se dréckt sech am ganz konkrete Risiko aus, datt eise Gesondheetssystem wéinst der rasanter Verbreedung vum Virus zesummebrécht. A wann de Gesondheetssystem zesummebrécht, da brécht och d'Ekonomie zesummen, mat alle gesellschaftlechen, sozialen a mentale Kollateralschied, déi mer am Lockdown kennegeleiert hunn. Esou wäit wëlle mer et net komme loosson an dofir musse mer handelen.

Här President, wann een héiert, wéi staark de Virus an de Kläranlage verbreet ass - haut am „Lëtzebuerger Wort“ ass eng Grafik dozou ze gesinn -, da kënnt een noutgedrongen zur Konkusioun, datt d'Donkelziffer vun den Infektiounen an eise Land extreem héich ass - et ass scho gesot ginn - mat engem Total, dee véiermol iwwert deem vum Abrëll 2020 läit.

Et geet also net méi duer, vun iwwer 5.100 aktiven Infektiounen ze schwätzen, et muss een och kucken, wéi vill Fäll sech nach derhannert verstoppen. A wann een doriwwer eraus feststellt, datt déi steigend Infektiounswell net just eng ephemère Tendenz duerstellt, wat ee jo am Ufank geduecht huet, mee mëttlerweil zu enger Konstanter ginn ass, da weess een, datt kee Wee derlaanschtfeiert, déi physisch Interaktiounen tëschent de Mënschen ze reduzéieren.

Well déi Interaktiounen sinn nun emol déi éischt Quell vun der Verbreedung vum Virus, sief et an de Familjen- a Frëndeskreesser, wou d'Leit sech instinktiv méi sécher fillen a mengen, de Virus géif automatesch dobausse bleiwen, sief et awer och an de Lokaler vum Horeca-Secteur, wou d'Gestesbarrières owes ënnert dem Afloss vu méi oder manner Alkohol a sougenannte Gléckshormoner méi séier vergiess si wéi bei organiséierten Aktivitéiten a Reuniounen.

An och wann de Verstouss géint d'Reegele mat Sanktiounen verbonne ass, esou sinn dës net geduecht, fir d'Leit moralesch ze condemnéieren. De Mënsch, dat wësse mer, de Mënsch ass e soziaalt Wiesen, wat vun Interaktiounen a Relatiounen mat anere Mënsche leeft. Dat Bedierfnis ka kee Grond si fir Sanktiounen. De Mënsch ass awer och e Wiesen, wat op d'Gemeinschaft ugewisen ass. An d'Gemeinschaft kann net ouni Gesondheet existéieren. An deem Geescht sinn d'Sanktiounen eenzeg an eleng geduecht, fir d'Kollektivitéit virum Virus ze schützen.

Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer awer och e Wuert zum Zäitpunkt vun dësem Projet de loi, dee jo vum Här Wiseler a vu sengem Parteipresident kritiséiert ginn ass - vläicht och vun der ganzer Partei, dat weess ech net -, well en hirer Meenung no ze spéit kënnt. Elo, wou e kënnt, stëmmt d'CSV en dann net mat a gëtt hir Verantwortung of. Ech weess net, wien dat heibanne ka verstoen.

(*Brouhaha*)

Mee zumindest si mer eis jo dann op engem Punkt eens, dat ass deen, dass dëse Projet de loi net ze fréi kënnt. Et wär effektiv fatal gewiescht, wéi aner Länner mat de Moossnamen ofzewaarden, bis d'Intensivbetter alleguer beluecht sinn. An deem Fall ass d'Katastroph definitiv net méi ze verhënneren. Handelt d'Politik awer méi fréi, an dorop wëll ech eraus, oder besser gesot ze fréi, ka se sech net op eendeiteg Tendenzen an op kloer Parametere beruffen. A spéitstens da stellt sech d'Fro vun der Glafwierdegkeet vun enger Politik, déi liberticide Moossnamen am Hauruckverfare géif decidéieren, ouni sech op eendeiteg Daten a Parametere kënnen ze beruffen, wat de Verlaf vun der Pandemie ugeet.

Doriwwer eraus si mir als Gréng och iwwerzeegt, dass déi verfréiten Decisiounen genee dee Risiko mat sech bréngen, deen onbedéngt verhënnert muss ginn, an zwar deen, dass d'Coronaschéierder oder d'Coronaleegner sech, aus Onverständnis a Mësstrauen an dës Politik, nach manner un d'Reegelen halen an de Populisten an d'Kaarte spielen.

Aus all deene Grënn ënnerstëtze mer net nëmmen d'Moossnamen, mee och den Zäitpunkt vun dësem Projet de loi, mat deem d'Regierung sech et net einfach gemaach huet. Se huet mussen ofweien, a wéi eng Richtung d'Moossname solle goen a wéi restriktiv se solle sinn. An ech denken, mer sinn eis och eens: D'Gestioun vun enger Kris ass keng applizéiert Medezinn, an där een d'Wierkung ka virausgesinn. An et kann een och net vun der Politik verlaangen, dass se d'Wëssenschaft ersetz. D'Gestioun vun enger Kris besteet villméi aus dem politesche Courage, am Dilemma tëscht opmaachen an zouspären an am Dilemma tëscht erlaben a verbidden ofzeweien an déi néideg Decisiounen ze huelen an dann och derzou ze stoen.

Dat ass eng schwiereg Gratwanderung, wuel wësend, dass eis Grondrechter a kengerlee Hierarchie zuenee stinn. D'Recht op Fräiheet kann deemno net géint d'Recht op Gesondheetsschutz ausgespillt ginn. Déi zwee mussen Hand an Hand goen, Dir Dammen an Dir Hären. A genee dat Zil wëlle mer mat dësem Projet de loi erreechen, woubäi ech nach eemol ënnersträichen, dass en zäitlech begrenzt ass. An och wann e muer a Kraaft trëtt, wäert d'Diskussioun iwwer e Strategiewiessel oder aner Moossnamen net verhënnert ginn, jee nodeem, a wéi eng Richtung d'Pandemie sech nach weiterentwéckelt, no uewen oder no ënnen, a jee nodeem, wéi eng Erfarungen awer och am Ausland gemaach ginn, wou ech nach ëmmer bedauern, dass mer keng europäesch Strategie hu mat kohärente Reegelen.

Ech denken hei u sektoriell Shutdowns, wéi se an anere Länner duerschgezu ginn, oder awer Kuerzäit-Shutdowns, och als Wellenbrecher-Shutdowns bekannt, un den Ampelsystem kombinéiert mat engem Richtungswiessel beim Tracing, iwwert deen de Moment an Däitschland nach ëmmer ganz kontrovers diskutéiert gëtt. Déi Diskussioun ass awer ganz interessant. Hei geet et drëms, de breetgefächerten Infektiounspisten net weider hannerndrunzelafen, mee no sougenannte Quellclustere ze sichen an déi während enger Zäit ze isoléieren, wann ee se da féinnt. Dëst opgrond vun der staarker Vermutung, déi an der Wëssenschaft lues a lues sech erauschielt, dass ongeféier 70 % vun den Infizéierte bal keen ustiechen, während e puer Mënschen, dat sinn dann awer net nëmmen e puer, et sinn da bal 30 %, iwwerméisseg vill anerer ustiechen an deemno d'Quell vu villen Infektiounen sinn, wat dann och den Numm erkläert.

Dir Dammen an Dir Hären, dass d'Restriktiounen zu dësem Moment net nach méi wäit musse goen an dass e komplette Lockdown verhënnert ka ginn, ass, wéi gesot, doduerch bedéngt, dass mir fréi genuch handelen. Et ass awer och doduerch bedéngt, dass mir bei dëser zweeter Well net méi wéi bei der éischter un Lénke Fouss erwëscht ginn. Engersäits, well déi wëssenschaftlech Erkenntnisser, mee och d'Erfarungen aus de leschte Wochen a Méint haut e gudde Beroder sinn. Anerersäits, well de Gesondheetssektor besser op déi zweet Well virbereet ass a ganz vill Efforte gelescht gi sinn, souwuel vun der Regierung wéi och vum Secteur selwer. Dat verdéngt jiddefalls eise Respekt an eis Unerkennung, souwuel fir dat medezinnescht Personal an d'Fleegekräfte wat och fir déi ganz Ekippe vum Tracing a vun der Réserve sanitaire, déi oft aus benevole Mënsche bestinn an Dag an Nuecht schaffen. Hinnen e grouse Merci, well och si sinn nëmme Mënschen.

Besounesch begrüßenswäert ass an eisen Aen, dass e sougenannte „confinement médical“, wéi e



genannt ginn ass, fir Net-Covidpatienten an Zukunft méiglechst verhënnert gëtt. Dat, well 40 bis 50 Dokteren aus der Réserve sanitaire sech bei der Prise en charge vu Covidpatiente wäerten ofwiesselen an hir primär medezinnesch Aktivitéit de Gros vun der Zäit wellen oprechterhalen. Fir Net-Covidpatienten, déi an der éischter Well awer vill gelidden hunn an net ëmmer bäikoumen, och Angscht haten, an d'Spideeler ze goen, bedeit dës Approche e grouse Fortschritt a bréngt déi Versuerungssécherheet, déi se verdéngen.

Eng Suerg bleift natierlech bestoen, Dir wësst, wat ech mengen: Et ass déi vum schläichende Personalmangel an den Heemer, an de Spideeler, mee och an de Réseaux d'aides et de soins. Mir verstinn d'Madamm Minister, wa se seet, dass een a Krisenzäite keng strukturell Reform ka maachen. An d'Ausbildungskrittäre fir d'Gesondheitsberuffer kënnen och net vun haut op mar geännert ginn an direkt gräifen. Allerdéngs ass et wichteg, an dëser Situatioun no pragmatische Léisungen ze sichen. An dat gëtt och gemaach. D'Fro ass dann natierlech, wéi eng Methode kuerzfristeg kënn gräifen, fir d'Penurie a Grenzen ze halen, a wivill Mëttelen duerfir zur Verfügung gestallt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, wann een héiert, dass an der Groussregioun Beméiunge lafen, déi Professionell aus dem Fleegesecteur un hir eegen Institutionen ze affektéieren, da weess een och, dass et de falsche Wee wier, zousätzlecht Personal am Ausland ze rekrutéieren. Richtig ass awer, zu Lëtzebuerg no Léisungen ze sichen. Eng begréissenswäert Pist besteet doran - se ass och gëschter op dëser Plaz ernimmt ginn -, d'Aktivitéite vum Fleegepersonal nees méi no bei de Patient ze bréngen an op laangwiereg Dokumentatiounen ze verzichten. Dat heescht net, dass d'Soinen um Patient net méi sollen dokumentéiert ginn. Et heescht awer, dass keng Zäit an Energie fir net akut Dokumentatiounen an administrativ Aarbechten dierf verluer goen, Aarbechten, déi och spéider kënnen nogeholl ginn.

Eng aner Pist, déi muss analyséiert ginn, ass déi vun der Bündelung vun de Kompetenzen tëscht dem Secteur extrahospitalier an der Assurance dépendance, iwwert déi ech scho méi oft hei geschwat hunn. Woubäi ee jo muss wëssen, dass d'Grenz tëscht akuter Krankheet a chronischer Fleegebedierftegkeet net ëmmer kloer ass, besonnesch net an Zäite vu Pandemie. Well d'Aidanten, déi iwwert d'Assurance dépendance bezuelt gi mat de Prestations en espèces, nëmme ganz limitéiert Missiounen hunn, wier et an eisen Aen eng Iddi, wéi a Frankräich iwwert d'Opwäertung vun den Aidanten an iwwert d'Ausdeennung vun hirer Roll nozedanken, och a virun allem, wann et ëm den Encadrement vu Risikogruppe geet, déi net nëmme virum Virus, mee och virun der Einsamkeet a virun der mentaler Iwwerbelaaschtung mussen geschützt ginn.

Här President, domat sinn ech bei deene vulnerable Mënschen, iwwert déi ech nach e puer Wieder zum Schluss wëllt verléieren. Si liewen zum Deel doheem, zum Deel an enger Institution. Am Confinement waren et si, déi am meeschten ofgeschiermt waren an am meeschte gelidden hunn. Well d'Logik vum Virus am Ufank vun der Pandemie Prioritéit hat, ass passéiert, wat net passéieren dierf!

Vill Mënsche sinn einsam gestuerwen an d'Famill war hëlleflos. Dozou dierf et net méi kommen, well do, wou déi sozial Kontakter verluer ginn, do, wou Mënsche vereinsame gelooss ginn, do, wou d'Wuert Risikogrupp benotzt gëtt, fir Mënschen ofzeschotten, do ass et mat der Solidaritéit séier eriwuer.

An deem Sënn ass et erfreetlech ze héieren, dass d'Direktiounen vun den Alters- a Fleegeheemer nei Weeër ginn an hir Hygiëneskonzepter esou opstellen, dass d'Besuchsrecht méiglechst oprechterhale ka bleiwen.

An ech war frou, de Moien an der Kommissioun esouwuel vun der Familljeministesch wéi och vun der Santéministesch vill Informatiounen ze kréien an där doter Fro.

Dee Wee fënnst eis vollst Ënnerstëtzung a mir si frou, dass den Dialog tëscht den Haiser mat der Regierung, mee och mat der COPAS an der Lescht ganz grouss geschriwwen gëtt. Well nëmmen zesumme kann et funktionéieren, an dat gëllt och bei der Bekämpfung vun der Pandemie.

Dir Dammen an Dir Hären, leider hu mer et mat engem aggressivem Virus ze dinn. De Mars Di Bartolomeo huet vun engem Feind geschwat. A mir ginn dee Feind nëmme lass, wa mer en isoléiert kréien. Dat bréngen d'Virologen an d'Fuerscher ganz sécher net eleng fäerdeg, net emol mat Impfstoff a Schnelltester.

An et ass och net d'Politik, déi alles eleng ka riichten, quitte dass mir mat dësem Projet de loi en d'itlecht Zeeche setzen. Virun allem ass et un de Mënsche selwer, fir schlau ze sinn an de Virus ze isoléieren.

Dir Dammen an Dir Hären, schlau ass awer net deen, dee sech mat allen Tricke laanscht d'Reegele

schläicht an den Auto an d'Mauer renne léisst. Schlau ass deen, dee weess, wéi e seng Mask richtig undeeet a wéi en déi Gemeinschaft am beschte schützt, an där e lieft. Dat ass guer net esou schwéier, et muss een et just maachen a Verantwortung iwwerhuelen.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun, wëllt awer och zum Schluss nach e Merci lassginn un déi ganz Santékommissioun, déi gutt zesummeschafft, wou ech awer elo bedauern, dass déi Solidaritéit haut e bëssen ugekraazt gëtt op dëser Plaz. Mee ëmmerhin ass engutt Aarbecht geleescht ginn. An ech wëllt awer och der Chambersverwaltung Merci soe fir dee groussen Asaz, dee se an de leschte Wochen, Méint, awer och an de leschte Stonne geleescht huet, mat engem zousätzlechen Merci un de President vun der Kommissioun. Domat sinn ech fäerdeg mat menger Interventioun.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. An ech ginn d'Wuert weider un den honorablen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken en härerleche Merci dem Rapporteur, dem Här Mars Di Bartolomeo, fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, an, ech mengen, ech kéint mech och unschléissen, deem ganze Staff, deen do hannendru stécht.

Erlaabt mer als Éischt eng allgemeng Bemierkung zu dësem Gesetz. D'sanitär Kris dierf net ënnerschat ginn. A mir sinn duerfir och mat eenzelne vun dësen sanitäre Moossnamen averstanen, déi dëst Gesetz virgesäit. D'Gesondheet ass iewescht Prioritéit.

Mir als ADR sinn awer mat dësem Gesetzesprojet a senger Gesamtheit kloer net averstanen, an dat aus enger ganzer Rei vu Grënn, déi ech elo hei wëll opzielen.

Éischters, mir sinn hei an enger Situatioun ukomm, wou de Rechtsstaat net méi zielt. Eist Chambersreglement gëtt ausser Kraaft gesat an domadder och d'Kontrollorgan vun der Regierung. Normalerweis muss de Rapport vun engem Gesetzesprojet zwee Deeg virleien, ier hei an der Chamber driwwer ofgestëmmt gëtt. Och de Staatsrot gëtt zu engem figurativen Element degradéiert, ka sech net mam Fong vum Gesetzestext auserneeetzen. Eng komplex Gesetzesprozedur gëtt praktesch an engem Dag ofgewéckelt.

Am Kader vum Covidvirus ass gesot ginn, dass een d'Gläichgewicht brauch tëschent Aschränkungen an der reeller Gefor, tëschent Precaution an dem Respekt vun eise Fräiheeten.

D'ADR ass dergéint, dass d'Precaution iwwerdriwwen gëtt, dëst op Käschte vun de Rechter a Fräiheeten vun eise Bierger.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - D'Aushiewele vum Rechtsstaat, ugefaange bei eisen héchsten Institutionen, ass och duerch de Covidvirus net ze rechtefertegen. Dat bréngt mech zum nächste Punkt.

Déi geplangten Ausgangsspar ass net nëmme disproportionéiert, mee och sënlos. Et ass en Agrëff an d'Privatsphär vun de Leit an eng Aschränkung vun hirer Fräiheet. Absurd dobäi ass, dass eis Regierung bei dëser Ausgangsspar esou abberdeng ass, bei der Schoul a beim öffentliche Transport zum Beispill huele si keng kloer Stellung a scho guer keng konkret Decisiounen.

Mir leenen och of, dass d'Regierung an der Coronafro Politik mat der Angscht mécht. « Nous sommes en guerre », sot de Macron, a Gambia iwwerhëlt fläisseg a monter dës Krichsrhetorik. De Couvre-feu erwaart eis elo all. Ma mir sinn net an engem Krichszoustand a schonn e puer Méint net méi am État de crise. Mir vermessen d'Objektivitéit vun der Regierung am Hëllef op d'Gefore vum Coronavirus.

Grad an dësen Zäite misst d'Regierung realistesch a vernünfteg sinn, amplaz d'Leit ëmmer weider ze veronsécheren. Dozou dréit och e klore Vocabulaire bäi mat klaren Definitiounen, fir datt jidderee weess, vu wat hei geschwat gëtt.

D'Ausgangsspar ass absolut disproportionéiert zu der Situatioun, déi mer hunn. Dëst huet näischt ze di mat der Pandemie. Et ass just eng ëmgedréite Méiglechkeet, fir déi eng oder aner Party, déi am Land stattfënn, an de Grëff ze kréien. Mat der klongstméiglecher Majoritéit an der Chamber ginn hei drastesch Moossnamen decidéiert. Dëst weist eemol méi, wéi noutwendeg d'ADR-Fuerderung vun enger néideger Zweedrittmajoritéit bei esou Gesetzter ass, déi eis Grondfräiheeten aschränken, déi och an der Verfassung verankert sinn.

Och déi neigeplangten drakonesch Erhéijunge vun de Strofe beim Netrespektéieren vun de Covidmesurén sinn net ubruecht. D'Regierung schafft a fërdert e Klima vun der Angscht. D'Bevëlkerung gëtt net als Deel vun der Léisung mat erageholl an ugesinn, mee als Géigner vun der Regierung. Et ass en

Zeeche vu Schwächt, wann een amplaz mat Argumenter mat schwéiere Strofen iwwerzeegen muss.

Dat bréngt mech dann zum nächste Punkt. Grad ewéi d'Strofe solle grouss Zuelen Angscht maachen. D'Zuele vun der Covidmortalitéit, wéi se erfaasst an de Leit schliisslech vermëttelt ginn, si méi wéi zweifelhaft.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Wéi d'Regierung an hirer Äntwert op eis parlamentaresch Fro mat der Nummer 2112 erkläert hat, gëtt hei net kloer ënnerscheet, ob e Mënsch mat oder duerch de Covid gestuerwen ass. Jidderee, dee mat engem positiven Test verstierft, gëtt als Covidoudege gezielt, egal ob dësen iwwerhaupt Symptomer hat oder net. Esouguer dann, wann en negativen Test virläit, gëtt en als Covidoudege gezielt, wann de Versterwenen d'Unzeeche soll gehat hunn.

Ass dat e seriösen Émgang mat esou engem wichtige Sujet? Schliisslech sinn et grad d'Symptomer an de Verlaf vun der Krankheet, aus deenen ee schlësse kann, wéi geféierlech eng Krankheet wierkelech ass.

D'Fro vum PCR-Test ass och esou eng Saach. D'Regierung stäipt sech op dësen Test, fir Infektionszuelen ze erhiewen, opgrond vun deenen d'Regierung sech da fir esou drastesch an déifgräifend Moossnamen entscheet, déi eise Rechtsstaat ausser Kraaft setzen.

Et ass scho laang bekannt, dass dëse PCR-Test vill falsch Resultater bréngt. Mëttlerweile si scho Kreeser, déi vun 90 % falsche Resultater schwätzen.

(**Brouhaha**)

Wéi zouverlässeg ass dësen? Do muss ee sech d'Fro stellen: Wéi zouverlässeg ass dësen Test dann iwwerhaupt wierkelech?

(**Coups de cloche de la présidence**)

A wat seet dësen Test aus? Huet ee bei engem positiven Test wierkelech eng aktiv Covidinfektioun oder nëmme just eng onbestëmmte Virepresenz, déi keng Bedroung duerstellt?

■ **M. Marc Hansen (déi gréng).** - Wat ass d'Source vun där doter Revendicatioun?

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Wéi weess een, dass déi Symptomer, déi een hat - wann och nëmme weéne Leit iwwerhaupt Symptomer hunn -, duerch de Covid an net duerch eng aner Infektioun oder Gripp kommen? Alles dat misst emol eng kéier genau gekläert ginn.

Dës Verlängerung vun de Covidgesetzter an hir extreem Verschäerfung, iwwert déi mer haut ofstëmmen, huet eigentlech keng Grondlag. Et feelt nach ëmmer eng objektiv Analys vun der Situatioun. Kann een heibannen eis soen, wéi vill vun den Infektionszuele vum Covid-19 stamen a wéi vill vun anere Viruskrankheeten?

Sécher brauche mer Virsiicht. Mir brauche kloer an transparent Virschreften a Reegelen am Émgang mat dëser geféierlecher Viruserkrankung. Wat mer net brauchen, dat ass Panikmaacherei an exzessiv Moossnamen. Mir bezweifelen, dass d'Regierung hei déi richtig Aemooss huet. Mir bezweifelen, dass déi drastesch Moossnamen a Proportionalitéit stinn zum Risiko. Mir hätte gären eng Diskussioun ouni Angschtmaacherei, ouni Krichsrhetorik wéi mat der Ausgangsspar, ouni onsënneg Moossnamen. Mir wellen eng Politik, déi d'Leit mathëllt, a keng Regierung, déi d'Leit behandelt, wéi wa se Géigner wieren.

Ech hätt awer nach dräi Klosterstellungen oder Froen. An do ass emol déi éischt: Wéi ass et mat eise Leit, déi op der Strooss liewen? Wéi gëtt sécher gestallt, dass an der Ausgangsspar dës Leit en Iwwerdaach hunn? Well et muss ee liesen, hei ass den offizielle Communiqué vun der Regierung, dass dës Leit zwar den 2. November ënnerdaach kommen, mee wéi ass et da vun den Owend oder muer den Owend u bis den 2. November? Déi Fro steet am Raum. An duerno gi se jo dann iwwerholl vun deenen Institutionen.

An dann, aus dem Sport hätt ech och nach gären eng Klosterstellung oder eng Informatioun.

Den Text gesäit vir, de « Championnat dans la division la plus élevée de la catégorie de sport respectif au niveau senior », dass wier erlaabt. Mee elo ass d'Fro ganz kloer, ech komme jo aus dem Foussballberäich. Da gëllt dat jo fir d'BGL Ligue fir d'Männer. Mee wéi ass et da bei der éischter Ligue fir d'Dammen an der éischter Ligue am Futsal? Ech mengen, da misst dat jo och gläichgestallt sinn, well mer kënnen jo d'Fraen a mengen Aen net diskriminéieren, soss hu mer jo och do erëm e Problem.

(**Brouhaha et interruptions**)

Ech sinn ëmmer frou mat den Dammen.

(**Hilarité**)

An da kommen ech nach zum leschte Punkt.

(**Coups de cloche de la présidence**)

Meng Zäit ass iwwerschratt, Här Baum. Ech hätt awer nach e leschte Punkt. D'Regierung huet jo de

Message ginn: „Iwwerleet, ob dat muss gemaach ginn, soss bleift doheem!“ Dee Message wéi och d'Moossnamen, déi hei am Gesetz verankert sinn, hunn awer en Afloss op verschidde Beräicher wéi Horeca, Evenementer, Kultur an esou weider. Dës Beräicher bréngen elo Sacrificer am Interessi vun der Allgemengheet. Da soll d'Regierung och Stellung huelen, wéi si deene Betriber hëllef, well dës hu jo manner Revenuen oder deels guer keng, jee no deem, wéi et ass. Ass do eppes virgesinn? Do misst jo menger Meinung no och eppes kommen.

Zum Beispill an Däitschland, do gëtt dat esou gehandhaabt, do kréien déi Betriber een Ausgleich bis 75 % - et kann och méi sinn, dass ass elo eng aner Fro - garantéiert op dee Revenue, dee se d'lescht Joer am November haten. Ech mengen, déi hunn déi Decisioun geholl. An et wier jo net schlecht, wann eis Regierung op en änleche Wee géif goen.

Ech géif lech da Merci soe fir d'Nolauschteren. Meng Zäit ass leider ofgelaf. Ech hätt nach zwou Säiten, mee ech géif da schlëssen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet. A mir stëmmen dergéint.

(**Brouhaha**)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Engelen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Et ass komesch, dass een d'Gefill huet, dass een dat awer elo nach eng kéier prezisiéieren muss: Dee Virus, dee gëtt et an deenen ass geféierlech! En ass vill méi geféierlech wéi eng ganz normal Influenza, déi mer kennen, déi mer déi lescht Joren a Joerzëngten ëmmer erëm erlieft hunn, eng Influenza, déi och kann déidlech sinn, déi och ka ganz schliëmm Konsequenzen hunn. Deen heite Virus ass méi geféierlech, duerfir muss mer och weesentlech méi oppassen, wéi mer domadder ëmginn.

An d'Situatioun am Moment ass eescht. D'Zuel vun den Neiinfektiounen ass ganz héich. Se erreicht Picken, déi mer virun net kannt hunn. Am Moment hu mer dräimol méi aktiv Infizierter wéi um Héichpunkt vun der éischter Well. Dat spigelt sech och an de Kläranlagen erëm. A weesentlech dobäi ass och d'Zuel vun den Hospitalisatiounen, souwuel op den Intensivstatiounen wéi och op den normale Better, déi beluecht sinn, déi och ganz staark an d'Luucht ginn, wuel wëssend, dass deen Trend eleng bei den Zuelen, déi an der Vergaangenheet waren, och riskéiert, nach weider an d'Luucht ze goen. An et si virun allem och ëmmer méi eeler Leit, déi sech ustiechen, dass heescht, d'Infektiounen bei der Bevëlkerungsgrupp, déi zu deene Vulnerabele gehéiert, geet an d'Luucht.

Wat d'Situatioun awer nach méi eescht mécht, dass ass, dass d'Personaldecken an de Spideeler ganz dënn ass. Dat huet seng Grënn. Dat huet och zum Deel politesch Grënn, wéi d'Spidolswiesen organisiert ass, dass et ëmmer ganz nom liberalen „just in time“ geet, dass verschidden Aktivitéite ganz kommerziell mussen funktionéieren. Dat huet domadder ze dinn.

D'Situatioun ass awer och bedenklech, well den Tracing, wéi mer e kannt hunn - wéi eis ëmmer erzielt ginn ass, e ganz performante Moya, fir Infektionskette fréizäiteg kënnen ze ënnerbriechen -, deen Tracing funktionéiert net méi, op jidde Fall net méi esou, wéi mer e kannt hunn, soudatt elo d'Responsabilitéit komplett individualiséiert gëtt.

An drëttens, d'Clusteren: Dat, wat mer geduecht hunn iwwert déi verschidde Moyenen, déi en place gesat gi sinn an der Vergaangenheet, dass mer d'Méiglechkeet hätten, Clusteren éischters fréizäiteg ze erkennen an iwwerhaupt kënnen ze identifizéieren, do mussen mer feststellen, op jidde Fall Stand haut, menges Wëssens - a mir hu bis elo ëmmer gesot krut, dass et esou grouss Clusteren zu Lëtzebuerg net gi wier, dass et mol e kleng Cluster an engem Betrib gi wier, mol an enger Famill -, dass Clusteren als grouse Phenomeen net identifizierbar sinn.

Dat heescht, mir sinn an enger Situatioun, wou mer net wëssen, wéi a wou de Virus sech genau iwwerdréit. An dat ass d'Situatioun, wou mer elo sinn, also am Ufank oder matzen dran - dat gesi mer nach - vun enger zweeter Well.

An deen alleréischte Constat, deen ee maache muss, ass, dass eise Frühwarnsystem apparentment net funktionéiert huet, soss géife mer haut net hei stoe bei deenen Zuelen a Mesuren unhuelen.

An dat anert, an dat ass awer elo e bësse méi batter, dass ass, dass een den Androck net lassgëtt, dass d'Regierung awer net preparéiert ass op dës Well an op dës Situatioun. Se ass et net an hirer Kommunikatioun, an där se sech widderprécht. Se ass et och net an der Logistik, wou am Moment händierend no Leit gesicht gëtt, fir dat iwwerhaupt kënnen ze stemmen. A se ass et awer och net legisteschesch, well et dauert ganz laang vun enger ugekënnegter Annonce un, bis dann e fäerdeg



Text iwwerhaapt do läit. An et ass net d'Chamber, déi Decisioune retardéiert, mee et ass d'Exekutiv, déi ganz laang Zäit brauch, fir Texter ze redigéieren.

Ech mengen awer, datt mer e klore Kapp behale mussen, datt mer müssen oppassen, net hysteresch ze ginn, net an déi eng oder an déi aner Richtung ze iwwerdreien. Well och wann de Rapportier ganz dacks esou eng Krichsrhetorik benotzt huet - „Am Kampf“, „am Krich géint de Virus“ -, mengen ech awer, a wann een an där Rhetorik bleiwe wëllt, datt eis stäerkste Waff de Verstand ass, eis Veronft, rationaalt Handelen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *rapporteur*.- Dat hat ech an enger viregter Ried gesot.

■ **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- An ech mengen, datt mer och schonn Erfarunge gemaach hunn an der éischter Well. Mir hunn an der éischter Well e ganze Set vu Mesuren en place gesat gehat, déi mer am Deconfinement konnte mol méi, mol manner adaptéieren. A mir hunn eigentlech gutt Erfarunge gemaach. Well wann ee gesäit, wéi sech d'Zuele vun den Affer zu Lëtzebuerg entwéckelt hu par rapport zu Frankräich an der Belsch, déi aner Mesuren haten, da mengen ech, datt ee ganz gutt bestallt wier, sech un deenen eegenen Erfarungen, un deem eegene lëtzebuergeresche Wee ze orientéieren amplaz dorunner, wat aner Länner gemaach hunn.

An da komme mer bei dësen Text. Een Text, wou een d'Gefill net lassgëtt, no all deenen Erfarungen, déi mer gemaach hunn, och no all deene Mesuren, déi en place sinn, datt d'Regierung elo aus der Héft schéisst - och erëm e Krichsbild.

Et stellt ee sech nämlech d'Fro: Wat ass d'Zil vun dësem Gesetz? Oder wat misst et zumindest sinn?

Am Exposé des motifs ass et eigentlech ganz gutt erkläert. D'Zil muss sinn, datt mer Mesuren ergräfen, fir datt d'Iwwerdroung vu Mënsch zu Mënsch esou schwéier wéi méiglech fir de Virus gemaach gëtt. Dat heescht, et geet drëm, déi kierperlech, déi physesch no Kontakter méiglechst ze reduzéieren.

An d'Fro, déi mer eis stelle mussen, ass déi: Sinn d'Mesurë vun dësem Text dann zilféierend? Bréngt dat dann eppes, fir d'mënschlech Kontakter weesentlech ze reduzéieren? Si se proportional? Also ass dee Moyen, deen ee benotzt, an engem Verhältnis zu engem Zil, wat een erreeche wëllt?

An do muss ech lech soen, do ass eng vun deenen Haaptmesuren - also, et si Mesuren dran, déi dat sinn, déi aus deem Beräich kommen, déi mer och schonn duerchexercéiert hunn, véier Leit am Horeca-Beräich respektiv am Privaten, dat sinn alles Mesuren, déi mer scho kennen a mat deene mer Erfarunge gemaach hunn -, déi hei elo nei derbäikënn, do muss sech déi Fro stelle vun der Proportionalitéit, well et ass eng extreem aschränkend Mesure: D'Leit därfer vum 23.00 Auer bis 6.00 Auer moies, also siwe Stonnen, net méi aus dem Haus, ausser mat kloer definéierten Ausnahmen. D'Leit gi quasi doheem agespaart, wat eng ganz komesch an nei Situatioun ass par rapport zu deem, wat mer kennen.

An ech sinn der fester Iwwerzeegung dovunner, onofhängeg vun de liberticidé Grondrechtsfroen, déi sech mat der Fro vum Couvre-feu verbannen, datt et eng Mesure ass, déi näischt bréngt, well déi meeschten tëschemënschlech Kontakter fannen net tëschent 23.00 Auer a 6.00 Auer moies statt. Se ass disproportionéiert en vue dovunner, wat se fir e staarken, incisive Charakter huet.

Ech sinn e Mënsch, als Deputéierten hunn ech ganz vill mënschlech Kontakter, an ech sinn och e ganz groussen Horeca-Gänger. Mee awer tëschent 23.00 Auer a 6.00 Auer moies, do fannen net meng allermeeschte sozial Kontakter statt. Also ass et a mengen Ae wierklech e falsche Moyen, fir en Zil ze erreechen. An et ass net nëmme mat Kanounen op Spatze geschoss, mee et ass einfach mat Kanounen an d'Luucht geschoss an der Hoffnung, iergendeppes ze treffen. An et ass eng grouss Gefor derbäi, datt mat deem Couvre-feu hei zu Lëtzebuerg, dee jo richtegerweis eng Krichsmesure ass an dee mer fir d'leschte Kéier hei zu Lëtzebuerg am Krich haten, e Prezedenzfall geschafe gëtt. An ech fannen dat och virun allem ganz bedenklech, well awer eng wierklech seriö wëssenschaftlech Grondlag feelt fir ze soen, datt dat do iwwerhaapt eppes bréngt.

Och iwwert d'Kollateralschied vun engem Couvre-feu ass bis elo net geschwat ginn. Do hu mer och guer keng Informatiounen kritt. Komescherweis ass an deene Länner, wou de Couvre-feu duerchgesat ginn ass - also zu Lëtzebuerg hu mer e jo net gehat an der éischter Well -, och d'Zuel vu de Violence-domestiquen an d'Luucht gaangen, massiv. D'Regierung huet souguer misse géigereagéieren a Frankräich, well déi Zuel massiv an d'Luucht gaangen ass.

A wann ech da gesinn, datt am Paragraf 8 vun deem Artikel iwwert de Couvre-feu och nach dra-

steet, datt et zwar erlaabt ass, nuets tëschent 23.00 a 6.00 Auer mat sengem Hond trëppelen ze goen, mee datt et de facto praktesch onméiglech ass, an enger Koopel, wann ee mierkt, elo ass et amgaang, elo fänken d'Lompen un ze sténken, elo ass Buttek, deeskaléierend kënnen ze soen: „Esou, ech ginn elo mol eraus en Tour ëm de Block dréien a Loft schnapen“, da fannen ech dat wierklech ganz bedenklech an ech fannen dat och erëm eng Kéier dat falscht Signal!

Ech mengen, de Couvre-feu ass aus der Héft geschoss. Et ass Symbolpolitik, déi gemaach gëtt, Symbolpolitik, déi zillos ass, op jidde Fall zilverfeelt, Symbolpolitik um Réck vu Grondrechter.

An da kënn awer d'Fro: Natierlech menge mir och, datt mer eppes maache mussen, datt mer net einfach kënnen d'Situatioun esou weidergoe loossen. Mee ech fannen, déi Oppositoun, déi hei probéiert gëtt, vun der Regierung duerststellen, nämlech tëschent engersäits entweeder e Couvre-feu maachen oder e komplette Lockdown, ech mengen, datt déi falsch ass, déi Oppositoun. Ech mengen, datt et ganz vill Saachen dertëscht gëtt, déi ee maache kéint.

Ech géif et zum Beispill weesentlech méi sënnavoll fannen, et géif een iwwer partiell Lockdowne kënnen schwätzen, zum Beispill am Horeca-Beräich, dee mat de Mesuren, déi am Moment en place sinn, nämlech véier Leit pro Dësch, fir vill Leit näischt anescht bedeit, wéi datt se ausbludde gelooss ginn. Mee dann ass et méi kohärent, et seet een: Mer maache véier Woche laang dee ganze Secteur zou! Mee et géng een hinnen dës Kéier awer wierklech hëllefen, iwwert de Chômage partiel eraus, iwwert d'Froen, fir de Loyer ze immuniséieren. Mer kucken, dee Secteur um Liewen ze halen, amplaz datt mer en hei ausbludde loosse mat esou enger Mesure.

Et ginn awer och ganz vill aner soft Mesuren, déi ee kéint huelen. Ech fannen et zum Beispill nach ëmmer keckeg, datt an der CFL an an de Busse keen Desinfectant do ass. Do géif ech awer soen, duerfir brauch ee kee Gesetz, duerfir brauch een och kee Couvre-feu, fir esou eng sanitär Mesure einfach anzeféieren. Et brauch ee mol, mengen ech, kee Règlement grand-ducal, fir esou eppes ze maachen. Déi Saache feelen!

Et ass virdru vill iwwert de Schoultransport diskutéiert ginn. Wësst Der, ech si schonn erstaunt, wann ech dann awer de Minister héieren, dee seet: „Jo, mer müssen do nach Etüde maache fir erauszefannen, ob dat da wierklech net gutt ass, wann d'Leit wéi d'Hierken an der Tonn do setzen.“ Also, ech fannen, do ginn et wierklech Mesuren, déi d'Regierung vill éischter kéint huelen a wou een net misst esou en incisive Charakter hunn.

Dann nach eppes zur Vitess vun Decisiounen. Am Juni, wéi mer en éischten, alleréischte virleefegen Tëschebilan gezunn hunn, hunn ech hei gesot: „Mir hunn elo esou vill Mesurë geholl iwwer Règlement grand-ducal a mer wësse mat enger relativ grousser Warscheinlechkeet, datt et am Hierscht erëm lassgeet. Kommt, mir ginn dohinner, all déi Texter, déi do iwwer Règlement grand-ducal geschriwwen gi sinn, maacht se a Gesetzform an dann diskutéiere mer déi an deene jeeweilege Chamberskommis-siounen, mer diskutéiere se souguer scho mam Staatsrot, fir datt, wa wierklech eng Kéier de Moment komm wier, wou mer missten eppes zoumaachen, mer se kënnen eraushuelen. Den Avis vum Staatsrot brauch e puer Stonnen, well den Austausch scho stattfonnt huet. A mer kënnen innerhalb vu 24 Stonnen hei als Chamber selwer doriwwer decidéieren!

Dat ass net geschitt, an dat ass dat, wat elo feelt. Dat ass d'Netpreparatioun vun der Regierung op dës exceptionnel Situatioun.

An dann eng allerlescht Remark. Et gëtt gesot, ëmmer erëm, an dat hunn och e puer Riedner hei ervirgestrach, jiddweree wier Deel vun der Léisung. Dat ass richtig! Mee ech hunn awer och e bëssen e schlecht Gefill dobäi, well ech hunn am Moment den Androck, wéi wann ëmmer méi esou d'Verantwortung vun der Kollektivitéit, vun den Institutionen iwwerdroe gëtt op déi eenzel Leit. An ech mengen, et ginn awer kollektiv Verantwortungen, déi d'Institutione müssen iwwerhuelen. An ech fannen et zum Beispill duerfir net richtig, datt ee seet op där enger Säit: „Bleif doheem!“, an op där anerer Säit: „Mer loosse den Horeca op.“ Well dat bedeit näischt anescht, wéi datt jiddweree selwer elo mol mat sengem Gewëssen an d'Rengt misst kommen: Soll ech dann elo nach wierklech an de Bistro goen oder net? Dat si Choixen, déi een an esou enger Situatioun, mengen ech, net sollt de Leit iwwerloossen.

Mir mengen, datt et richtig wier, op de Wee ze goen vun engem partielle Lockdown, deen et de Leit géif erméiglechen, wierklech ze iwwerliewen.

An dann als leschte Saz: De Rapportier huet gesot, datt de Géigner de Virus ass. Ech mengen, datt dat stëmmt. Mir müssen awer och drun denken, datt de Géigner net deen ass, deen de Virus huet.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Marc Baum. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt emol wollt ech ganz kuerz nach dem Här Engel an Erënnerung ruffen, datt et, an dat huet e jo elo déi lescht Minutte gesinn, méi wéi eng Oppositions-partei gëtt an datt een an Zukunft vläicht, wann ee vun der Oppositoun schwätzt, dat dach e bësse méi differenzéiert ka maachen, wéi just vun enger Partei ze schwätzen.

Dann direkt déi zweet Äntwert, déi geet un den honorabele Kolleg Jeff Engelen, deen hei dach tatsächlech vun 90 % falschen Tester fabuléiert huet. Ech weess net, vu wou en déi Zuel huet, wéi en dorobber kënn oder wat e virdru gedronk hat, wéi e se sech zurechtgesponnen huet, mee ganz éierlech, et ass lächerlech!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Wa mir hei am héijen Haus mat esou offensichtliche Falschnouvellen erausginn an dann iergendeen dobaussen tatsächlech nach kéint mengen, dat wär richtig, ass dat irresponsabel! Dat ass quasi schonn de Geck mat de Leit gemaach. Ech denken, datt mer do wierklech sollten eis heibanne mat enger gewëssener Retenue üben. Well gitt emol eng Kéier an e Spidol kucken an da sot den Dokter, 90 % vun den Tester wäre falsch. Déi wäerten lech scho soen, wou déi 90 % richtig Tester leien!

An da vläicht eng Nott perséinlech. An nee, Här Kartheiser, ech ginn lech net d'Recht, eng Fro ze stellen, well ech hunn den Här Engelen adresséiert an net lech. Dee ka sech sécher selwer verteidegen.

An dann, Här Engelen, firwat dot Der eng Mask un, wann Der mengt, de Virus géif net existéieren?

■ **Une voix**.- Dat huet e jo net gesot.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Bref. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat aus der Welt geschaaft, merci Här Rapportier fir de Rapport. Merci awer och all deenen, déi gehollef hunn, datt dee Rapport zustane kouw.

Mir haten eng ganz konstruktiv Zesummenaarbecht an där Kommissioun. An och wann een um Schluss net alles matdréit, wat an deem Rapport steet oder am Gesetz steet, heescht dat net, datt net jiddweree vun eis säi Bescht gemaach huet, fir datt et e bessert Gesetz soll ginn. Well mir hunn als Chamber eng Responsabilitéit ze iwwerhuelen a mir müssen zesummen eist Beschtméiglecht maachen, fir eist Land a seng Mënschen esou gutt et geet duerch dës Kris ze begleeden.

Eist Bescht ass sécher net, der Regierung einfach nozelafen, mee natierlech och net, reng poleemesch an onkonstruktiv Kritik ze üben. Eist Bescht ass och sécher net, näischt ze maachen. Wat geschitt, wann een ze laang hesitéiert, hu mer an de leschte Woche gesinn. D'Regierung huet d'Vollek fir divers Pressekonferenze virun d'Télee geruff, just fir dann ze soen, datt keng nei Mesurë gebraucht géife ginn. An elo sinn awer Mesuren néideg.

Dat war kloer e Kommunikationsfeeler. D'Regierung huet ze spéit reagéiert, well wann ee sech op d'Coronastep-Etüde berëfft, da gesäit ee schonn am September, datt mer um Niveau vum Juni/Julikum waren. Net am Oktober, am September! Dat heescht, mir hätten éischter kënnen reagéieren. Mir hätten éischter misse reagéieren. An trotzdem sollte mer eis net mat der Vergaangenheet beschäftegen, mee domadder ze kucken, wéi mer duerch déi Well hei duerchkommen.

An do kommen ech dann och op de Fong vun dësem Text. Den Text ass séier gestréckt gi mat der waarmer Nol, mat der ganz waarmer Nol. En ass ganz anescht haut wéi dat, wat e war, wéi en hei erakomm ass. Firwat? Well de Staatsrot, mee och d'Chamberskommissioun hir Aarbecht gemaach hunn. Well se Feeler verbessert hunn, deelweis grondrechtswiddreg Aschränkungen nach opgehuewen hunn.

Ech fannen eng ganz Rëtsch vun de Mesuren an deem Text gutt. A léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech maache keen Heel doraus, datt den Text mat enger Ausnam d'Zoustëmmung vun de Piraten fënnt. Mir hu scho virun dräi Woche proposéiert, datt mer sollten d'Zuel vun de Visiteuren doheem erofsetzen. Mir hu schonn am Abrëll hei op der Tribün gesot, mir sollten eng Begrenzung an de Grande-surfaces op Basis vun de Meterkareeën huelen. Zwou Mesuren, déi elo am Text stinn.

Erwaart also net vu mir eng ganz ondifferenzéiert Kritik hei un deem Text. Mee, an dat muss een och soen, eis feelt eppes an deem Text. Et feelt eis dran, kohärent ze sinn. Et feelt eis dran, fir engersäits net nëmmen d'Privattreffen ze limitéieren an e Couvre-feu ze verhängen, mee och d'Diskussioun iwwert den ëffentlechen Transport, iwwert d'Schoulen nach eng Kéier, d'Maison-relais, well grad dat si Plazen, wou méi wéi zéng Leit zesummekommen. Dat sinn

déi Plazen, wou mer d'Distanciation physique och nach ophiewen zu engem groussen Deel. Do mussen mer usetzen, well, an dat sollte mer net verheemlechen, mir wëssen alleguerten, datt d'Ustiechungen haut iwwerall geschéie kënnen.

An ech verweise vläicht och do op en interessanten Artikel vun der „El País“, déi elo eng Studie couvériert huet, wéi ee sech an engem Raum duerch d'Aerosollen ustieche kann, ofhängeg vun deene verschiddenen Zenarien. A jo, och do, an dat kann ech zouginn, huet d'Regierung Recht gehat, wéi se gesot huet: „Léift!“ Well dat reduzéiert effektiv d'Infektiounszuelen. Mee d'Studie weist awer och, datt dat net duergeet, datt eng Maskeflecht zum Beispill awer néideg ass, fir zesumme mam Duerchbruch derzou ze féieren, datt d'Leit sech manner ustiechen.

Wat d'Zich an d'Bussen ugeet, hätt misse vun Ufank u méi konsequent op méi héich Capacitéite gesat ginn. Jo, net iwwerall ass et méiglech. Mee do, wou et méiglech ass, soll et gemaach ginn. Et muss och d'Personal an deem ëffentlechen Transport besser geschützt ginn. Do gouf et Versäumnisse. Ech mengen, et gouf elo grad geschwat vun Desinfektiounsgel. Dat si Saachen, do kéint de Staat als deen, deen den RGTR ausschreift, natierlech Afloss huelen.

Leider hu mer awer d'Gefill, datt mer hei generell net wierklech weiderkommen. Mir brauchen iwwerall méi Leit, méi Material, méi Ressourcen. Ressourcen, Material, Personal, wat deelweis net do ass. A firwat ass et net do? Ma well mer eis net laang genuch préparéiert hunn. An och dat gouf scho vu Kolleegen hei gesot.

Mir hätten eis éischter kéinte préparéieren. Mir hätten eis éischter misse préparéieren, um reglementaire Wee, um legale Wee, awer och ganz einfach um logistesche Wee.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Kontakter gesetzlech op véier Persounen ze limitéieren ass gutt. Mee wie sech an der Vergaangenheet net un d'Limitatioun vun zéng Visiteure gehalen huet an illegal Partien am Bësch organiséiert huet, wäert sech elo och net vun enger Limitatioun vu véier dovunner ofhale loosse, an iwwregens och net vun enger ominéiser Ausgangsspär, déi d'Regierung sech offensichtlech bei eisen Noperen ofgekuckt huet, ouni ze evaluéieren, wat esou eng Aschränkung bedeit a wat fir en Notze se bei eis kann hunn. Well op d'Fro, wéi eng wëssenschaftlech Basis eng Ausgangsspär dann hätt, war d'Äntwert: „Et gëtt keng wëssenschaftlech Evidenz, well d'Kris ass jo esou nei. Mir mengen, datt dat dat Richteg ass.“ An dat hu mer och bei de Riede vun der Majoritéit haut héieren: „Mir hoffen, datt dat heiten déi richtig Mesure ass.“

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir geet dat net duer. Mir geet et net duer, Grondrechter anzuschneiden um Prinzip Hoffnung. Ech erwaarde mer, datt et, wann een esou eng incisiv Moosnam hält, Fakte gëtt derfir. Net Héieresoen, net e Bauchgefühl, net eng Stëmm aus dem Himmel, net eng Tablett, déi een op iergendengem Bierg fonnt huet, nee, wëssenschaftlech Fakten.

An duerfir, Här President, wäert et lech net wonnere, datt mer den Artikel 3 aus dësem Gesetz, deen d'Ausgangsspär wëllt aféieren, net wëlle matdroen. An ech iwwerreechen lech eng Demande, fir eng Division de vote ze maachen. Wannechgelift.

(M. Sven Clement dépose une demande de vote séparé sur l'article 3 du projet de loi n° 7683)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Domadder kënnen mir nämlech engersäits den Artikel 3 ofleenen a falls sech eng Majoritéit géif fannen - et kann ee jo ëmmer hoffen, esou wéi d'Regierung dat mécht -, da kéinte mer dee ganze Rescht vum Projet matdroen. Ech hunn awer selte wéineg Hoffnung derfir.

Insgesamt froe mer eis awer och, ob d'Regierung sech bewusst ass, wat fir Konsequenzen et fir Kulturschafender, kleng Commerçanten an d'Horeca huet, wa si keen offizielle Lockdown mécht an de Leit trotzdeem réit, just nach déi Kontakter ze hunn, déi onbedéngt néideg sinn.

Soulaang et keen offizielle Lockdown gëtt, wäerten Independanten a Betriber keng nei Ënnerstützung kréien, obwuel déi ministeriell Recommandatiounen dem potenzielle Client ganz kloer soen: „Bleif doheem!“ Wéi solle Restauranten, Theateren an Muséee geféllt ginn, wann d'Leit just nach hir essenziell Displacement solle maachen? Dat geet net.

Hei kann d'Regierung elo net maachen, wéi wann alles an der Rei wär an ee ganz normal sengem Geschäft weiderhi kéint nogoen. D'Opfuerderung, doheem ze bleiwen, muss, offizielle Lockdown hin oder hier, vun der Bereetstellung vu gewëssen Aidë begleet ginn, soss loosse mer all déi Leit, déi sech an hire Commerce esou just nach duerch de Lockdown gerett kruten, an dëser Well erdrénken.

Mir deposéieren awer, well mer en zweete Mangel gesinn hunn, haut och nach eng Motioun; eng Mo-



tioun, déi drop insistéiert, datt mer e klenge Mëssel behiewen. Dee klenge Mëssel ass awer fir vill Leit e grouse Mëssel, well et ass esou, datt am Chômage partiel virgesinn ass, datt ee seng Demande fir den November bis den 12. Oktober muss age-reecht hunn. Den 12. Oktober, Dir erënnert Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, huet nach kee vun dësen neie Mesurë geschwat. Den 12. Oktober ass also laanschtaangen an eng ganz Rëtsch vu Betriber hu keng Demande gemaach; Betriber, déi awer elo no Ausso vum Aarbechtsminister dierfte vum Chômage partiel profitéieren, well se jo éischter zoumaache mussen.

Duerfir deposéieren ech eng Motioun, déi verlaangt, d'Areche vun der Demande fir de Chômage partiel fir de Mount November bis op den 12. November ze verlängeren. D'Regierung kann dann hei déi néideg Mesuren huelen, falls dat d'Zoustëmmung fënn.

Motion 1

D'Deputéiertechamber stellt fest:

dass d'Gesondheetsministesch den 23. Oktober 2020 an enger Pressekonferenz gesot huet, dass eng „Beschränkung op dat Weesentlecht“ virum Hannergrond vun de steigende Covid-19-Infektionszuelen elo wichteg wier;

dass de Premierminister an der Pressekonferenz vum 23. Oktober 2020 betount huet, dass d'„Interaktioun tëschent de Leit muss esou kleng wéi méiglech bleiwen“;

dass vill Leit besuergt sinn ëm hir Gesondheet an ëm déi vun hire Léifsten an dofir hir Displacementer a Kontakter aschränken, fir esou zu enger Baisse vum Infektionsstaux bäiziedroen;

dass vill Independanten ëmmer nach schwéier mat de Konsequenze vum Lockdown ze kämpfen hunn, an duerch déi rezent Demande säitens der Regierung, sech op dat Weesentlecht ze beschränken, elo nach emol risquéieren, während mindestens engem Mount manner Klienten an/oder Opträg zu hunn;

dass d'Regierung sech am Koalitionsaccord d'Zil gesat huet, „Menschen, die von Armut und sozialer Ausgrenzung bedroht sind, mit den erforderlichen Ressourcen auszustatten, damit sie in vollem Umfang am wirtschaftlichen, sozialen und kulturellen Leben teilnehmen können“;

dass d'Demandé fir de Chômage partiel fir de Mount November hu misse bis den 12. Oktober 2020 agereecht ginn;

dass den 12. Oktober 2020 nach net gewosst war, dass Enn des Mounts géifen nei Covidmesurë gëlen.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:

den Delai fir d'Areche vun der Demande fir de Chômage partiel fir de Mount November bis op den 12. November ze verlängeren.

(s.) *Sven Clement.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Här President, ech hoffen, et ass mer gelongen, däitlech ze maachen, datt eist Land trotzdeem virun enormen Erausforderunge steet, och wann d'Analys, wéi ee se ugeet, ënnerschiddlech ass. Et gi sanitär Problemer an de Schoulen, am öffentliche Transport, an d'Horeca kämpft dobaussen ëm hir Existenz. An alles, wat mir hei virleien hunn, fir der aktueller Situatioun Här ze ginn, ass eng fir eis inakzeptabel Ausgangspär an eng Limitatioun vun der Unzuel u Persounen, déi sech privat dierfen treffen, déi ze laang op sech waarde gelooss huet an déi eleng einfach net duergeet.

Wann d'Regierung weiderhin d'Ae virun de Brennpunkten an eisem Land verschléisst, kéint dës Infektionswell eis nach vill méi schwéier treffen. Et kéint aus der Well en Tsunami ginn.

Ech soen Iech Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. Den Här Kartheiser freet d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, Här President. Ech mengen, ech wëll elo dem Här Clement keng Fro stellen, well en huet mer d'Wuert jo net ginn. Mee ech wëll allgemeng eng Bemierkung maachen, wéi mir hei am Parlament mateneen ëmginn.

An et ass, mengen ech, wichteg, och aus Respekt virun dësem Haus, datt mer eng gewëssen Héiflechkeet hunn, wa mer iwwereneen oder matenee schwätzen. Den Här Clement huet mech och schonn eng Kéier en ale wäisse Mann genannt. Dat ka seng Meinung sinn. En huet dat awer och hei an der Plenië gemaach. En huet haut mengem Kolleeg Jeff Engelen ënnerstallt, en hätt Alkohol gedronk, ier en hei geschwat hätt.

Ech wëll dem Här Clement soen, datt ee sech an engem Parlament ënner Mënschen an ënner Deputéierten net esou soll verhalten. Wat de Contenu vun Här Engelen senger Deklaratioun ugeet, kann

hie roueg eng aner Meinung hunn. Ech wëll just soen: Et gëtt ganz ënnerschiddlech Tester mat ënnerschiddlecher Sensibilitéit an ënnerschiddlecher Zouverlässigkeet, et ass net illegal oder illegitim, op déi Onsécherheeten opmierksam ze maachen. Den Här Engelen huet dat Recht! Här Clement, Dir kënnt eng aner Meinung hunn, dat ass Äert Recht.

Awer mäi Punkt, deem ech hei wëll maachen, an ech mengen, datt och vill Kolleegen deem heibannen deelen, dat ass, datt mir et eis an eise Wieler schëlleg sinn, eis géigesäiteg ze respektéieren an héiflech ze behandelen.

Ech soen Iech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Clement wëllt dorobber reagéieren.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President, datt Der mer d'Wuert nach eng Kéier gitt. Ech hu mat kengem Wuert insinuéiert, datt den Här Engelen hei viru senger Ried gedronk hätt.

(Brouhaha)

Ech hunn eng Tournure de phrase benotzt, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... an déi huet sech op d'Schreiw vu senger Ried bezunn, wat eppes ganz anescht ass wéi hei sur place, bref.

Dat Zweet ass: Den Här Kartheiser huet elo grad vu Meinungen iwwer Fakte geschwat. Ech fannen näischt méi geféierlech, wéi wann dëst héicht Haus der Meinung wier, datt Meinungen an der Wëssenschaft méi héich ze bewäerte wäre wéi Fakten. Well Wëssenschaft baséiert op Fakten an net op Meinungen, a mir géife gutt drun doen, an dat hunn ech a menger Ried och méi wéi eng Kéier gesot, eis op wëssenschaftlech Fakten ze beruffen an net op e Bauchgefill oder op Meinungen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. An elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

Prises de position du Gouvernement

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, e grouse Merci. Ech sinn och heihinner komm fir en Text, dee vun der Santé deposéiert ginn ass. Mee ech wollt als Regierungschef fir d'éischt den Institutiounen Merci soen. Ech wollt der Chamber Merci soen, ech wollt dem Conseil d'État Merci soen, ech wollt dem Rapporteur Merci soen, ech wollt de Membere vun der Kommissioun vun der Santé Merci soen, mee ech wollt och de Beamte Merci soen, ob dat hei ass, ob dat am Conseil d'État oder och an eise Verwaltungen ass, déi déi lescht Deeg a Woche wierklech eng exemplaresch Aarbecht geleescht hunn.

Ech wëll och direkt hei soen, Här President, dass verschidde Propose fir mech net akzeptabel sinn an ech wäert net op all Kritik agoen, déi vu verschiddene Leit hei gemaach ginn ass. Mee ech wëll just soen, dass ech den Toun vun de Riedner vun der gréisster Oppositionspartei net ubruecht fonnt hu vis-à-vis vun der Seriositéit vum Sujet.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

An och fir iwwer Diktatur ze schwätzen an aner Saachen, ech mengen, dass de Seriö vun der Diskussioun en aneren Toun gefrot hätt.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Staatsminister, den Här Wiseler freet d'Wuert.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Nee, Här President. Ech maachen elo mol hei meng Ried fäerdeg.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Jo, duerno e Fait personnel dofir.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, hei ass e Punkt, ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat do geet iwwerhaupt net!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, hei ass e Punkt, deem a mengen Ae ganz wichteg ass. Hei gëtt gesot, wéi wann een net préparéiert gewiescht wär, wéi wann d'Santé net geschafft hätt.

Här President, ech wëll dat hei net akzeptéieren. Testcapacitéiten, 90 Milliounen Maske si bestallt ginn, 2,5 Milliounen Schutzweste si bestallt ginn, Beootmungsapparater si bestallt ginn, zousätzlech Personal ass bestallt ginn. Da si Pläng fir d'Spideeler mat verschiddene Phasen ausgeschafft ginn. Et ass e Plang ausgeschafft gi mat der Educatioun fir d'Schoulen. Et ass mat Ënnerstëtzung e Logistikzenter fir de ganze Besoin vun de Spideeler gemaach ginn. Et ass permanent Concertatioun gemaach ginn. Et ass e Monitoring mat der Waasserverwaltung gemaach ginn. Et ass e Monitoring iwwert d'Infektiounen gemaach ginn. Et ass en Tracing gemaach ginn, dee konsequent ausgebaut ginn ass.

Ech kann net akzeptéieren, Här President, dass hei gemaach gëtt, wéi wann d'Santé déi lescht Méint net geschafft hätt. Et ass eng exemplaresch Aarbecht gemaach ginn.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - D'Regierung!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - An ech wëll dat wierklech hei ervirsträchen!

■ **voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, ech wëll hei kuerz sinn, mee ech wollt e puer Saache just soen. Dat Éischt ass, dass dat hei eng schwéier Situatioun ass, eng schwéier Situatioun fir eis alleguerten. De 17. sinn ech vu Bréissel erëmkomm, do hunn ech en extrae CONGO och aberuff, Conseil de Gouvernement, well ech der Meinung war, dass et wichteg war, de Punkt ze maachen iwwert d'Situatioun, wéi se war. A mir hunn deem och gemaach. An deem Owend hunn ech mat der Gesondheetsministesch och e Point-presse gehat, wou mer eebe gesot hunn, dass mer an enger Situatioun sinn, wou et wichteg ass, dass jiddweree sech bewosst ass driwwer, wéi eng Responsabilitéit en och selwer dréit. An ech mengen, dass d'Eegeverantwortung, dat ass och vun anere Leit scho gesot ginn, de Pilier ass vun der Bekämpfung vum Virus, d'Eegeverantwortung, d'Responsabilisatioun.

Ech wëll net Premier sinn, ech hunn et schonn hei gesot, an an engem Staat liewen, wou d'Delatioun de Prinzip misst sinn, wou een deem anere wëllt uschmieren, telefonéiere fir ze soen: „Den Noper huet Gäscht!“ Mee mir gesinn awer, dass bei verschiddene Punkten de Respekt vun den Distanciations sociales, oder soe mer alt iwwerhaupt vu soziale Kontakter, net esou agehale gëtt, wéi een et brauch.

An dowéinsten sinn déi nei Limitatiounen, ob dat zäitlech ass, andeem een da vun 23.00 Auer bis 6.00 Auer eng Spär huet, der, déi een och kontrolléiere kann. Well ech sinn och frou, an engem Staat ze liewen, wou net owes ee schelle kënnt fir ze kucken, ob mer zu zwee, zu véier oder zu sechs doheem liewen. Dowéinsten sinn dat heiten Texter, déi sécher schwierig Agrëff sinn an d'normaalt Liewen, an d'Fräiheete vun all eenzelnem Bierger. A mir sinn eis däers och bewosst. An duerfir hu mer och op ee Mount limitéiert de Vott gefrot vun deenen doten Texter, well mer eis bewosst sinn, dass et Moosname solle sinn, déi eppes bréngen.

Hei ass gesot ginn, et soll een ophalen, Moosname just ze huele fir ze behaapten, et hätt ee Moosname geholl. An dann ass zum Beispill vun der App an deem selwechten Otemzuch geschwat ginn. Ech kann Iech soen, ech hat virgëschter e Gespréich mam tschechesche Premier, dat war ee vun deenen éischten, deem d'App hat. Dee steet haut als ee vun deene Schlechtesten do, do huet d'App näischt gemaach.

A fir just eppes ze maachen, fir et ze maachen, fir herno kënnen ze soen: „Mir hunn et gemaach!“, wier déi falsch Saach. Dir hutt et jo matkritt, wann een dat wëllt maachen, da misst et eppes sinn, wat zentraliséiert ass. An d'Regierung mécht näischt, wou och d'Chamber an hirer grousser Majoritéit sech dergéint ausgeschwat huet.

Här President, dowéinsten wëll ech Iech just soen, dass et fir eis alleguerte schwéier Decisiounen waren, dass mer limitéiert Mesurë geholl hunn, och zäitlech limitéiert Mesurë geholl hunn. Mee ech muss Iech ganz éierlech soen, dass mer d'nächst Woch e Moment de vérité hunn. D'nächst Woch e Mëttwoch oder en Donneschen, dat heescht Mëtt vun der Woch, muss mer kucken, wéi d'Evolutioun vun den Zuelen ass. Mir müssen eis däers bewosst sinn, dass déi heite Mesuren déi sinn, déi anticipéieren, eeben och wéinst de Waasseranalysen, déi mer gemaach hunn. Well mer sinn der Meinung, dass et wichteg ass, do ze anticipéieren an net ze waarden, bis een herno d'Better voll huet, mee do au contraire ze anticipéieren.

An dowéinsten wäerte mer d'nächst Woch och nees e Bilan müssen zéien an da wäert ech och d'nächst Woch e CONGO maachen, wou mer dann eeben och iwwert déi Mesurë schwätzen, déi geholl gi sinn, iwwert déi Responsabilisatioun.

An do, muss ech Iech soen, Här President, sinn ech ganz houfreg op d'Lëtzebuerger, wéi d'Leit awer no deem Appell, dee gemaach ginn ass, och d'Gewunnechte geännert hunn. An och d'Butteker: Hei ass gesot ginn, et misst all Buttek nei Dispositiounen huelen, och déi kleng. Gleeft mer et, all Buttek wëllt, dass de Client sech sécher fillt, well all Geschäftsmann weess, dass de Client net méi erëmkënn, wann e sech net sécher fillt a sengem Buttek. An et ass am Interët vum Geschäftsmann, dass en och selwer Mesuren hält a selwer och scho gesot huet: „Zu zwee oder zu dräi am Buttek maximum!“

Dowéinsten, ech mengen, d'Zäit vun der Politique politicienne ass hei eriwuer. An ech héieren zwar, dass normalerweis den Toun an der Kommissioun en aneren ass wéi deem, deem heibannen ass, wa Kameraen u sinn. Mee ech si frou, Här President, dass mer an deem heite Combat et fäerdegbruecht hunn, awer bis elo meeschtens zesummen Decisiounen ze huelen an de Bierger net d'Gefill ze ginn,

dass hei een deem aneren d'Schold wëllt ginn oder de Profit zéie vun enger Kris.

Ech hunn et scho gesot an ech soen et nach eng Kéier: Dës Kris wanne mer just, wa mer zesummenhalen!

Ech soen Iech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Premierminister. Vlächicht direkt fir den Här Wiseler Parole après ministre.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Jo, Här Staatsminister, ech soen, Dir sidd wierklech de Spezialist am Verdréie vun de Wieder. Dat maacht Der all Kéiers, wann Der Iech an den Eck gedréckt fillt a wann Der net méi wësst, wou eran an eraus. Ech akzeptéieren dat einfach net! Ech weess, wat ech gesot hunn, an dat, wat ech gesot hunn, hunn ech gemengt. A wann Der historiesch kuckt, da stëmmt dat.

Dir stoungt hei virun enger Woch bei eis a viru 14 Deeg an Dir hutt gesot: „Mir hunn alles am Grëff, et ass kee Problem, mir geréieren déi Kris!“ Dat ass dat, wat Der hei gesot hat. Déi Zäit hat Der schonn oder Dir wosstt schonn déi Resultater, déi an de Kläranlage waren. Mir wosstte se net! Dir hat se scho vun der Woch 42, wou se massiv an d'Luucht gaange sinn, an Dir hutt net reagiert. Dir hutt eis awer eppes anescht erzielt. Dir hutt eis dat och nach d'lescht Woch erzielt. An zwee Deeg duerno, e Freideg, kommt Der a sot: „Elo ass alles anescht. Elo mussen mer déi Moosname maachen, elo komme mer guer net méi derlaanscht!“

Ech fannen, datt dat net seriö ass, esou wéi Der dat hei gemaach hutt. An ech soen Iech just: Anstatt hei deenen anere Leit d'Wieder ze verdréien, sollt Der Är Aarbecht maachen, da géif et eis alleguer besser goen!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Wiseler. Ech ginn d'Wuert zrëck un de Premierminister.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech brauch hei kee Kommentar ze soen, hei kréien ech den Toun nees eng Kéier bestätegt.

(Brouhaha)

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir hätt Iech solle virun nolauschten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Da géif ech d'Wuert weiderginn un d'Gesondheetsministesch, d'Madamm Paulette Lenert.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - An ausserdeem, Här Bettel, wa mir an där Situatioun hei heiansdo kënnen rose sinn, da musst Der dat och verstoen. Well kuckt emol, wat dobausse geschitt mat de Leit! An dat mécht mech nervös an ech sinn nu wierklech getrafft dovunner. Dat soen ech Iech ganz éierlech, ech sinn déif getrafft dovunner!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci. Da ginn ech d'Wuert un d'Gesondheetsministesch, d'Madamm Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, säit siwe Méint gëtt Lëtzebuerg a Schach gehale vun engem Virus. En ass aggressiv. En ass Gott sei Dank relativ simpel. En huet en einfache Wee, wéi e weidergeet vun engem op deem aneren. Mee aggressiv ass en.

Säit siwe Méint hu mer all Dag nei Erkenntnisser. An awer kréie mer quasi all Dag nei Lektionen u Bescheidenheet. Trotz immensem techneschem a medezinneschem Fortschritt, trotz engem relative Wuelstand an Europa, ass kee Wëssenschaftler an och keen Expert, dee mat 100%eger Sécherheet hei ka virussoen, wat an den nächsten Deeg wäert geschéien. Dat soll engem ze denke ginn.

Réckbléckend erkennt een esou munches, a lues a lues kënnen mer op Etüden zrëckgräifen, déi net méi um Modell vu China foussen, mee déi méi konkret eis eege Situatioun hei a Lëtzebuerg belichten an och an Europa.

Wat wësse mer entre-temps? Ma mir wësse virun allem, datt mer ganz viles nach ëmmer net wëssen. Mir wëssen och, dass zumindest emol den Hierscht an de Wanter nach ganz sauer wäerte ginn an dass mer nëmme kollektiv a solidaresch duerch dës Kris kënnen kommen.

All Schrott, deem een an dëser Situatioun hält, an och all Schrott, deem een net hält, ass noutgedronge mat Kollateralschued verbonnen. An dofir ass et esou wichteg, dass mer all Schrott wierklech gutt duerchdenken, eis net duerjerneemaache loosse, net a Panik verfallen. An et ass och wichteg, dass mer ganz schnell a ganz flexibel kënnen op nei Situatiounen reagéieren.

Et gëtt hei vill widderholl, dass mer viru 14 Deeg schonn hätte misse wëssen, wat kënnt, an déi heite Mesuren huelen. Ech wëll drun erënneren, dass mer viru 14 Deeg, dat war esou ëm den 12. Oktober, grad emol véier Leit op Intensivstatiounen



haten. Mir hate ronn 50 Leit an den normale Better a mir haten eng Altersstruktur bei eisen Neiinfizéierten, déi extreem niddreg war. Déi ass ganz transparent ëmmer kommunikiéiert ginn. Do war also kee Grond, eppes virauszegesinn, wat op eng Iwwerlaaschtung géif hindeiten.

Och d'Resultater vun de Kläranlage vun deem Zäitpunkt, déi waren net alarmant, déi waren duerchaus méi niddreg wéi dat, wat mer kannt hunn am Mäerz an Abrëll ...

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Ou?

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- ... a se waren och besser ...

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Dat ass net wouer!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Ma da kënne mer dat gären am Detail diskutéiere mat deenen Zoustännegen.

(*Brouhaha*)

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech hat eng Question parlementaire urgente virgëschter gestallt. An opgrond vun där Question parlementaire urgente sinn éischtmoleg emol déi Donnéeë vun de Kläranlage public ginn, contrairement zu deem, sou wéi gemaach ginn ass, dass dat scho permanent an der Effentlechkeet gewiescht wär. Et fënnt een déi elo op enger Rei vu Sitten, a Gott sei Dank fënnt ee se op de Sitten, well dat huet de Medien nämlech erlaabt, gëschter an haut emol op déi Donnéeën anzegoen.

A wat ech liesen an der Woch 42, an d'Woch 42, dat ass just viru 14 Deeg, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Wolter, ...

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Wat ech liesen an der Woch 42, Madamm, dat ass, dass d'Wärter an de Kläranlagen iwwert deem waren, wat mer am Mäerz, Abrëll, Mee a Juni haten. Dir kënnt also net heihinnerkommen a soen, et wär net alarmant gewiescht. Au contraire! An d'Leit brauchen dat just nach ze liesen elo an der Effentlechkeet. Déi Zuelen, déi waren esou schlëmm, dass Der eigentlech viru 14 Deeg, Madamm, schonn hätt missen d'Chamber zesummeruffen an där zoustänneger Kommissioun an hinnen d'Wourecht soen. Dat ass net geschitt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Wolter, ech wéilt just soen, dass ech lech d'Wuert net ginn hat. An duerfir ginn ech d'Wuert elo zréck un d'Madamm Ministesch.

(*Brouhaha*)

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Voilà! Jiddefalls déi Donnéeën, op déi mer eis baséieren, sinn accessibel, se sinn op dem Site vun der Waasserverwaltung ze fannen.

■ **M. Michel Wolter (CSV).**- Säit gëschter.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- A jiddweree ka se ablécken. Se sinn och ëmmer resuméiert gi vun eis. Dir hutt elo e puer Méint matenee genannt, ech hunn de Comparatif gemaach mat deene Méint, wou mer um Pic waren an net mat Abrëll/Mai, fir dat kloerzestellen. An d'Wärter waren och méi niddreg, wéi mer eis zweet Well am Summer haten. Mee, wéi gesot, déi Donnéeë sinn disponibel, déi stinn der Effentlechkeet zur Verfügung a mir huelen och gären dozou Stellung, wann dat muss sinn.

Ech géif gären drun erënneren, dass, nodeems mer e schnelle Lockdown gemaach hunn, deen iwwerall als effikass begréisst ginn ass, mer duerno an e virsiichtegen Deconfinement eriiwwerangaange sinn, dee mer och vergläichsweis gutt gemeeschtert hunn am Verglach zu anere Länner, ouni exzessiv Doudesrat an tragesch eethesch Decisiounen, déi hätte missen an de Spideeler geholl ginn, esou wéi een dat an anere Länner gesinn huet.

Mir goufen dunn eng éischte Kéier matten am Summer au dépourvu geholl mat enger Hausse, mat där kee gerechent hat, déi keen eis esou virausgesot hat. An nee, mir hate kee rouege Summer. Mir haten en akuten Ustig vun eisen Zuelen am Summer, deen eis enorm gefuerdert huet. Eis Leit hunn duerchgeeënd geschafft. Déi Zäit, déi mer gehofft haten ze hunn, fir en anstännegen Debriefing kënne ze maachen, fir e bësse Recul ze hunn, fir d'Batterien nees ze fëllen, déi war eis net gegënnt, well mer matten am Summer eng Well haten, bei där mer genauou geziddert hunn, wéi mer et elo hunn, well och do wousste mer net, ob mer et géifen an de Grëff kréien, ob mer et géife packen, ob eisen Tracing et géif packen oder net.

Dat hu scho vill Leit nees vergiess. Mee dat war eng ganz elle Situatioun fir eis. D'Leit ware scho midd vun där éischer Phas, déi laang war, déi ustrengend war, a keen hat heimadert gerechent.

Eis Leit sinn also net am Hierscht erholl oder brongebrannt erëmkomm. Nee, eis Leit waren ausgebrannt a midd duerch laang, laang Aarbechtsstonnen, an dat scho säit Wochen a Méint, am Fong, fir genau ze sinn, duerchgeeënd säit Ufank vun dëser Pandemie.

Trotzdeem hu mer et fäerdegruecht dank hirem Asaz. An dofir e ganz grouse Merci un déi, déi hei permanent un der Front ënnerwee sinn, och op Käschte vun hire Familljen zum Deel, déi e bësse ze kuerz kommen an dësen Zäiten. E grouse Merci u si, well si hunn et fäerdegruecht, iwwert de Summer an trotz dëser zweeter Well, mat där mer gekämpft hunn, eng Strategie opzestellen, fir den Émgang mat der Pandemie fir den Hierscht en place ze setzen.

Dës Strategie huet trotz konstante Virsiichts-moossnamen, wéi zum Beispill enger genereller Maskepflicht, do wou de Public an an aus geet, an och enger Sëtz- a Maskepflicht bei Rassemblementen vu méi wéi zéng Leit, wäitgeeënd Normalitéit hei am Land erlaabt. Et huet eis nees en Ausbléck ginn op dat, wat mer eis alleguerte wënschen, en Zréck an eist normaalt Liewen, och wann esou munchereen zu deem Moment, an ech géif gären erëm drun erënneren, well och dat gött vergiess, ëmmer méi haart no méi Fräiheete geruff huet a mer wierklech a Bedrängnis komm si fir ze erklären, firwat mer net méi schnell oplockeren.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn haut frou, dass mer dësem Drock net noginn hunn a virun allem ons och net ofbréngen gelooss hu vun onser ambitiéiser nationaler Teststrategie, déi entre-temps op ganz ville Plazen imitéiert gëtt, mee bis dato nach néierens wierklech egaléiert ass.

Dank eisem Frühwarnsystem, dee wuel net perfekt ass, awer am Verglach mat deem, wat aner Länner en place hunn, dach ganz performant ass, war et ons méiglech, verschide Parametere ganz zäitno ze kucken, soudass mer och Mëtt Oktober ganz schnell konnten erkennen, dass sech op en Neits eng méi schwierig Phas géif ubanen.

Opgrond vu verschiddene gréisseren Ausbréch an Alterssheemer, mee och generell opgrond vum Fait, dass d'Unzuel vun eelere Leit bei deenen, déi mat Neiinfektiounen derbäi waren, iwwert déi lescht zéng Deeg gekuckt eropgaangen ass, hu mer och generell festgestallt, dass niewelaanscht de Virus wierklech allem Uschäin no amgaangen ass, sech qeesch duerch eis Gesellschaft auszedeeenen.

Dëst war kloer en neie Moment hei zu Lëtzebuerg, eng Tendenz, déi kuerz drop, den 22. Oktober, duerch de Rapport hebdomadaire zu de Kläranlage bestätegt gouf.

Ech si frou, dass mer als Regierung dunn net weider op eng definitiv Bestätegung iwwert déi nächst puer Deeg ofgewart hunn, mee dass mer direkt en Appel à la vigilance renforcée gemaach hunn an erausgaange sinn, fir de Leit ze rappéléieren, wéi wichteg et ass, direkt ze reagéieren, fir dass mer kënne hei zréckruderen.

Dëst war verstärkt ginn duerch eng ganz staark Mediecampagne, déi mer lancéiert hunn, souwuel fir de Rappel vun de Geste-barrière qeesch duerch eis Gesellschaft wéi och fir en Appell, dass d'Leit solle wannechgelift matmaache beim Large-Scale-Testing, da wa se eng Invitatioun kréien. Mir wëssen, dass d'Adherence nach ëmmer ze wënschen iwwreg léisst. Ech sinn awer ganz frou, kënne matzedeeelen, dass no dësem Opruff d'Invitatiounen e vill bessere Succès haten. D'Rendez-vous gi geholl a mir sinn entre-temps wierklech bal op ganzer Capacitéit, wat mech natierlech immens fret. Do gesäit een och, wéi schnell d'Leit dach awer verstinn, dass d'Situatioun geännert huet an och deementspriedend hiert Verhale geännert hunn.

Et ass haut absolutt kloer, dass déi Tendenz, déi sech ukënnegt, absolutt muss gebrach ginn. Mir hunn ni de Géigendeel gesot. Soubal se sech ofgezeecht huet, war et den Appel à la vigilance renforcée. Net einfach esou, mee well dat eng Tendenz ass, déi een op Dauer net ka stäipen!

De Kampf géint de Virus ass net nëmmen e permanente Seeldanz ouni zolidd Netz, mee et ass a bleibt nach ëmmer e Kampf géint d'Zäit. A wann dëse Virus bis ausser Kontroll geréit, da verbreet e sech esou rasant, dass et ouni drastesch Moossnamen net méiglech ass, fir en anzedämmen.

Dat sinn Erkenntnisser weltwäit an deene musse mir ons och nolens volens beugen. Mir sinn dofir all Eenzelnem immens dankbar, deen onsem Opruff spontan nokomm ass, ouni de Vott vun dësem Gesetz ofzewaarden. Doduerch hu mer wäertvoll Deeg gewonnen. A mir sinn och frou ze gesinn, dass d'Zirkulatioun schonn e bësselchen erofgaangen ass. Dat ass dat, wat mer elo gebraucht hunn.

Ob de Wandel, deen dësen Opruff offensichtlech bei ville Leit matbruecht huet, wäert duergoen, dat wäerte mer spéitstens Mëtt nächster Woch kënne gesinn, well et eng gewëssen Zäit brauch, wa Mesurë kommen, wann e Changement am Behuele kënn. Dat gesäit een net direkt den Dag drop, soudass mer och net sollen a Panik sinn, dass d'Chifferen net direkt déi éischt zwee Deeg duerno erëm erofgaange sinn. Dat wär absolutt onlogesch gewiescht. Mir brauchen do Gedold. Mir müssen do e bësselchen ofwaarde fir ze gesinn, ob déi Change-

menter, déi Gott sei Dank scho stattfonnt hunn a fir déi mer wierklech jiddwerengem Merci soen, ob déi hir Friichte wäerten droen, ob mer och dës Kéier nach mat engem bloen An dervukommen oder ob dat net de Fall wäert sinn.

Nieft all de Mesuren, déi haut offiziell zum Vott stinn an déi souwuel all Eenzelne vun ons, mee leider Gottes och Verschiddener méi staark wéi aner wäerten treffen, ass et haut mäin drénglechsten Appell, zesummenzestoen an alleguerten ze hëllefen, wou et nëmme geet.

Et ass scho virdru gesot ginn: De Mënsch ass net gemaach, fir am Dauerstress ze fonctionéieren. D'Personal, d'Beamten un der Front sinn ausgelaut. D'Kollateralschied, déi mer souwisou scho wäerten hunn duerch dës Kris, wäerte sech zouspëtzen, dat ass net ze evitéieren. An et ass dofir wichteg, déi Solidaritéit an déi Hëllefsbereitschaft vun der éischer Stonn elo oprechtzeerhalen.

Ech géif och gären all deene Merci soen, déi iwwert déi ganz Wochen a Méint sech wierklech gutt un d'Mesurë gehalen hunn, well ech sinn zouversichtlech, dass e groussen Deel, dee gréissten Deel vun eise Leit sech wierklech dorunner hält an dass mer et och dës Kéier nach eng Kéier kënne packen. Wa mer alleguerten zesummestinn, da kënne mer dat packen. Mir si gutt opgestallt. Mir si verhältnisméisseg besser opgestallt wéi aner Länner a mir hunn nach eng Chance. A mir sollen un déi gleewen. A wann et net esou ass, wa mer et net gepackt hunn, da wäerte mer och eis Responsabilitéit huelen a schnell handelen, fir dann déi néideg Schrëtt ze huelen.

Mee nach ass et net esou wäit a mir sollen eis elo deen Optimismus loossen a wierklech alleguerten zesummestoen, zesummenhalen a jiddweree motivéieren, fir elo matzemaachen. Et ass elo, wou et gëllt.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Vu-säite vun der Santé si mer duerchgeeënd beméit, dës Kris esou gutt wéi méiglech ze encadréieren an déi Moyenen zur Verfügung ze stellen, déi elo gebraucht ginn. An deem Sënn wëll ech drun erënneren, dass mer vun Ufank un de Spideeler d'Moyene ginn hunn, fir sech ëmzeorganiséieren, souwuel um Niveau vun hiren Infrastrukture wéi um Niveau vun Personal, a mir hunn och generell derfir gesuergt, fir do Entlaaschtung ze schafen, wou et nëmmen iergendwéi méiglech ass.

An deem Sënn hu mer vill nei Strukture geschaaft, am Ufank eis CSAen, elo säit e puer Deeg deen neie Centre de consultation Covid, deen nees opgaangen ass. Mir hu krisespezifesch Gardesysteme ageféiert mat adaptéierte Remunerationssystemer, Teleconsultatiounen a villes méi en place gesat.

De Plan de prise en charge, dee vun de Spideeler ausgeschafft ginn ass, erlaabt eis elo, Dag fir Dag derfir ze surgen, dass e Maximum u Servicer kann oprechterhale ginn, an och zäitno ze evaluéieren, wéi akut d'Situatioun ass.

An deem Sënn hu mer en dagdeeglechen Austausch mat eise Spideeler. Mir hunn eng Cellule de crise, déi taagt all Dag. An dat erlaabt eis och ze gesinn, wann et iergendwou quackst. An deem Sënn si mer och säit der leschter Woch an absoluter Alarmbereitschaft a mir suivéiere genee, wat sech um Terrain deet.

Ech sinn och ganz frou, kënne ze annonciéieren, dass déi Gespräicher, déi mer iwwert de Weekend gefuert hunn tëschent der Direktioun, der FHL (ndlr: Fédération des hôpitaux luxembourgeois), der CNS an och der Dokteschgewerkschaft, et erlaabt hunn, ganz schnell Pisten ze fannen, fir déi Phas 3 an de Spideeler, an där mer elo sinn, beschtméiglech ze bewerkstelligen an idealerweis och erëm esou schnell wéi méiglech kënne ze verloossen.

D'FHL huet ons gëschter hir Revendicatiounen opgrond vun deenen Diskussiounen matgedeelt. Et geet drëms, Tächen eropzesetzen, administrativ Aarbechten elo schnell erofzesetzen, fir e Maximum u Personal ze liberéieren. Mir wäerte kucken, Preretrainen ze mobiliséieren an domadder den Zousaz u Besoin u Personal, dee chiffriert ginn ass, méiglechst mat interne Ressourcen ofzedecken, fir ze evitéieren, dass mer weiderhin an der Groussregioun ze vill aggressiv rekrutéieren.

Ech sinn och ganz, ganz frou, dass ech an deem Schreiwes vu gëschter d'Zouso kritt hunn, dass dat wäert evitéiert ginn, dass mer wierklech do all Efforte maachen, fir bei eis nach Zousazcapacitéite fräizemaachen, vläicht d'Tächen eropzesetze vu Leit, déi Deelzäit schaffen, an eeben, wéi scho gesot, verstärkt zréckzegräifen op Leit, déi schonn an der Retraite oder Preretraite sinn.

Aner Piste bestinn doranner, d'Hospitalisation à domicile elo weiderzedanken. Dat war e Projet mëttelfristeg. Mir zéien deen elo vir a kucken, wat mer do kënne kuerzfristeg en place setzen, fir dat ze verstärken, fir ze erlaben, dass och grad eeler Leit kënne doheem en charge geholl ginn. Mir hu

Ligne-de-gardë lafe säit Kuerzem duerch eng Konventioun tëscht dem Ministère an der AMMD, wat et erlaabt, d'Leit an den Altersheemer besser ze betreien, an et evitéiert, eng Surcharge an den Urgencen ze provoziéieren duerch Aliwwerungen, déi kéinten evitéiert ginn.

De Personalmangel kënne mer awer net aus der Welt schafen. Mir kënne eis keng Leit zauberen. Mir kënne nëmme mat deene Meedercher danzen, déi mer hunn. An dat ass eng Schrauf, un där schwéier ze dréien ass.

Mee och hei si mer gewëllt, an dat opgrond vun deenen Diskussiounen, déi mer geféiert hunn, an opgrond vun der Gravitéit vun der Situatioun, an där mer sinn, op de Wee vun amenagéierte Quarantänen ze goen, esou wéi Der dat a verschiddenen anere Länner gesitt. Dat betrëft de Gesondheits-secteur, d'Spideeler, och de Secteur vun de Soins à domicile, e Secteur, wou mer mat Professionellen ze dinn hunn, déi geschoult sinn, fir Hygiènes-moossnamen ze respektéieren, déi ëmzegoe wësse mat infektiéise Leit an déi sech ze schützen wëssen.

Dat ass e Wee, dee mer net gäre ginn, mee vu dass mer akute Personalmangel hunn an dass mer absolutt Prioritéit drop setzen, dass eise Gesondheetssystem ka weider fonctionéieren, dass d'Leit déi Soine kënne kréien, déi se brauchen, och grad an de Reseauen, ass dat eppes, wat mer elo wäerten an d'A faassen a wat elo als Acquis ka gëllen.

Ech hunn och net méi spéit wéi haut der FHL zougesot, dass hir Revendicatiounen absolutt gerechtfertigt sinn an dass d'Regierung bereet ass, deenen nozekommen. Mir wäerten do keen Dissens kréien. Déi Moyenen, déi gefrot sinn, wäerte mer fräischäffelen an déi wäerten d'Spideeler kréien.

Wat elo d'Enkpäss an de Laboe betrëfft, géif ech gären ervirsträichen, dass och do den Enkpass net op den Infrastrukture läit. De Problem ass net, nei Statiounen opzerichten. Et ass d'Personal ..., fir genau ze sinn: Et sinn d'Preleveuren, déi eis feelen! Do si mer op kompletter Capacitéit am Moment. Mir wäerten nieft deene Beruffer, déi mer elo schonn ausgewisen hunn, déi normalerweis dësen Akt net maachen, déi mer habilitéiert hunn, och nach anerer muer ausweise mat engem Projet, deen an der Regierung wäert presentéiert ginn. Dat sinn ënner anerem d'Pompjeeën. Mir denken och un d'Apdikter. Et gëtt nach eng Rei Beruffer, wou ee sech ka virstellen, dass een déi och wierklech iwwert de Wee vun enger Zousazausbildung esou wäit kritt, fir kënne hei eng Hand mat unzepaken. Och do maache mer alles, wat mer kënne. Mee zaubere kënne mer net.

Mir rekrutéieren, mir schoulen ëm, mir maachen, wat mer kënne. A soubal mer méi Personal hunn, wäerte mer och deementspriedend d'Capacités eropfueren. Mee de Bottleneck, den Enkpass, dat ass d'Personal! Et ass net de Wëllen, et ass net iergendeppes, wat arbiträr decidéiert gëtt, wou eppes hikënn. Mir setzen déi Capacités do an, wou et am meeschte Sënn mécht, an am Mooss vun deem, wat mer zur Verfügung hunn.

Ech sinn, ech hat et virdru gesot, ganz frou, dass de Large-Scale-Testing elo besser zitt. Mir hu ganz vill an eng Campagne investéiert säit zwou, dräi Wochen, fir d'Leit wierklech ze mobiliséieren, hiren Aluedungen nozekommen. Dat gräift. An ech sinn och ganz frou, dass eebe justement no eisem Appel à la vigilance renforcée vun der leschter Woch d'Zuele wierklech gutt eropginn. Ech hunn elo virdun nach Bescheed gesot kritt, dass mer quasi op ganzer Capacitéit sinn. Dat erlaabt eis et - an ech si prett an do och vun Ufank un engagéiert -, esoubal mer d'Capacités hunn um Niveau vun de Ressources humaines, natierlech déi Testcapacités eropzeféieren. Dat ass eis Ambitioun an dat wäerte mer och maachen. Dozou brauche mer net opgefuerdert ze ginn.

Da sinn ech och ganz frou, dass déi Schnelltester, vun deene säit Laangem rieds ass, op déi mer alleguerte waarden, endlech de CE-Label hunn. Déi sinn elo hei an Europa am Asaz. An net méi spéit wéi haut am spéide Moien hunn ech eng Propos vun der Direktioun kritt, wéi mer déi hei zu Lëtzebuerg wëllen an den Asaz bréngen. Dat ass inspiréiert vun engem Avis, deen dee franséische Conseil scientifique ginn huet, an och vun der Positioun vun de Schwäizer, déi op gëschter datéiert.

Eis Positioun wäert ganz staark inspiréiert si vun där Schwäizer. Wat bedeit dat? Ben, dat ass en neie Schrëtt no vir, op dee mer vill Hoffnung setzen, fir eis Laboen ze dechargéieren. Dës Schnelltester sollen haaptsächlech bei symptomatesche Patienten agesat ginn. Dat ass d'Recommandatioun, also bei de Generalisten. Mir wäerte se awer och generell an de Spideeler asetzen an an den Altersheimer, quitte dass, wann ee positiv getest gëtt, mer dat nach eng Kéier crosschecke mat engem PCR-Test. Mee dat wäert eis ganz vill méi Flexibilitéit ginn an deenen nächste Wochen a Méint; Flexibilitéit, déi mer dréngend brauchen.

Wéi scho gesot, a Fonctioun vun der Disponibilitéit vun de Preleveuren - do si mer wierklech amgaan-



gen, drun ze schaffen - wäerte mer och weider Teststationen opmaachen. Dat ass alles geplangt. Et si schonn zwee Drive-innen, déi esou gutt ewéi prett sinn. Mir musse just nach déi mat Leit bestéckt kréien.

Wat och wierklech wichteg an essenziell ass, dat ass, dass mer weiderhin eis Gesondheets- a Fleegeberuffer testen. Derbäi zielen ech och de Beräich vum Handicap an d'Soins à domicile. Dës gi reegelméisseg getest. Ech hunn de Moien dat nach eng Kéier nogefrot, well et ee Moment a Fro gestallt war. Déi waren eigentlech ëmmer am Programm, och scho beim Large-Scale-Testing 1. Allerdéngs muss ee soen, mir fueren do mat Lëschten, déi jo elo och spezifesch an der Kris iwwerhaapt erstallt gi sinn op Basis vun den NACE-Coden. An et ass esou, dass mer effektiv bei der Übergab elo op de Large-Scale-Testing 2 duerch eng verstärkten Zusammenarbecht mat der IGSS déi Lëschte konnte kompletéieren. Do war am Ufank net all Mënsch erfaasst. Dat hu mer alles misse lues a lues epuréieren. Mir hunn do eng Rei Feedbacke kritt fir ze aktualiséieren.

Ech kréien awer gesot, dass dat elo absolutt komplett ass, um leschte Stand, och crossgechecked mat den Donnéeën vun der IGSS, soudass déi Beruf-er am Zwouwocherhythmus duerchgetest ginn, all-eguerten. Dernieft hu mer schonn e puermol eng Aktioun lafe gehat, ganz spezifesch an den Altersheimer, eng Kéier méi fréi an der Pandemie an och elo nees, eebe säit deem Ustig, dee mer kennen, wou mer e Plang lafen hunn, wou d'Altersheimer elo systematesch no Prioritéiten natierlech duerchgetest ginn. Mer fänken do un, wou et akut ass am Moment, wou Clustere sinn.

Mee de Plang ass, fir och elo nach eng Kéier sämtlech Altersheimer durchzetesten, souwuel um Niveau vum Personal wéi bei de Residenten. Mee och um Niveau vun de Sous-traitanten, do fonctionn-éiere mer mat Voucheren, déi d'COPAS zur Verfügung huet, fir eebe mat den Haiser ze kucken, mat wéi enge Sous-traitanten dass se do eraginn, fir dass eis do néierens en doudege Wénkel echappéiert.

Och d'Apdikter wäerte systematesch getest ginn. Dat ass de Moien och gefrot ginn, dat ass awer méi rezent effektiv an och net esou mat där nämme-lechter Reegelméissegkeet wéi d'Dokteren an d'Infirmieren. Mir hunn do Prioritéite gesat, wëssend natierlech, dass eis Capacitéite beschränkt sinn, dass mer net kënnen bis an den Himmel testen. Mir testen enorm vill hei zu Lëtzebuerg am Verglach zu anere Länner, wierklech onvergläichbar vill. A wéi gesot, soubal mer Capacitéiten hunn, fuere mer déi erop. Soubal mer d'Leit hunn, setze mer Teststatione bäi.

Ech géif ofschléissend drop hiweisen a rappeléieren, dass dës Pandemie scho ganz ville Leit den Otem geholl huet an dass et wichteg ass, dass mer net och elo nach ufänken, eis d'Loft ze huelen een deem aneren. Et ass wichteg, dass mer elo zesummestinn, dass mer solidaresch sinn an dass mer et packen. Mir sinn an engem Marathon, wou kee sech fräiwëlleg ageschriwwen huet, wou keen der-fir trainéiert hat a wou eist Zil net ass, als Éischt iwwert d'Linn ze goen. Eist Zil ass wierklech, zu esou vill wéi méiglech esou gesond ewéi méiglech an esou zolidd wéi méiglech hannen unzekommen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Gesondheetsministesch. An ech gi Parole après ministre fir den Här Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech hat virdru gemengt, Dir hätt mer d'Wuert och ginn. Ech sinn awer frou, dass Der mer et ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Dir hat lech et geholl. A well ech awer ganz fei sinn, hat ech lech et och gelooss.

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Jo. Dat ass ganz gentil, Här President.

Et hunn eng Rei Virriedner viru mir gesot, dass, wann ee Mesurë wëllt appreciieren och als Parlamentarier, ee muss Donnéeën hunn. Et muss ee wëssen, was Sache ist! Et ass nëmme, wann ee weess, was Sache ist, wou een och kann appreciieren, ob Mesurë proportionell sinn, ob se justifiéiert sinn an ob se och den Effet kënnen kréien, deem ee sech erwaart. Den Här Baum, den Här Clement an anerer hunn dovunner geschwat.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn e Méinden eng Question parlementaire urgente un d'Madamm Santéministesch gestallt, ganz einfach, well ech iwwert de Weekend gewuer si ginn, dass et vum LIST aus Donnéeë géife ginn, déi géife weisen, dass d'Charge an de Kläranlagen net eppes ass, wat d'lescht Woch e Mëttwoch eigentlech eréischt op d'Tapéit komm ass, mee schonn déi Woch virdru gewosst war.

Ech hunn eng Äntwert kritt op déi Question parlementaire, dass ech op Sitte vun der Regierung

kéint kucken, well do géifen déi Donnéeën stoen. Mir hunn eng Recherche gemaach, an eisen Informationsen no sinn déi Donnéeën effektiv gëschter dann zäitgläich mat der Äntwert op de Site gesat ginn, waren also dee Moment, wou ech meng Question parlementaire gestallt hunn an och déi lescht Wochen net der Öffentlechkeet disponibel.

A wann ech déi Dénger da kucken - ech weess net, wéi ech lech dat elo ka weisen -, ...

(**M. Michel Wolter montre une documentation.**)

... déi ech da vun de Sitte vum Staat erofliesen, da gesäit ee kloer an däitlech, dass d'Charge an de Kläranlagen an der Woch 42 ..., dat ass also déi viregt Woch, déi Woch, wou mer hei Debat iwwert den État de la nation haten, déi Woch, wou de Staatsminister hei der ganzer Opposition gesot huet, mir géife jo souwisou nees näischt vun där ganzer Geschicht verstoen - dat huet en haut jo och nees mam Här Wiseler probéiert ze maachen -, si hätten alles am Grëff, ënner Kontroll. Mir brächten eis do keng Gedanken ze maachen an d'Land och net.

Wann ech d'Resultater vun der Woch 42 kucken, da stellen ech fest, dass déi Resultater quasi an alle Kläranlage méi schlëmm sinn, wéi mer se jeemoools an där ganzer Zäit vu virdrun haten. Gréng, orange, rout. Esou liesen ech dat! An der Woch 42, wéi mer den État de la nation haten, ass samschdes eng Pressekonferenz annoncéiert gi vun der Regierung, samschdes, de 17.10. D'ganz Land huet sech drop agestallt, dass elo nei Mesurë géife geholl ginn. An d'Resultat war, dass de Staatsminister virun d'Press getrueden ass a gesot huet, hien hätt alles ënner Kontroll. Et wär alles tipptopp, mir brächten eis keng Gedanken ze maachen, si wësst, wat se géife maachen.

Ech froe mech, ob net dee Moment hätte scho mis-sen a sollen aner Propositionen op den Dësch kommen, déi dunne, well ech net derbäi sinn am Regierungsrout, well ech also net weess, wat genau do gesot ginn ass a wie wat gesot huet, net zréck-behale gi sinn.

An et ass eréischt de leschte Mëttwoch eppes geschitt, wéi d'Resultater aus der Woch 43 du komm sinn, déi Der hei nees gesitt, ...

(**M. Michel Wolter montre une autre documentation.**)

... wéi et dëser Regierung net méi méiglech war, fir näischt ze maachen, well déi Resultater vun der Woch 43 nach méi katastrofal waren, wéi déi aus der Woch 42 scho waren.

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass d'Realitéit vun der Situatioun. Dat ass d'Fro, ob een hätt missen, kënnen, wëlle reagieren, méi séier, manner séier a proportionell.

Mir si fest dovun iwwerzeegt als CSV, nodeem mer déi heiten Donnéeën hunn, dass eng Woch versträiche gelooss ginn ass, an där een hätt kënnen eng uerdentlech parlamentaresch Aarbecht scho maachen, amplat dass een elo an deene leschten Deeg am Hauruck duerch d'Institutionen, duerch de Staatsrot huet misse goen an d'Chamber haut huet misse goen an haut en Text zum Vott kennt, vun deem ech sécher sinn, dass en eng ganz Rei vu legistesche Feeler huet, dee seng Applikatioun och wäert en dote stellen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Wolter. An ech ginn d'Wuert zréck un d'Regierung, d'Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Jo, merci, Här President. Ech sinn elo ganz berouegt. Ech hat elo wierklech Angscht, et wär eppes schif-gelaf. Ech wëll just drop hiweisen, dass dee Rapport, deem eis alarméiert huet, dee vum 22. Oktober, wéi Der ganz richtig sot, dat ass deen, deen d'Regierung den 22. Oktober am Laf vum Dag kritt huet. En ass redigéiert den 20. Oktober, also verfaasst ginn den 20. Oktober; dat ass laang nom État de la nation. E bezitt sech wuel op d'Woch 42. Mee et ass genee deen effektiv, dat ass deen alarmante Rapport, deen hu mer am Nomëtteg kritt. Ech weess dat nach ganz gutt. Dat war iergendwéi géint väier, fënnef Auer, a mir si moies an d'Regierung gaangen a mëttes virun d'Press getrueden, fir den Appel à la vigilance renforcée ze maachen, an zwar direkt no deem dote Rapport.

An dee virdrun, dee vun der Woch 41, do louchen d'Wärter nach ënner August. An zu deem Zäitpunkt hu mer e wëchentleche Rapport vun der Taskforce kritt, deem eis nach confirméiert huet, dass mer op enger stabeler a lineärer Courbe léichen, dat mat enger grousser Majoritéit u jonke Leit. An et ass genau, wéi Der sot, et ass genau deen dote Rapport an déi dote Woch, déi eis alarméiert huet a wou mer keng Zäit verluer hunn, wou mer den Alarm moies an der Regierung geschloen hunn, wou mer doriwwer diskutéiert hunn a wou mer am Nomëtten nach e Point-presse gemaach hunn, fir och no baussen den Alarm ze ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Ech géif och nach gären drop hiweisen, dass mer de Resümee vun deenen Etüden an eise wëchentleche Rapporte vun der Santé ëmmer maachen. Et ass effektiv elo nach ni gefrot ginn, fir den Inhalt ze kréien. Ech war der Meenung, dass déi scho méi laang op engem Site wäeren. Ech géif awer gäre betounen, dass nach keng Demande och vun lech komm ass. Wéi dat gëschter gefrot ginn ass, hu mer dat nogekuckt. Selbstverständlech si se publi-zéiert ginn, mee de Rapport dovunner ass am wëchentleche Rapport, deen esouwuel d'Öffent-lechkeet kritt wéi Dir. Do steet ëmmer e Resümee vun deene Resultater dran.

An ech sinn iwwerzeegt, dass jiddwereen, deen dat beim LIST nogefrot hätt, beim LISER nogefrot hätt, dat och kritt hätt. Et hätt bestëmmt keen dat refu-séiert. Bei eis ass et net gefrot ginn. Et ass keng Demande erakomm, fir dat ze kréien. Dat hätt Der selbstverständlech kritt. Mir hunn et jo ëmmer kommentéiert an och resuméiert an eise Rappor-ten. Et ass en Dokument, wat mer sécherlech ken-gem wollte verstoppen. Au contraire, et ass eppes, wou ech ëmmer vill ronderëm geschwat hunn, dovun geschwat hunn. An ech si ganz frou, dass dat iwwereneestëmmt mat deem, wat Der sot. Dat ass ganz genau dee Rapport, op dee mir eis baséiert hunn, wéi gesot, verfaasst den 20. Oktober, bei eis erakomm den 22. am Nomëtten, a freides mëttes si mer virun d'Öffentlechkeet getrueden domadder.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci der Madamm Gesondheetsministesch fir déi Prezisiounen. Dann nach eng Kéier Parole après ministre fir den Här Wolter.

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Jo, well dat, wat d'Madamm Ministesch hei seet, wuel fir d'Woch 43 richtig ass. Well déi Etüden, déi gemaach gi sinn ...

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Nee, 42.

■ **M. Michel Wolter (CSV).** - Entschëllegt.

An deem Dokument hei steet, datt dat, wat Dir mëttwochs iwwerdroe kritt, d'Resultater si vun deem, wat méindes gekuckt gëtt. Wann also den 21. d'Donnéeën vun der Erhiewung vum 19. an dem 20. der Regierung zougänglech gemaach gi sinn an den 28. oder 29. déi vun der Miessung vum 26. a 27., dann huet d'Regierung de 14. Oktober Mies-sunge kritt vum 12. a vum 13. An dat sinn d'Resul-tater vun der Woch 42.

(**Interruption**)

An ech weisen et nach eng Kéier: D'Woch 42 ass rout!

(**M. Michel Wolter montre une documentation.**)

(**Interruptions**)

43 ass rout a 44 ass rout!

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Mir sinn eis absolutt eens. D'Woch 42 ass genau déi, déi rout ass. Entschëllegt, mee et ass vun där, wou ech och schwätzen. Mir kënnen net am Kaffismarc liesen, wat mer matgedeelt kréien. Mir hunn dat Resultat eréischt matgedeelt kritt, nodeem et verfaasst war an nodeem mer et matgedeelt kritt hunn. Virdrun, effektiv, konnte mer keng Kenntnis hunn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Musse mir eng Woch am Virus scho wës-sen, wat ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Dann huet den Här Wiseler d'Wuert gefrot.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dat nerft mech elo, hei iwwert déi Datumen ze schwätzen. Mee ech wëll just soen, datt ech e Rapport vum 16. Oktober hei leien hu vun der Covid-Taskforce, wou déi kloer an däitlech freet, datt missten zousätzlech Mooss-name gemaach ginn. Ech ka mech erënneren, datt ech deen an der Kommissioun virgelies hunn. Do war awer nach kloer an däitlech d'Ausso vun der Regierung, datt dat alles kee Problem wär.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Da géif ech nach der Madamm Hansen d'Wuert ginn.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo, merci, Här Pre-sident. Ech wëll elo allgemeng zu den Zuele soen: Ech hoffen, datt d'Regierung net drop waart, datt iergendwann eng Kéier e Rapport do ass, mee datt si proaktiv d'Zuele froen an déi reegelméisseg kréien.

Da wëll ech awer dem Här Premier eng Fro stellen. Hien huet annoncéiert, datt d'nächst Woch, e Mëtt-woch oder Donneschdeg, de Moment de la vérité wier. Da wëll ech einfach och hei gäre wëssen: Wat ass dat fir e Moment?

Ech hunn do och einfach ganz kloer dräi Froen.

Éischtens, ab wéi enger Unzuel vun Infektiounen oder vu Beleeung vun de Better gëtt reagiert?

Déi zweet Fro: Wat ass vun zousätzleche Mesurë geplangt?

An déi drëtt Fro: Ab wéini sollen déi zousätzlech Mesuren a Kraaft trieden?

Ech denken, datt d'Chamber an awer och virun al-lem d'Leit dobausse musse wëssen, wat d'Regie-rung plang.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Hansen. Ech ginn d'Wuert zréck un d'Regierung.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Also d'nächst Woch, Här President, ass et eng zwou Wochen, dass mer en Appell un d'Leit ge-maach hunn. Dat ass dee Moment, wou mer musse kucken, ob deen Appell och Repercussioune mat sech bruecht huet. An ech sinn iwwerzeegt ...

(**Interruptions**)

An ech sinn iwwerzeegt, dass dat, wat säit dem Ufank scho vu verschiddene Leit contestéiert gëtt, dass ee misst virgräifen, elo scho soen, wéi et ass ... Mir bleiwen der Meenung, dass d'nächst Woch dee Moment ass fir ze kucken, ob dat, wat mer als Appell gemaach hunn, well mer gemierkt hunn, dass an de Kläranlagen awer en Derapage wär, dass dee Moment vun der Veritéit ass fir ze kucken, ob dat gegraff huet oder net. Mir sollen elo net virgräifen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Nach eng Kéier Parole après ministre fir d'Madamm Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo, also, mir hunn hei näischt virgegraff, mee de Premier huet dat an-noncéiert. A wann de Premier eppes annoncéiert, da ginn ech dovunner aus, datt d'Regierung och schonn eppes geplangt huet. Mir hunn elo déi gan-zen Zäit gesot: Mir wëssen, datt d'Zuelen drama-tesch an d'Luucht ginn. An dann hätte mer gären, datt proaktiv geschafft gëtt.

Also wëlle mir elo einfach gäre wëssen: Ab wéi en-gen Zuele gëtt reagiert? Wat ass geplangt vu Me-suren? A wéini sollen déi Mesuren a Kraaft trieden?

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Clement hat nach d'Wuert gefrot.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - An ech hätt gären eng Äntwert!

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här Pre-sident. Ech muss einfach elo e bëssen d'Fro stel-len: Mir stëmmen haut iwwer e Gesetz of an d'Re-gierung huet ëmmer erëm drop insistéiert an och elo grad insistéiert, et misst ee 14 Deeg waarden, fir den Impakt vun eppes ze gesinn. An elo kréie mer gesot, datt d'nächst Woch schonn nees poten-ziell nei Mesurë geholl ginn, ouni also dat heite Gesetz ofzewaarden. Dat heescht, entweeder seet d'Regierung domadder: „Déi heite Mesurë ginn net duer“, oder mir sinn an enger neier Logik a mir schwätzen iwwert de Wochehythmus an net méi de 14-Deeg-Rhythmus.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Clement. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zréck un d'Madamm Gesondheetsministesch.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Déi Mesuren, vun deene mer schwätzen, dat sinn déi Mesures de sensibilisation, déi d'Regierung annon-céiert huet an déi mer nach eng Kéier verstärkert hunn. An och dat si Mesuren. Et gëtt vill Mesuren, wat net e Gesetz ass. A mir wäerten all Mesure ... Säit Ufank vun där Pandemie hu mer eng Reegel, dass een no zéng Deeg eréischt en Impakt vun en-ger Mesure gesäit.

Dir wësst zwar warscheinlech haut schonn, wat den Impakt wäert sinn. Mir net. Mir waarden.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Wat ass da geplangt?!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Dann huet nach den Här Gilles Roth d'Wuert gefrot.

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Jo, merci, Här President. Dat do ass e bëssen e Pingpongspill.

■ **Une voix.** - Jo.

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - An ech stellen der Regie-rung hei kloer d'Fro: Schléisst d'Regierung aus, dass se den nächste Mëttwoch e Lockdown fir déi Zäit duerno decidéiert, jo oder nee?

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Wuert geet zréck un d'Regierung.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, mir kënnen nach eng hallef Stonn Pingpong spillen. Alkéiers, wa mer äntwe-ren, ass nees Parole après ministre. Mir hu gesot: Mir wëllen d'nächst Woch eng Estimatioun maa-chen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Äntwert just!

(**Interruptions**)

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Mir sollen d'nächst Woch, wéi gesot, Här President, a Rou ... Hei gëtt direkt scho gesot: „Da sot eis: Kënnst e Lockdown d'nächst Woch oder net?“ Kommt, mir bleiwe roueg, ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Ma Dir hutt et annoncéiert!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - ... net aggressiv! Mir kucken zesummen



d'nächst Woch, wéi déi Appellen, déi mir zesumme gemaach hunn ... Well d'Leit hunn net gewaart ... Pardon, ech wëll elo net falsch verstane ginn, Här President, an der Chamber. Mee d'Bierger hunn net gewaart, dass deen Text haut gestëmmt gëtt, fir och hir Gewunnechten déi lescht Deeg ze änneren. An ech si ganz frou doriwwer!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. Ech mengen, et ass elo alles gesot.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Dat ass keng Äntwert, keng Äntwert!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Här President ...

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Wannechgelift, wann Är Leit hannendru géifen net méi haart schwätze wéi Dir, da kéint Der d'Wuert kréien.

■ **M. Gilles Roth (CSV).** - Här President, ech widderhuelen dann nach eng Kéier d'Fro: Kënnt oder decidéiert den nächste Mëttwoch d'Regierung e weidere Lockdown, jo oder nee? A wa se jo seet, si géif anticipéieren, si géif sech beruffen op d'Waasserwäerter, ma da misste jo elo scho Waasserwäerter virleien, op deenen d'Regierung decidéiert, ob se e weidere Lockdown mécht, jo oder nee. Dat interesséiert net nëmmen d'Bierger, mee, ech mengen, dat interesséiert Honnerten, wann net Dausende Kleng- a Mëttelbetriber.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech mengen, déi Fro, déi war beäntwert.

(Hilarité)

Madamm Gesondheetsministesch.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Déi ass am Fong scho ganz oft beäntwert ginn. Ech mengen, dass ech konstant ëmmer ee Saz hunn, wann ee mech dat do freet - dat ass eng Fro, déi vill vun der Press gestallt gëtt -: An dëser Pandemie kann een näischt ausschléissen. Dës Regierung schléisst näischt aus an dëser Pandemie!

■ **Une voix.** - Voilà!

■ **Une autre voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Mir maachen alles, fir et ze verhënnere.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Premierminister.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, mir hunn dës le départ gesot - an ech hoffen, dass dat e gemeinsame But ass, dee mer eis ginn hunn -: Wa mer wëssen, wéi en Impakt de Lockdown hat, ech schwätzen elo net wirtschaftlech, mee och op d'Mënschen, op ons Bierger ... Wéi eng Mesuren ... Hei gëtt scho gesot, dass déi Restriktionen, déi mer haut jo - an ech hoffen - zesumme stëmmen, scho Restriktionen sinn. Duerfir solle mer alles maachen, fir dee Lockdown ze evitéieren! A mir wäerte weider alles maachen, fir dee Lockdown ze evitéieren. An dowéinst, wéi gesot: Mir waarde bis d'nächst Woch fir ze kucken, ob d'Zuele weider steigen oder net. An da musse mer och de Spigel virun d'Aen huelen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Premierminister. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kënnen elo zum Vott kommen. Et ass gefrot ginn den Artikel 48 vum Chambersreglement geltend ze maachen an e Vote séparé iwwert den Artikel 3 ze maachen. Dës Demande ass recevabel.

Vote séparé sur l'article 3 du projet de loi n° 7683

Da stellen ech d'Fro: Wien d'accord ass mat dem Artikel 3 vum Projet de loi, dee soll mat Jo stëmmen. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Wien d'accord ass mam Artikel 3, soll mat Jo stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domat ass de Vott ofgeschloss.

Den Artikel 3 huet dann 31 Jo-Stëmmen, 8 Nee-Stëmmen an 21 Abstentionen.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt (par M. Gilles Baum), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

Domadder kënnen mer dann zum Vott vun deem gesamte Projet de loi kommen, d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7683. Den Text steet am Document parlementaire 7683⁹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7683 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dësé Projet de loi mat 31 Jo-Stëmmen, 8 Nee-Stëmmen an 21 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt (par M. Gilles Baum), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener (Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zur Diskussion respektiv zum Vott vun der Motioun, déi vum Här Sven Clement deposéiert ginn ass.

Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Georges Engel huet d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo, merci, Här President. Merci och dem Sven Clement fir déi Motioun, déi ganz pertinent ass an déi och ganz richtig ass. Et geet jo hei drëms, fir d'Demande fir de Chômage partiel, déi ee fir de Mount November schonn den 12. Oktober hätt missen eraginn - an et wousst ee jo net, wat hei géif alles gestëmmt ginn -, dass dat soll verlängert ginn op den 12. November.

Eppes, wat den Här Clement awer net konnt wëssen, wéi en déi Motioun hei gestallt huet, dat ass, dass gëschter am Comité de conjoncture déi dote Moossnam scho geholl ginn ass, zwar net mam Delai bis den 12. November, mee bis de 5. November, an dass de Communiqué haut erausgeet. Dat konnt hien natierlech net wëssen, soudass déi Mesure, déi den Här Clement hei proposéiert, u sech ëmgesat ass. An duerfir brauche mer déi Motioun hei net ze stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Engel. D'Wuert geet zréck un den Auteur vun der Motioun. Här Clement, wannechgelift.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Merci och dem Här Engel, deen hei op e Communiqué vum Comité de conjoncture verweist, deen eis jo nach net konnt virleien. Ech wëll awer drop hiweisen, datt e Vott vum Comité de conjoncture no menger Lektür vum Gesetz, nämlech dem Code du travail, Artikel L. 511-6, net duergeet, fir deen Delai ze verlängeren, mee datt et heifir en Acte législatif, e Gesetz bräicht, dat deen Artikel géif fir ee Mount ausser Kraaft setzen.

Dofir ass déi Motioun hei net iwwerflësseg. Tout au contraire, se ass néideg, fir d'Regierung nach eng Kéier ze appelléieren, eis ganz séier esou en Text virzeleeën, fir datt mer kënnen doriwwer ofstëmmen a fir datt mer deene Leit, déi hei betraff sinn, hëllefen, an zwar legal kënnen hëllefen an net nëmmen à la va-vite, wou et herno rechtlech Onsécherheete ginn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Clement. Dann hat d'Madamm Hansen d'Wuert gefrot.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Jo, merci, Här President. An ech wëll de Piraten och Merci soe fir dës Motioun, well déi ass immens wichteg. An dofir wäerte mer déi och ënnerstëtzen. Déi soll och hei ofgestëmmt ginn a mir wäerten déi stëmmen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Hansen. Da ginn ech d'Wuert zréck un den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci fir déi Wuertmeldungen. Den Här Clement seet, wa mer déi Motioun hei stëmmen, da wär d'Regierung opgefuerdert, fir dat ze maachen. Déi Motioun hei ass och kee Gesetz.

(Interruption)

Déi Motioun fuerdert just d'Regierung op. An d'Regierung ass opgefuerdert. Dat ass decidéiert iwwert de Comité de conjoncture. Dat heescht, dat leeft alles. Dat brauche mer also net ze stëmmen. Ech géif proposéieren, déi Motioun hei net ze stëmmen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools.

Ech mengen, da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Dann ass dës Motioun mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 28 voix pour et 31 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt (par M. Gilles Baum), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener (Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm.

Déi nächst Sitzunge si viraussichtlech den 11. an 12. November. Merci villmools. E schéinen Owend!

(La séance publique est levée à 17.18 heures)



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

4. Discours de M. le Président

- M. Fernand Etgen, Président

5. Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur la politique européenne et étrangère

- M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Au banc du Gouvernement se trouve : M. Jean Asselborn, Ministre.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?



■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Nee, Här President.

2. Communications

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech hu follgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projets de loi souwéi vun de Projets de règlement grand-ducal, déi säit der leschter

Sitzung deponéiert oder vum Rôle gestrach gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 11 novembre 2020

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7690 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19

Dépôt : Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur, le 02.11.2020

7691 - Projet de loi portant modification

1° du Code de procédure pénale